



/DE FUUSS

INFORMATIONEN AUS DER
GEMENG WALDBËLLEG

2015



12

IN
TE
RN

INFOS INTERNES

28

POLI
TI
K

POLITIQUE

60

KLI
MA
PA
KT

PACTE CLIMAT

81

KUERZ
NO
TEI
ER
T

À NOTER

96

BEI
EIS...

DE CHEZ NOUS ...

131

SCH
OU
L

ÉCOLES

159

V
ER
ÄI
NER

ASSOCIATIONS

200

KU
L
TU
R

CULTURE



LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER,

mir si frou, lech DE FUUSS 2015 kënnen ze presentéieren, deen lech a groussen Zich iwwer dat informéiert, wat vum 29. August 2014 bis haut an eiser Gemeng geschitt ass.

Mir hoffen, datt dësen DE FUUSS lech gefällt a wënsche vill Spaass beim Liesen! Och dëst Joer kënt Dir DE FUUSS um Smartphone oder um Tablet liesen, wann Dir de QR-Code op der Säit 259 scannt. De kleng Fuuss, deen sech dat lescht Joer um Cover vum DE FUUSS 2014 gewisen huet, ass queesch duerch dës Publikatioun verstoppt. Ween erausfënn, wéivill Mol de Fuuss sech am DE FUUSS (de Logo vun der Gemeng zielt do net mat) verstoppt huet, gewënnt ee Kuerf mat regionale Produkter am Wäert vu 75 €. Detailler iwwert de Quiz fa nnt Dir op der Säit 256.

De Cover soll eis Loscht op de Summer maachen. D'Blummen an hirer Pracht virum Hentgesbau bréngen eis Faarf an den Alldag a begréissen all Mënsch, deen op d'Gemeng kënt. Den Hentgesbau heescht d'Leit Wëllkomm, an ass eng Plaz, wou een sech begéine kann. Bis Enn des Jores wäerten **d'Aarbechten vun der „Charte graphique“ an der „Corporate Identity“**, also der neier Aussenduerstellung vun der Gemeng ofgeschloss ginn. Den **Imagefilm** gëtt Enn des Jores fäerdeg an op der neier Internetsäit publizéiert. D'Aarbechten un der neier **Internetsäit** hunn ugefaangen. Mir wëllen eng 1. Versioun bis Enn 2015, spëtstens am Fréijor 2016 erausbréngen. Natierlech ass eng Internetsäit lieweg a wäert duerno au fur et à mesure aktualiséiert a méi komplett gemaach ginn.

Wat de **politische Compte rendu** ugeet, fänkt dës Nummer vum „DE FUUSS“ mat der Gemengerotssëtzung vum 7. Oktober 2014 un. Sou ass d'Kontinuitéit vun der Informatioun garantéiert. De Gemengerot koum am Ganze fir 7 Sëtzungen an 8 Aarbechtssëtzunge vum 7. Oktober 2014 bis haut beieneen. De Gemengebudget fir 2015 fannt Dir op de Säiten 41 bis 47 a groussen Zich resuméiert.

Den **neie Gemengenatelier an den neie Pompjeebau** si säit engem gudden Joer am Gebrauch. Kleng Aarbechten goufen nach erleedegt, an zum Schluss ass d'Fassade vum Gemengenatelier nach eng Kéier komplett gebotzt ginn. De **25. September 2015 ass déi offiziell Aweiung** vun de Gebailechkeeten. De **26. September 2015** organiséieren d'Pompjeeën aus der Gemeng ee flott Fest op hirem Site, mat diversen Evenementer. Op de Säiten 178 bis 179 fannt Dir den Detail vun där schéiner Manifestatioun. **De 26. a 27. September 2015 ass all Kéier mëttes „Porte Ouverte“**, wou all interesséiert Leit sech de ganze Site ukucke kënnen. D'Detailler iwwert dee Weekend



CHÈRES CITOYENNES, CHERS CITOYENS,

En tant que membres du conseil échevinal de la Commune de Waldbillig, nous sommes enchantés de vous présenter l'édition 2015 du bulletin de liaison de la commune, DE FUUSS (Le Renard), qui vous informe des actualités de la commune depuis le 29 août 2014.

Nous espérons que cette publication vous plaira et vous souhaitons une lecture passionnante et divertissante. Une version informatique est disponible en scannant le code QR à la page 259. Vous pouvez participer à un concours qui permettra au gagnant d'avoir une corbeille remplie de produits régionaux. Il s'agit de répondre à la question: Combien de fois la présente publication contient-elle le petit Fuuss, le renard, que portait en couverture l'édition de l'année passée ? Ne sont pas comptés les renards affichés par le logo de la commune. Vous trouverez de plus amples informations sur ce petit concours à la page 256.

*La couverture de la présente édition est digne d'un bel été. À la maison communale, le Hentgesbau, les fleurs exubérantes enjolivent l'accueil à l'administration communale qui est un lieu de rencontre des citoyens. Les représentations symboliques de la commune, la **charte graphique** et la «corporate identity» seront disponibles en fin 2015. Une description visuelle par un **film** sera accessible sur le site Internet qui connaîtra une toute nouvelle présentation au plus tard en 2016 et qui continuera à être adapté au fil des années.*

*Le **compte rendu politique** débute avec la séance du conseil communal du 7 octobre 2014 qui faisait suite aux réunions décrites par le FUUSS 2014. Il y eut sur les douze mois 7 réunions régulières et 8 réunions spécifiques du conseil communal. Le budget communal est décrit dans ses grandes lignes aux pages 41 - 47.*

*Les **nouvelles infrastructures de l'atelier communal et celles des sapeurs-pompiers** ont été finalisés et sont en usage depuis une année. **L'inauguration officielle aura lieu le 25 septembre 2015**. Le **26 septembre**, une fête sera organisée par les pompiers sur leur site, décrite aux pages 178 et 179, avec une **porte ouverte les après-midis des 26 et 27 septembre**. Une invitation avec les détails de ces manifestations sera distribuée à tous les foyers. Les sapeurs-pompiers disposent depuis octobre 2014 d'un nouveau camion-citerne ayant une capacité de 2000 litres. Il est évidemment primordial qu'un corps de pompiers puisse s'appuyer sur du matériel de première qualité afin d'être à même d'intervenir le mieux possible en cas de besoin.*

komme mat enger Invitatioun an all Haus. Am Oktober 2014 ass den **neien TLF 2000** (Tanklöschfahrzeug 2000 Liter) geliwert ginn. Dëse schmoecke Camion ass schonn am Asaz an erméiglecht eise Pompjeeën mat engem héich moderne Gefier op hir Asätz ze fueren. Ee gudden Corps brauch gutt Material, fir eng beschtméiglech Hëllef am Noutfall kënnen ze leeschten.

D'Renovatiounsaarbechten un der **Waldbëlleger Kierch** ginn am Hierscht esouwäit ofgeschloss. D'Freske si fäerdeg renovéiert, den Daach ass nei gedeckt, d'Fassaden- an Elektroarbechte sinn esouwäit ofgeschloss. De Fäinschlëff ass am Gaang. De relativ sobere sakrale Bau strahlt am „neie Frack“ a soll an Zukunft fir kulturell, weltlech a sakral Manifestatiounen déi richtig Plaz sinn. Dëst zukünftegt nationaalt Monument ass een architektoneschen a konschthistoresche Bijou, an deen Enn des Jores nees Liewen anzéie soll. Am Oktober 2015 gëtt eng nei Päifenuergel installéiert, déi d'Uergelfrënn vu Waldbëlleg kaaft hunn an déi si ënnerhalen. Am Hierscht fänkt dann de Chantier hannert der Kierch un, wou ee befuerbaren Accès gemaach gëtt. Domadder gëtt ee behënnertegerechten Zougang garantéiert, an et kann och Material fir kulturell Manifestatiounen besser op de Site transportéiert ginn. Am Hierscht gëtt woch d'Toilett bei der Kierch fäerdeg installéiert ginn.




Waldbëlleger Kierch



Gemengenatelier a Pompjeesbau

La rénovation de l'Église de Waldbilling touche à sa fin. Les fresques sont restaurées, la couverture des toits et la façade sont renouvelées, les installations électriques refaites ; les finitions sont en cours. La structure sobre de cet édifice sacré revêt une splendeur inédite qui sera le digne cadre de manifestations culturelles, sacrées ou profanes ; notre commune jouit là d'un bijou architectonique et artistique qui sera reconnu sous peu comme monument national. L'orgue de chœur sera installé en octobre 2015, grâce aux Amis de l'orgue de Waldbilling, qui l'ont acquis et qui en assumeront l'entretien. Dès cet automne commencera le chantier pour la construction d'un accès carrossable derrière l'église qui rendra possible tant l'accès aux personnes à mobilité réduite que la livraison de matériaux. Il y aura également une toilette sur le site.



D'Erneuerung vun der Hentgesstrooss ass esouwäit fäerdeg. Nom Kollektivcongé kommen nach den 2. Stroossebeleg a kleng Aarbechten drun an dann hunn d'Awunner no laanger Zäit mol nees hir Rou. Hinnen all ee grouse Merci fir hir Gedold während deem Chantier! Ee groussen Deel Reewaasser wäert esou an Zukunft net méi an d'Kläranlag, mais an d'Bëlleger Baach fléissen. Domadder gëtt déi iwverlaaschte Kläranlag ee bëssen entlaascht. All uewerirdesch Infrastrukture wéi Elektresch a Postleitungen sinn an de Buedem ageluecht ginn. D'Hentgesstrooss ass elo eng schéi Wunnstrooss ginn. An Zukunft wëlle mir hei och nach eng 30er Zone ageféieren, an da léisst et sech gutt an deem Eck vu Waldbëlleg liewen.

Enn 2014 ass d'Déngschtwunneng bei der **Maison relais** fräi ginn. Dës Infrastruktur gëtt ëmgebaut an dann huet d'Maison relais méi Plaz. Och fir d'Personal steet do an Zukunft eng Plaz zur Verfügung fir sech auszerouen an de Pausen. Laanscht d'Trapen erop fir an d'Maison relais ass un d'Gelänner nach een zousätzlecht kannergerecht Gelänner ubruecht ginn. D'Maison relais muss bis 2018 un nei staatlech Regele fir d'Infrastrukturen ugepasst ginn. D'Planunge fänken den Hierst un.

Wat d'**Flouerweeër** ugeet, ass de Wee Kampesheck-Hierdegaarden, direkt bei der Hentgesstrooss, an een Deel vum Wee Kelleschhaff-Schedhaff erneiert ginn. Och ass d'Ausfahrt beim Pompjeesbau méi breet gemaach ginn.

Kampesheck - Hierdegaarden



Bei der **Spillschoul** ass eng **Klunsch** gebaut ginn. No deems d'Gemeng dem „Label Sécher Spillplazen“ bäigetrueden ass, huet déi al Rutsch misse fortkommen, well se net méi de Sécherheetsnormen entsprach huet. Hannert der Schoul ass de **Sentier pédagogique** erweidert ginn, andeems Panneauen dohinner komm sinn, wou d'Kanner op der Plaz d'Ëmwelt erkläert kréien. Bei de Kraidergaart ass e klengt Gaardenhaische komm mat Waasseruschloss an allem, wat fir ee Schoulgaart gebraucht

Hentgesstrooss



La **remise en état de la rue André Hentges** est pratiquement achevée, à la grande joie des habitants qui avaient dû s'armer de beaucoup de patience face aux inconvénients de ce long chantier. Les eaux de pluie s'écouleront désormais dans le ruisseau et non plus vers la station d'épuration ce qui constitue un délestage considérable de celle-ci. Les infrastructures électriques et postales ont été déplacées sous terre. La rue André Hentges reprendra son rôle paisible de voie résidentielle qui offre une belle qualité de vie à ses habitants. La mise en place d'une limitation de vitesse à 30 km/h est prévue dans un avenir proche.

La libération du logement de service de la **maison-relais** en fin 2014 permettra d'agrandir celle-ci. Il y aura en sus une pièce qui permettra au personnel de prendre du repos pendant les pauses. Les balustrades des escaliers extérieurs menant vers l'entrée principale de la maison-relais ont été adaptées aux petits enfants. En 2018, la maison-relais devra répondre à de nouvelles exigences légales ; dès cet automne, la planification y relative prendra cours.

Certains **chemins ruraux** ont été renouvelés, celui de «Kampesheck-Hierdegaarden» près de la rue André Hentges ainsi qu'une partie du chemin reliant «Kelleschhaff» à «Schedhaff» entre Waldbillig et Freckeisen. La sortie des hangars des pompiers vient d'être élargie.

Dans la cour du **préscolaire**, une balançoire a été installée selon les normes du label des aires de jeux sécurisées «Label Sécher Spillplazen», en remplacement d'un ancien toboggan non conforme aux dispositions de sécurité. Le **sentier pédagogique** derrière l'école fut complété par des panneaux expliquant l'environnement naturel aux enfants. Une cabane a été posée au jardin de plantes aromatiques, avec raccordement d'eau et tout ce qu'il faut pour gérer un tel jardin où les enfants y apprennent à cultiver les légumes et les herbes. Il en est de même à Haller avec un petit jardin à la disposition de l'éducation précoce. Nous remercions l'association des parents d'élèves qui a financé l'un desdits panneaux.

gëtt. Op eng spilleresch Aart sollen d’Kanner hei léieren, Geméis a Kraider unzebauen. Och am Precoce zu Haler an an der Spillschoul kréien d’Kanner dat gewisen. Der Elterevereenegung soe mir ee grouse Merci, datt si een Informatiounspanneau gestëft hunn.



Spillplaz Zentrum Chrëstnech

D’Aarbechten am **Zentrum vu Chrëstnech** sinn e-souwäit fäerdeg. Dëse Projet gouf cofinanzéiert iwwert den europäesche Förderprogramm fir d’Entwécklung vum ländleche Raum. Eng Spillplaz fir kleng Kanner, mat engem Kiosk a Sëtzegeleeënheeten sollen déi Duerfplaz nach verschéineren. Dës Spillplaz gëtt konform gebaut no de Critère vum Label „Sécher Spillplazen“. D’Gemeng wëllt d’Leit invitéieren, sech do ze begéinen. Eng Duerfplaz soll net nëmme sober ausgesinn, mais et soll eng Plaz sinn, wou ee gären higee, wou ee sech begéinen a Fräizäit verbréngen kann, déi Kleng grad ewéi déi Grouss. Schéi war ze gesinn, wéi an der hëtzegeger Zäit deen een an aneren sech am Buer ee bëssi ofgekillt huet. Eise Fierschter Théo Moulin a seng Leit wäerten der Plaz zu Chrëstnech de leschte Schléff ginn an dat mat bal lauter natierleche Materialien. Op der Kiercheplaz, direkt laanscht d’Mauer un der Haaptstrooss ass schlussendlech geplangt, fir zwou Parkplazen fir Persounen mat reduzéierter Mobilitéit ze bauen.

Direkt nieft dem Fussballterrain ass ee **Beachvolleyballfeld** gebaut ginn. Dës Plaz ass an de gudde Méint permanent zougängelech.



Sentier pédagogique

Les travaux au **centre de Christnach** seront bientôt terminés. Ce projet est cofinancé par un programme européen soutenant le développement des régions rurales. La place du village sera agrémentée par un kiosque, des bancs et d’une **aire de jeux pour petits enfants** qui bien entendu sera conforme au label de sécurité prémentionné. La commune souhaite inciter les citoyens à fréquenter ce lieu de rencontre, une place du village accueillante pour tous les habitants, les petits et jeunes comme les plus âgés. Cet été déjà, il a été encourageant d’en voir profiter de la fontaine pour se désaltérer et se rafraîchir. Le préposé forestier de la commune Théo Moulin et son équipe ont commencé avec le finissage de la place du village de Christnach et utiliseront des matériaux biologiques et naturels. Sur la place près de l’église, deux places de stationnement seront réservées aux personnes à mobilité réduite dans une avenir proche.

Un **terrain de Beach volley** côtoie depuis peu le terrain de football à Christnach et est accessible durant les mois d’été. Près de l’aire de jeux en amont du terrain de foot, une cabane servira de buvette lors de manifestations et, pour les autres moments, de dépôt pour les machines et les outils nécessaires pour l’entretien de l’aréal récréatif.

Beachvolleyball Chrëstnech



Nieft dem Konschtwuessterrain ass eng kleng Hütt gebaut ginn, déi als kleng Buvette bei Manifestatiounen op där Plaz genotzt gëtt, an dernieft als Ofstellraum fir Gerätschaften.

An der Sëtzung vum 18. Dezember 2014 huet de Gemengerot decidéiert, fir Member am **zukünftege Naturpark Mëllerdall** ze ginn. Eis Gemeng wëllt hiren Undeel un der Entwécklung vun eiser Regioun iwwerhuelen. De 6. Juli 2015 huet de Gemengerot decidéiert, bei der neier **LEADER-Period vum 2015-2020** matzemaachen. Vill schéi Projeten sinn iwwert de LEADER hei an der Regioun entstan.

D'Basiskonzept fir eng **erlebnispädagogesch Spillplaz am Mëllerdall** um Site vun der Heringer Millen ass ofgeschloss. Dëse Projet gouf vum LEADER ënnerstëtzt. Am Hierscht geet et elo mat der Detailplanung lass, fir datt de Gemengerot séier ee Gesamtprojet stëmme kann, deen dann a verschiddene Phasë realiséiert gi kann. Dëst wäert eng Attraktioun méi am Mëllerdall ginn. Ëmmer méi Leit fannen esou de Wee heihinner. De Mëllerdall läit zum gréissten Deel an diversen Ëmweltschutzzonen an ass ee sensibelt Gebitt. D'Gemeng an déi verschidde staatlech Autoritéiten si sech iwwert déi zukünfteg Ausrichtung vum Mëllerdall eens ginn. All Investissementsvirschléi, déi eng touristesch Notzung proposéieren, dierfen ënnerstëtzt ginn. Neie Wunraum (Appartementer, nei Haiser, CIPA, etc.) soll hei keen entstoën.

Den **Trëppelwee vum Parking bei de Schéissendëmpel**, a vun un do a Richtung Heringer Millen gëtt renovéiert. Duerch Wiederëmstänn huet dee bekannte Wee ganz staark gelidden a gréisser Aarbechte sinn do néideg. D'Gemeng kritt do eng maximal Ënnerstëtzung vum Wirtschaftsministère (Direktioun vum Tourismus). De Staat ass sech der touristescher Wichtigkeet vum ganze Site vum Schéissendëmpel an Heringer Millen bewusst. D'Zesummenaarbecht tëscht der Gemeng, der Natur- a Forstverwaltung, dem Waasserwirtschaftsamt, dem Ëmweltministère an dem Wirtschaftsministère si ganz konstruktiv an droen zur Fërderung vum Tourismus am Mëllerdall bei.

Dat neit **Lokal fir d'Jugend aus der Gemeng** hëlt ëmmer méi konkret Formen un. Banne sinn déi meescht Aarbechten ofgeschloss a geschwë kënnen d'Raim ageriicht ginn. Bausse gëtt nach eng Plattform gebaut, déi e behënnertegerechten Zougang an dat neit Lokal erméiglecht. Enn des Jores wäert d'Jugend aus der Gemeng an déi nei Raimlechkeete plënnere.

Le 18 décembre 2014 le conseil communal décida que la commune sera membre du **futur parc naturel du Mullerthal** et contribuera ainsi au développement de la région. Le 6 juillet 2015 le même conseil décida de proroger pour une nouvelle période de 2015 à 2020 la collaboration au projet LEADER qui, dans le passé, a initié de belles réalisations dans notre région.

La **future aire de jeux près de la Heringer Millen**, le moulin à Mullerthal, sera fondée sur la pédagogie active; le concept vient d'être élaboré dans le cadre d'un projet LEADER. La planification concrète débutera en automne afin que le conseil communal puisse agréer le projet. Celui-ci sera alors réalisé dans plusieurs phases dans les années à venir et constituera une attraction de plus sur le site du Mullerthal qui attire un nombre croissant de touristes. Ce site se situe dans un environnement sensible et protégé dont bénéficient les touristes dans le cadre d'un développement prudent appuyé par les instances communales et nationales. Il n'y aura pas de nouvelles constructions d'habitations, ni appartements, ni maisons individuelles, ni maisons de retraite.


Konzept Spillplaz Mëllerdall



La **promenade du parking vers le «Schéissendëmpel»** sera remise en état car elle a été endommagée par les intempéries. Ces travaux d'une importance notable seront financés avec l'aide du Ministère de l'Économie (Direction générale du Tourisme) qui a souligné l'importance touristique du site. La commune profite d'une coopération constructive et fructueuse avec l'Administration de l'Environnement, l'Administration de la gestion de l'eau, le Ministère de l'Économie et le Ministère du Développement durable et des Infrastructures.

Le **nouveau local pour les jeunes à Christnach** se concrétise. Les gros œuvres sont terminés et l'aménagement intérieur est imminent. Il faut encore réaliser l'accès pour les personnes à mobilité réduite. Les jeunes y emménageront vers la fin de l'année 2015.

Neit Lokal fir d'Jugend aus der Gemeng



De **Service Heinzelmännercher** huet sech etabliert. Zënter dass d'Gemeng Member ass, si schonn 832 Stonnen bei eelere Leit gemaach ginn am Joer 2014, an 737 Stonnen 2015 just bis an de Juni. Wann Dir un deem Service interesséiert sidd, da fannt Dir den Detail op der Säit 88. De **Bummelbus** ass och bei eis etabliert säit 2012. Am Joer 2014 ass en 1.470 Mol gefuer fir Bierger aus eiser Gemeng 2015, bis den 30. Juni, ass de Bummelbus scho 799 Mol hei ennerwee gewiescht. Méi Detailer an eng Info iwwert d'Weiderentwécklung vum Service fannt Dir op der Säit 87.

Am **Dossier „Waasser“** huet zu Haler de Chantier vun der Erweiderung vum **Zentralbasseng** vun der Gemeng ugefaang (cf. Detailer iwwert de Waasserdossier am DE FUUSS 2013, Säiten 18-23). De Chantier fir d'**Réngleitung vun Haler** fänkt am Hierscht un. Do gëtt dann och profitéiert, fir Elektrizitéit op de Site vum Zentralbasseng ze kréien. Am Baudossier mat dran ass och d'**Erneuerung vum Wee vum Fléckenhaff bis bei de Basseng**, nom Ofschloss vun den Aarbéchten un der „Réngleitung“. Da si mir och frou, datt mir d'Zouso vum Ëmweltministère a vum Departement Transport vum Nohaltegkeetsministère kruten, fir datt **2016/2017 d'Strooss téscht Haler a Suewelbuer** endlech erneiert gi soll. Mir hunn do a verschiddene Reuniounen am „Héichhaus“ (Grousse Kueb) an der Stad missen Iwwerzeegungsaarbecht leeschten, zesumme mat de Kollegen aus der Gemeng Ärendzall. D'Verbindung téscht eisem Behälter an dem neie Behälter „Firtchen“ muss realiséiert ginn, fir och déi Suewelbuerer a Freckeisener Leit endlech mat „Mëllerdallerwaasser“ versuergen ze kënnen. De Faktor Waasser huet déi responsabel Ministeren iwwerzeegt. Den Avant-projet de règlement grand-ducal iwwert d'**Quelleschutzgebitt an eiser Gemeng** gouf eis virgestallt an driwwer diskutéiert. Am Hierscht geet deen Text duerch de Regierungsrat a bei de Staatsrat. Zesumme mat de Gemenge Bäerdref, Fëschbech an Ettelbréck hëlt eis Gemeng un engem Pilotprojet vum Waasserwirtschaftsamt deel, fir ee Moossnahmekatalog z'entwéckelen, deen a Kraaft trëtt wann eis Quellschutzgebitt offiziell ausgewisen ass.



Le **service des «Heinzelmännercher»**, des lutins, a pris son essor. 832 heures en 2014 et déjà 737 heures à la mi-année 2015 ont été dévouées à l'aide de personnes âgées pour des besognes journalières ou de menues réparations. Vous trouverez les données de contact de ce service à la page 88. Le busphone «Bummelbus» a effectué 1.470 transports pour des habitants de notre commune en 2014 et 799 trajets pour les premiers six mois de 2015. Les informations relatives à ce service se trouvent à la page 87.

Pour ce qui est des **dossiers de la gestion de l'eau**, l'élargissement du bassin central de la commune a commencé (cf. le dossier y afférent du FUUSS 2013, pages 18 à 23). Le chantier de l'assemblage des eaux à Haller débutera en automne. On en profitera pour approvisionner le bassin central en électricité et pour refaire à la fin de ce chantier le chemin qui le raccorde au Fléckenhaff et à la route de Haller à Savelborn. Le Ministère du Développement durable et des Infrastructures a finalement donné son accord pour procéder enfin en 2016-2017 à la réfection de la route de Haller à Savelborn qui est en bien piètre état. C'est avec le soutien des collègues de la Commune de la Vallée de l'Ernz que nous avons réussi à convaincre les instances concernées de la nécessité de ces travaux. Le raccord du bassin central et de celui de Savelborn permettra finalement d'approvisionner les habitants de Savelborn et de Freckeisener par l'eau du Mullerthal, d'une qualité bien supérieure à celle qu'ils utilisent actuellement. L'avant-projet de loi portant sur la zone de protection des sources d'eau potable de notre commune nous a été présenté par les instances responsables et nous l'avons discuté; ce texte sera agréé en automne par le Gouvernement en conseil et transmis au Conseil d'État pour avis. Un projet pilote des communes de Berdorf, Fischbach, Ettelbruck et de la nôtre développe des mesures spécifiques qui seront à mettre en vigueur avec ce texte réglementaire et tendant à protéger davantage les sources importantes d'eau potable au Mullerthal.

Nieft der Waasserversuergung ass d'**Ofwaasserentsuergung** een zentraalt Thema am vergaangene Joer gewiescht. Den 29. Juni huet de SIDESt (den Ofwaassersyndikat Osten) 2 Etude-préalablë gestëmmt, déi de Bau vun enger neier **Kläranlag zu Waldbëlleg an zu Chrëstnech** virgesinn. D'Kläranlag zu Waldbëlleg ass vun 1978 a gëtt elo vu 500 Einwohnergleichwerten op 1.300 Einwohnergleichwerten erhéicht. An déi Kläranlag fléisst och d'Ofwaasser vum Mëllerdall, wou dann och dem Méi u Leit an der Touristesaison Rechnung gedroe gëtt bei den Einwohnergleichwerten. Den Ofwaasserkollekter vu Waldbëlleg gëtt vergréissert op enger Längt vun 1.000 Meter. Derbäi kommen nei Kanalisatiounen iwwert 130 Meter, déi d'Reewaasser an d'Baach ofleeden an net méi an d'Kläranlag. Well de Site vun der Kläranlag matten am Quelleschutzgebitt läit, mussen do zousätzlech Schutzmesure gebaut ginn. D'Sich no engem neier Site fir eng Kläranlag zu Waldbëlleg an eng eventuell dezentral Léisung (Ofwaasser iwwert ee Kollekter un d'Kläranlag an enger aanerer Gemeng uschléissen – Beispill Haler-Beefort) goufe vum Waasserwirtschaftsamt verworfen. Déi nei Kläranlag zu Waldbëlleg gëtt op en Invest vun 8.000.000 € geschätzt. De Staat géif dovun 65 % vun de subventionnablen Käschten iwwerhuelen. Well d'Genehmigungsprozedur fir Kläranlage relativ zéi a laang sinn, wäert et nach ee Strapp daueren, bis de „Bagger rullt“. Bis dohinner gëtt déi iwwerlaaschte Kläranlage ënnerstëtzt duerch 2 mobil Unitéiten. De SIDESt huet déi bestallt a mir hoffen, datt déi nach 2015 opgeriicht kënnen ginn. Zu Chrëstnech gëtt d'Kläranlag vun 1979 vu 500 Einwohnergleichwerten op 1.000 Einwohnergleichwerten ausgebaut, an och do entsteet eng héichmodern nei Anlage, esou wéi se fir ee Quelleschutzgebitt virgesinn ass. De Gesamtinvest läit hei bei 5.450.000 €. D'Dossiere vun den 2 Kläranlage ginn elo an den nächste Jore finaliséiert. Fir dee groussen Invest ze verdeelen, bezilt d'Gemeng elo schonn all Joer ee gréissere Montant un de SIDESt.

Mir „spueren“ deemno elo schonn op deen Invest, deen an de kommende Joren gemaach gi muss. Wéini d'Chantiere fir déi 2 Kläranlage ufänken a wéini se ganz fäerdeg ginn, ass zum jetzegen Zäitpunkt onméiglech virauszeséien.

Kläranlag Waldbëlleg



*Ce n'est pas seulement l'approvisionnement en eau potable, mais tout aussi bien **l'élimination et l'épuration des eaux usées** qui importent au niveau de la gestion de l'eau. Le syndicat communal concerné SIDESt décida le 29 juin de commander deux études préalables préparant la construction de **deux nouvelles stations d'épuration**, l'une à **Christnach**, l'autre à **Waldbillig**. Cette dernière remplacera l'installation actuelle datant de 1978 et permettra de passer de 500 à 1300 équivalents-habitants (EH). Cette station accueillera les eaux provenant de Mullerthal et sera à même de supporter l'accroissement de la population en période estivale. Les conduites d'eaux usées seront prolongées sur plus d'un kilomètre, servant entre autre à ce que les eaux de pluie se déversent dans le ruisseau afin de délester le système d'épuration. Le site de la station se trouve en pleine zone protégée et il est donc nécessaire de prendre des mesures de protection spécifiques. L'idée d'une solution décentralisée consistant en la construction de collecteurs vers une nouvelle station d'épuration centrale pour plusieurs communes avait été rejetée par l'administration étatique de la gestion de l'eau.*

L'investissement de la nouvelle station à Waldbillig est estimée à 8 millions d'euros dont 65 pour cent seront assumés par l'État. Les procédures d'autorisation sont longues et beaucoup d'eau coulera jusqu'à ce que le chantier prenne son départ. D'ici-là, le système actuel sera étayé par des stations mobiles, commandées par le SIDESt et opérationnelles selon les estimations vers la fin de l'année en cours, début de l'année prochaine.

À Christnach, la capacité passera de 500 à 1000 EH; la nouvelle station correspondra aux normes en vigueur pour une zone protégée. L'investissement s'élèvera ici à quelque 5 millions et demi d'euros dont 65 pour cent seront assumés par l'État. Pour répartir dans le temps le paiement de ces sommes considérables, notre commune règle dès maintenant un montant annuel d'envergure au SIDESt et fait ainsi de l'épargne pour ces investissements futurs. Il n'est pas possible en ce moment de prévoir les dates exactes du début des chantiers des deux stations d'épuration.

Chantier Waasserbasséng zu Haler



Dat sinn intensiv Planungen a Realisatiounen, déi gemaach ginn am Beräich vun der Waasserversuergung an an der Ofwaassersuergung, zousätzlech zur Ausweisung vum Quelleschutzgebitt. Déi erméiglechen, datt d'Infrastrukture fir d'Waasser fir déi nächst Generatioun ofgesécher an um neiste Stand vun der Technik sinn.

Am Kontext vum **Klimapakt** si mir gutt virukomm mat der Bestandsopnam vum Verbrauch an den öffentleche Gebaier. Mir hunn eis dru ginn mam Pak vun den 79 Mesuren, déi de Klimapakt virgesäit. Nach 2015 melle mir eis u fir den 1. Level (40% Zertifizéierung) vun der Zertifizéierung fir eng nohalte Gestuon vun de Ressourcen an der Gemeng erreechen ze kënnen. Dëst ass en Ufank, a mir gi Schrëtt fir Schrëtt virun. Op de Säiten 61-64 kënnt Dir de Leetfuedem kucken, deen d'Gemeng sech ginn huet am Beräich Klimapakt. Alle Bedeel-egten een häerzleche Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an deem spannenden Dossier.

KlimaPakt

meng Gemeng engagiert sech

D'Aarbéchten un der **Verkéisersreform** sinn esouwäit ofgeschloss a kënnen am Hierscht an d'Prozedur goen. An 10 Sëtzunge koum den Aarbéchtsgrupp „Verkéisersreform“ beieneen an huet d'Verkéisersreglement vu Juli 1987 komplett iwwerschaaft. Vill Ureegungen huet dee Grupp kënne siche goen am Gespréich mat de Leit, mat de Kanner (Schülerparlament, Programm „Op Kannerféiss duerch d'Welt – Verkehrsdetektive unterwegs, Analysen Uni Kaiserslautern) a mat de staatlechen Instanzen (Reunioun am Departement vum Transport den 13. Juli 2015). Am Hierscht gi mir den Dossier an d'Approbatiousprozedur. Den 13. Juli hu mir an der Reunioun mam Ministère em eng zäitno Emsätzung gebieden, fir d'Reform 2016 definitiv um Ter-

La planification intensive et les réalisations considérables dans le cadre de la gestion de l'eau avec l'installation d'une zone de protection comme facteur qui accentue la complexité du dossier, permettront de garantir l'approvisionnement en eau potable et l'élimination des eaux usées pour la génération future.

Le programme du «pacte climat» s'implante successivement avec le relevé des consommations énergétiques et autres des infrastructures publiques de la commune et la réalisation de certaines des 79 mesures prescrites par ce pacte. La commune envisage dans les prochains mois de demander la certification au 1er niveau (40 pour cent) de la gestion durable des ressources naturelles. Les pages 61-64 vous présentent les lignes directrices de cette démarche. Nous voudrions remercier tous ceux qui ont contribué à faire avancer ce dossier passionnant.

PacteClimat

Ma commune s'engage pour le climat

*La préparation de la **réforme de la réglementation communale sur la circulation** touche à sa fin et les textes entreront dans la procédure officielle en automne. Dix réunions du groupe de travail ont permis de revoir de fond en comble le texte actuel datant de 1987. La participation des citoyens contactés par les membres de ce groupe, du parlement des élèves de l'école fondamentale, les analyses de l'université de Kaiserslautern et le dialogue avec les instances étatiques ont permis de boucler ce dossier épineux. Il est prévu que la réforme se matérialise au courant de l'année 2016. La problématique du trafic n'est pas complétement résoluble mais nous espérons qu'il y aura une nette amélioration. Il est certain que d'aucuns devront modifier leurs habitudes et que tout le monde ne sera pas en parfait accord avec les mesures prises. Mais cette réforme est nécessaire pour viser une meilleure sécurité sur nos routes et dans nos villages!*


*Le **PAG – Plan d'aménagement général** définit l'utilisation future des terrains, p.ex. s'il est admis d'y aménager des logements, des bureaux, des commerces ou des espaces verts tout en déterminant les dimensions des immeubles. Comme prévu par les lois 2004 et de 2011, le PAG de la Commune de Waldbillig a été révisé par le Collège échevinal en collaboration avec le Bureau d'urbanisme PACT de Grevenmacher ce qui pris 37 réunions, chacune d'une demi-journée pour maîtriser cette matière complexe. Lors de 9 réunions, le conseil communal a rencontré la commission des bâtisses afin d'éclaircir des points litigieux. Trois réunions avec les ministères concernés ont permis de clarifier certains détails. Le 15 juillet 2015 eut lieu une première réunion d'information pour*

rain realiséieren ze kënnen. Mir kréien d'Verkéiersproblematik net definitiv geléist, dat ass onméiglech, mee Zil vun der Reform ass eng Verbesserung vun der haiteger Situatioun. Natierlech wäerten déi verschidden Upassungen och fir verschidde Leit eng Ännerung vun hire Gewunnechte bedeiten, an dat wäert eventuell net jidferengem gefalen. Ouni dat brauche mir awer guer net vu Verkéierssicherheit ze schwätzen. An deem Dossier si mir all gefuerdert!

D'Aarbechten um **neie Bebauungsplang (PAG – Plan d'aménagement général)** sinn no bal 4 Joer ofgeschloss an d'Dossiere preparéiert ginn, wéi d'Gesetzter vun 2004 an 2011 et virschreiwten. Säit 2012 huet de Schäfferot mam Bureau d'urbanisme PACT vu Gréiwemaacher a 37 Réuniounen (déi jee-weils all Kéier ee ganze Moie gedauert hunn) un där komplizéierter a komplexer Matière geschafft. 9 Reunioune mam „grousse Grupp PAG“ (Gemengerot a Bautekommissioun) goufe gehalen, fir d'Richtung vun der Analyse ze definéieren an déi eenzel Punkten ofzeklären. 3 Réunioune mat den 2 zoustännege Ministère goufe gehalen, fir Detailpunkten ofzeklären. Ongezielt sinn déi vill Telefonater an E-Mailen. De 15. Juli 2015 gouf am Virfeld vum Lancement vun der offizieller Prozedur eng 1. Informatiounsversammlung um Hentgesbau gehalen iwwert deen neie PAG (haauptsächlech déi emwelttechnesch Mesuren déi an den neie PAG afléisse mussen gounge erkläert – Conventioun Aarhus Kontext.). Wa keen Imprévu méi dertëscht kënn, da kënn de Gemengerot de 17. September beienee fir d'Revisioun vum PAG vun der Gemeng an déi öffentlech Prozedur ze ginn. Den 1. Oktober 2015 wäert dann nach eng Informatiounsversammlung gehale ginn. Generell kann elo scho verrode ginn, datt am Projet vum neie PAG keen neien Terrain an de Bauperimeterera kënn, datt awer och kee Bauterrain aus dem Perimeter erausgeholl ginn ass. An deem Kontext sinn nëmme liicht Upassungen un de Parzellegrenzen realiséiert ginn. Eng Vergréisserung vum Bauperimeter an eiser Gemeng ass laut Bestand an och laut Aussoe vun den zoustännege Ministère net ze recommandéieren.

Vum 27. bis 30. November 2014 ass an der Gemeng un déi schrecklech Zäit vun der **Ardennenoffensiv (Rundstedt-offensiv)** erënnert ginn. Et war immens impressionant ze gesinn, wéi gutt déi **Commemoratiounsfeierlechkeete** vu ganz ville Leit besicht gi sinn. D'Krichsmonumenter zu Haler a Waldbëlleg si gebotzt a renovéiert ginn, an Informatiounspanneau'en informéieren de Visiteur iwwert den historesche Kontext vun der Ardenneschluecht an d'Evenementer bei eis an der Gemeng. Eng grousse Ausstellung an der Sportshal huet ville Leit déi Zäit mat Fotoen, Dokumenter an Ausstellungsstécker méi no bruecht. Een impressionante Fakelzuch an eng ergräifend Zeremonie hunn d'Feierlechkeeten ofgeronnt. Déi ganz Commemoratioun war an där Form just méiglech duerch déi immens Mathëllef vun enorm ville Leit. Mir wëllen do un éischter Stell deenen 9 Leit aus dem Organisatiounscomité ee grousse an häerzleche Merci soen. Mir wëllen allen Éieregäscht Merci soen, de Sammler, déi hir Sammlungsstécker vu Material bis Gefierer ausgestallt hunn,

la population dans la maison communale. Cette réunion porta notamment sur les aspects concernant l'information environnementale, conformément à la convention d'Aarhus.



Gesamtplang PAG - 2015

En principe, le conseil communal lancera cette révision du PAG dans la procédure publique par une décision de principe au cours de la séance du conseil communal du 17 septembre 2015. Une seconde réunion d'information est prévue pour le 1^{er} octobre 2015. On peut d'ores et déjà faire le constat qu'il n'y aura pas de nouveaux terrains dans le périmètre de construction, et il n'y en aura pas n'en plus qui en sortiront. Il n'y a que de très légères adaptations dans ce contexte au niveau des parcelles se situant déjà dans le périmètre d'agglomération. Les recommandations ministérielles déconseillent en effet un élargissement du périmètre de construction dans notre commune.

*Un weekend de commémoration du 27 au 30 novembre 2014 évoquait le **souvenir de la Bataille de Ardennes** et connut un impressionnant succès auprès des nombreux visiteurs. Les monuments aux morts de Halter et Waldbillig avaient été restaurés et munis de panneaux d'information quadrilingues évoquant le contexte historique et les événements tragiques dans notre commune. Une grande exposition au hall des sports montrait de nombreuses photos, des documents ainsi que des armes et véhicules des forces armées dans des scènes grandeur nature. Une excursion pédagogique pour les élèves de l'école fondamentale, une marche aux flambeaux et des cérémonies émouvantes près des monuments en présence de deux ministres et de nombreux invités d'honneur mettaient en exergue les souffrances de la population et des soldats. Il convient de remercier tout particulièrement les neuf membres du comité d'organisation, mais aussi les invités d'honneur, les collectionneurs ayant prêté leurs pièces rares, les clubs spécialisés en la matière provenant de tout le territoire du Grand-Duché ainsi que les associations de la commune ayant prêté main forte. Il a été réconfortant de voir un tel nombre de volontaires au service de cette commémoration digne du souvenir d'une période épouvantable. Le reportage détaillé de ces événements se trouve aux pages 201 - 218.*

de Veräiner, déi aus dem ganze Land mat hire Krichsgefeier un de Feierlechkeeten deelgeholl hunn an alle Veräiner aus eiser Gemeng, déi eng Hand mat ugepaakt hunn. Hei hunn immens vill Leit während ville Stonne fräiwëlleg gehollef, fir datt mir eis all gutt informéieren a mam néidege Respekt un déi schrecklech Zäit am Dezember 1944 erënnere konnten. Dat schéint an onkomplizéiert „Mateneen“ vu ville Leit aus der Gemeng a vun ausserhalb huet ee gutt Gefill hannerlooss. Eng detailléiert Reportage iwwert d'Commemoratiounsfeierlechkeete kënnt Dir op de Säiten 201 bis 218 noliesen.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, u villen Dossieren ass geschafft ginn am vergaangene Joer. A verschiddene Beräicher si mir gutt virukomm, bei anere Projeten hu mir eis méi virgeholl, wéi mir zäitlech gepackt hunn. Eent nom aneren a mat ongebremstem Äifer versiche mir, d'Gemeng virunzebréngen. De 6. Juli 2015 war de Gemengerot, no enger ëffentlecher Sëtzung, ee ganzen Dag beieneen, fir déi aktuell Chantiere kucken ze goen, an iwwert déi aktuell an déi nächst Projeten ze diskutéieren. Mir soen alle Conseilleren e grouse Merci fir hiren onermittlechen Asaz an déi gutt a fruchtbar Zesummenaarbecht! Si beroden net nëmmen de Schäfferot, si all schaffe ganz aktiv mat an droe Responsabilitéit a verschiddenen Dossieren, déi si leeden. An deem Sënn sinn d'Grenzen tëscht Schäfferot a Gemengerot opgeléist an dat enkt Mateneeschaffen an eng permanent Kommunikatioun ënnerenee bréngen d'Gemeng virun.

Mir wëllen doriwwer eraus alle Leit, déi berufflech oder benevole an der Gemeng oder an de Veräiner schaffen, ee groussen an häerzleche Merci soen, fir hiren onermiddlechen Asaz an déi gutt a frëndschafleche Zesummenaarbecht! Si all a jiddereen a sengem Beräich droen derzou bäi, eis schéi Landgemeng virunzebréngen.

Léif Matbiergerinnen a Matbierger, mir wënschen Iech all an Äre Familljen ee puer schéin an erhuelsam Momenter dëse Summer! Bleift gesond a monter!

Äre Schäfferot,

Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen a Jean-Luc Schleich



Monument op der Waldbëlleger Kopp



Chères citoyennes, chers citoyens, maints dossiers ont été abordés au cours de l'année écoulée. Nous avons su en faire avancer certains, d'autres ont traîné malgré nos efforts. Mais c'est avec une ardeur inébranlable que nous persisterons à œuvrer dans l'intérêt des habitants de la commune. Le 6 juillet 2015, le conseil communal se réunissait sur toute une journée pour visiter les chantiers en cours et pour discuter des projets envisagés pour l'année à venir. Nous remercions tous les conseillers communaux de leur engagement sans faille et de la coopération fructueuse, de leurs conseils avisés au conseil échevinal et de la responsabilité qu'ils assument activement. Le conseil échevinal est réconforté par le fait de pouvoir se fier à la communication et à la collaboration avec les conseillers communaux.

Nous souhaitons exprimer nos remerciements les plus chaleureux à tous les collaborateurs de la commune, fussent-ils employés ou bénévoles, pour leur engagement infatigable et la collaboration collégiale. Notre jolie commune rurale profite de tous ces apports.


Chère citoyenne, cher citoyen, nous vous souhaitons, à vous-même comme à votre famille, tout le bonheur et la santé ainsi qu'une belle période estivale pleine de moments de détente.

Votre collègue échevinal,

Andrée Henx-Greischer, Serge Boonen a Jean-Luc Schleich

IN TE RN

INFOS INTERNES





WALDBËLLEG
D'GEMENG



MIR SOE MERCI FIR LAANGJÄREG DÉNGSCHTER FIR D'GEMENG!

Jemp Olinger

Den 1. November 2001 huet de Jemp Olinger bei eis an der Gemeng als Aarbechter am techneschen Déngscht ugefaangen, wou hien zanter knapp 14 Joer ee ganz gudden Déngscht geleescht huet.

De Jemp huet duerch seng lëschteg a kollegial Aart a Weis fir gutt Stëmmung am techneschen Déngscht gesuergt an hat een Don fir de Bagger vun der Gemeng ze steieren, wéi keen aneren. Och Bustransporter huet de Jemp assuréiert. An de leschte Jore gouf hien ëmmer méi geplot mat senger Knéien, an hien huet sech missen operéiere loossen a komplizéierten Therapiën ënnerzéien, wat et him ëmmer méi schwéier gemaach huet fir nach virunzeschaffen. Ufank Mee dëst Joer krut hien d'Invalidérent zouggesprach an huet leider missen ophale mat schaffen bei eis an der Gemeng.



Mir wëllen dem Jemp fir säin Déngscht an der Gemeng ee ganz groussen an häerzleche Merci soen, a wënschen him fir d'Zukunft all Guddes a virun allem eng gutt Besserung mat der Gesondheet!

Melanie Nussbaum



D'Melanie Nussbaum huet den 3. Mäerz 2008 bei eis an der Gemeng als Handwierkerin am techneschen Déngscht ugefaangen, wou hat zanter ee bëssi méi wéi 7 Joer ee ganz gudden Déngscht geleescht huet.

D'Melanie huet um Site vun der Grondschoul gewunnt, an do als Concierge derfir gesuergt, datt Näischt ronderëm an um Site geschitt ass. D'Melanie ass déi eenzeg Damm bei eis am techneschen Déngscht gewiescht, an huet et ganz gutt fäerdeg bruecht, sech an deem Grupp vun Hären duerchzesetzen. D'Melanie ass ganz villsäiteg am Déngscht gewiescht als ausgebildete Landschaftsgärtnerin. Hat ass och mam Bus vun der Gemeng gefuer an ass an de Pompjeeën aktiv. Ufank Januar 2015 huet d'Melanie eng nei Erausfuorderung am techneschen Déngscht an der Gemeng Tandel ugeholl. Wunnen deet d'Melanie awer virun hei zu Waldbëlleg mat sengem Mann Jonathan Thill. Sie allebéid si ganz aktiv an de Pompjeeën, a mir sinn dankbar fir hiren Engagement.

Mir wëllen dem Melanie fir säin Déngscht bei eis an der Gemeng ee ganz groussen an häerzleche Merci soen, a wënschen him fir seng berufflech Zukunft zu Tandel all Guddes!

Max Pesch

De Max Pesch vun Iechternach ass am Schouljoer 2014-2015 bei eis an der Schoul engagéiert gewiescht. Aus schoulprozedurale Grënn konnt hien net méi op ee Poste fir d'Schouljoer 2015-2016 genannt ginn, a konnt esou leider just 1 Joer bei eis bleiwen.

De Max hat sech an deem Joer immens gutt an d'Schouléquipe integréiert, sou, datt et wierklech schued ass, datt hien net méi bei eis bleiwe kann. Mir wäerten de Max als ganz häerzleche Mënsch an Erënnerung behalen, an och als gudden Fussballspiller. Mir wënschen him fir seng weider berufflech a privat Zukunft all Guddes!





WALDBËLLEG
D'GEMENG



VEREEDEGUNG VUN ENGEM NEIE BEAMTEN !

Zanter dem 1. Juni 2014 leed de **Filipe Soares** als studéierte Bauingenieur de Baudeservice vun der Gemeng (service des bâtisses). Während 1 Joer huet de Filipe als Employé an der Administratioun geschafft, éier hie mat engem exzellente Resultat den Examen d'admissibilité gepackt huet fir kënnen de Stage unzufänken an der Fonctionnairescarrière vum Ingénieur-technicien bei eis an der Gemeng.

Den 19. Mäerz 2015, direkt no der Gemengerotssëtzung ass de Filipe, a Präsenz vum Gemengerot an der Kollegin an de Kollegen aus der Administratioun vereedegt ginn, wéi d'Gesetz dat viergesäit. De Filipe micht elo de Stage a senger Carrière, éier hien no engem weideren Examen definitiv als Fonctionnaire agestallt gi kann.

De Filipe huet sech an deem gudden Joer, wou hien bei eis an der Gemeng schafft exzellent agelieft a mir wéissten net méi, wéi mir all déi Baudossieren ouni säin immensen Engagement, seng Rou a seng fachlech Kompetenze meeschtere géifen. Hien leescht eng exzellente Aarbecht!

All Baudossieren, déi eragerecht ginn an d'Gemeng, Promoteuren a Privatleit, déi eppes plangen, kënnen mam Filipe Kontakt ophuelen, fir Erklärungen an Hëllef ze kréien, wat eis Bautereglementatiounen uginn.

De Filipe assuréiert och d'Bautepolice. Leider mussen mir feststellen, datt et nach ëmmer Leit gëtt, déi Saachen ouni Autorisatioun bauen, respektiv d'Regele vun de Bautereglementer net anhalen. D'Gemeng assuréiert regelméisseg Kontrollen, fir derfir ze suergen, datt d'Bauteregelen vun all Mënsch a gehale ginn. Wann Dir net sécher sidd, woufir een alles eng Genehmegung brauch, steet de Filipe lech gäre Ried an Äntwert.

De Filipe assuréiert dann och, zesumme mam Schäfferrot, de Suivi vun den Infrastrukturprojete vun der Gemeng. Duerch seng technesch Ausbildung a seng professionell Erfahrung aus dem Privatsecteur hëlleft hien der Gemeng virun.

Wann Dir Froen zum Bautereglement hutt oder eng Iddi vun engem Projet beschwätze wëllt, dann zéckt net de Filipe Soares ze kontaktéieren um 83 72 87 – 27 oder via Mail ënnert batisses@waldbillig.lu.

L.S.



HÄERZLECH WËLLKOMM BEI EIS !

Den **techneschen Déngscht** vun der Gemeng gouf duerch zwee nei Kollegen verstärkt, nodeems de Jemp Olinger an d'Melanie Nussbaum den Déngscht verlooss hunn.

De 26. November 2014 ass de **Pit Larry** vun Haler als Handwierker an der Gemeng, mat engem 40 Stonne Kontrakt d'Woch, agestallt ginn.

De 6. Mee 2015 gouf d'Equipe verstärkt mam **Erol Mehovic** vun Haler, deen als Gemengenaarbechter mat engem 40 Stonne Kontrakt d'Woch agestallt ginn ass.



WALDBËLLEG
D'GEMENG



Pit Larry



Erol Mehovic

Zwee jonk an dynamesch nei Kollegen, déi hëllef d'Gemeng virubrénge.

Mir heeschen de Pit an den Erol häerzlech Wëllkomm an der Équipe, a wënschen hinnen allebéid vill Freed a berufflech Erfëllung bei eis an der Gemeng!

De **Service vum Entretien vun de Gebailechkeeten** gouf de 16. Mäerz 2015 duerch eng dynamesch an engagéiert nei Kollegin verstärkt, fir 20 Stonnen an der Woch, duerch d' **Gorete Da Rosa Ricardo** vu Beaufort.

Mir heeschen d'Gorete häerzlech Wëllkomm an der Equipe a wënschen him vill Freed a berufflech Erfëllung bei eis an der Gemeng!



Le service de l'entretien des surfaces de la Commune a été renforcé en date du 16 mars 2015 par une nouvelle collègue dynamique et engagée à charge de 20 heures par semaine, à savoir Gorete Da Rosa Ricardo de Beaufort.

Nous souhaitons la bienvenue à Gorete dans l'équipe et nous lui souhaitons beaucoup de joie et de satisfaction dans l'exercice de son travail au sein du service de l'entretien des surfaces de la Commune.

15

D'Equipe aus dem **C.1 (Précoce a Spillschoul)** gëtt fir d'Schouljoer 2015-2016 vun enger neier dynamescher Kollegin verstärkt, an der Persoun vum **Malou Thommes** vu Jonglënster. D'Malou war déi lescht 6 Joer an der Grondschoul zu Beaufort aktiv a freet sech elo op déi nei Erausforderung bei eis zu Waldbëlleg.



Mir heeschen d'Malou ganz häerzlech Wëllkomm an der Equipe, a wënschen him vill Freed a berufflech Erfëllung bei eis an der Gemeng!

L.S.



WALDBËLLEG
D'GEMENG



DEN TECHNESCHEN DÉNGSCHT AUS EISER GEMENG STELLT SECH VIR

Am Déngscht vun der Gemeng heescht am Déngscht fir lech!

Nom Motto: d'Gemeng huet ee Gesiicht, wëlle mir lech an dëser Rubrik d'Kolleginnen a Kollegen aus verschiddene Servicer vun der Gemeng weisen.

D'Kollege vum techneschen Déngscht wëlle mir lech no 2014 nach eng Kéier präsentéieren, well hei 2014 ee puer Change-menter komm sinn. Enn 2014 huet d'Melanie Nussbaum eng nei Erausforderung am techneschen Déngscht vun der Gemeng Tandel ugeholl. Den Jemp Olinger huet eis leider aus gesondheetleche Grënn misse verloossen an huet missen an d'Invalidepensioun goen. Weider Detailer zum Mélanie an zum Jhemp op der Säit 13.

Den techneschen Déngscht ass dorops hinn ëmstrukturéiert a verstärkt ginn duerch déi Hären Pit Larry an Erol Mehovic. D'Kollegen aus dem techneschen Déngscht, ënnert der Leedung vum Fernand Huss a stellverriedend vum Léon Neumann, schafen all Dag an de Coulisse vun eiser Gemeng. Sie suergen derfir, datt d'Gebailechkeeten an d'Alentoure vun der Gemeng an der Rei gehale ginn. Si flécken, botzen, netzen, méien, kieren, bekëmmere sech em d'Grief, maachen den Entretien vun de Sportinfrastrukture, hëllef bei Begrieffnisser, bei Manifestatiounen, verschéinere eis Gemeng an hëllef an de Pompjeeën a.s.w. Si sinn ëmmer hëllefsbereit an derbäi nach eng Equipe, déi sech ënnerenee ganz gutt versteet. Mir fannen datt sie eng exzellent Aarbécht maachen!



Vu lénks no riets: Laurent Becker vun Allënster, Pit Larry vun Haler, Rol Wagner vu Waldbëlleg, Erol Mehovic vun Haler, Léon Neumann vun Hiefenech, Luc Klein aus der Fiels, Joao Ferreira vu Waldbëlleg an Fernand Huss vu Chrëstnech.



WALDBËLLEG
D'GEMENG



DE BUSSERVICE, DEN DEKORATIOUNS-SERVICE AN DE SERVICE LOCATIOUN VU GEMENGESÄLL AUS EISER GEMENG

Zwou engagéiert Kolleginnen wëssen op wat et ukënnt!

D'Pascale Coner-Wilhelmy an d'Marianne Jacobs-Poll assuréiere verschidden Aufgaben bei eis an der Gemeng. Sie fueren all Dag d'Kanner an d'Schoulen an an d'Maison relais. Sie hunn dobäi ëmmer een oppent Ouer fir hir kleng Clienten an „hier“ Kanner leien hinnen um Häerz.

D'Marianne ass zanter dem 17. September 2007 am Déngscht vun der Gemeng an d'Pascale zanter dem 11. Oktober 1999.

Pendant les vacances scolaires, les enfants peuvent s'inscrire pendant des journées entières ou pour des activités spécifiques. Une collaboration étroite avec les Maison Relais de Junglinster, Wasserbillig et Hosingen nous avons un échange intéressant. En 2014, nos enfants ont pu participer au Mini-Lënster à Junglinster et en 2015 ils ont pu participer au Adventure@Lënster à Junglinster où les enfants et le personnel éducatif de notre Maison Relais ont pu faire des nouvelles connaissances et expériences. Lors de notre Rénert-Cup, presque 100 enfants de différentes Maison Relais se sont rassemblés au hall sportif afin d'avoir la possibilité de participer à une manifestation compétitive.

Notre première édition d'un journal des enfants était un grand succès et les enfants en étaient très fiers. Dans ce journal, les enfants représentent surtout leur vie quotidienne à la Maison Relais et tout ce qu'ils ont appris lors de leur séjour ici. Nous avons prévu une deuxième édition cette année que vous pourriez acquérir au prix de de 3,00 € à la Maison Relais.

Vu les nombres croissantes des enfants qui fréquentent la Maison Relais, nous nous sommes inspirés par d'autres Maison Relais et nous avons introduit le système du buffet lors de l'heure de midi. A partir du cycle 1, les enfants peuvent se servir de façon autonome et les places à table sont réduites à quatre enfants. Par la nouvelle organisation ainsi que l'aménagement de la salle différent, nous essayons d'offrir aux enfants une ambiance agréable lors du repas de midi et que les enfants ressentent du plaisir en mangeant à la cantine. Nous veillons à ce que les enfants puissent sortir et jouer un maximum de temps afin de se défouler et de jouer avec leurs copains.

Lors d'une formation proposée par le Ministère de la Santé, les formateurs nous ont fait savoir qu'il est de leur priorité que nous offrons beaucoup de fruits et légumes (crus) aux enfants. Depuis le début de cette année scolaire, nous avons commencé à proposer davantage des légumes crus et les enfants en sont ravis.

Nous sommes très satisfaits que la coopération avec l'éducation précoce, l'école préscolaire et l'école fondamentale soit de plus en plus étroite. Des concertations sont régulièrement organisées afin de discuter du déroulement de la journée et le développement des enfants.

Toute l'équipe de la Maison Relais remercie les parents, les membres du comité de l'a.s.b.l. « D'Fiissercher », les membres du collège échevinal, les employés de la commune, les membres de l'Eltereverenegung et toutes les personnes qui contribuent à un fonctionnement professionnel et adapté aux besoins de l'enfant de la Maison Relais.

Joëlle Leuchter
Chargée de direction





FOTOËN AUS DER MAISON RELAIS







D'LASEP

D'LASEP-Sektioun Waldbëlleg gëtt et elo zanter 2 Joer. Am September 2013 waren bei eis 19 Kanner ageschriwwen. Am Juli 2015 hu mir ganzer 66 Memberen aus dem Cycle 1 – 4 gezielt. D'LASEP gëtt an de Mëttesstonnen gehal an d'Kanner kënnen duerno/virdrun an der Maison Relais iessen. Mir versichen mat Spill an Spaass den Kanner d'Freed um Sport ze vermëttelen an hinnen Loscht ze ginn, eventuell engem lokalen Sportsveräin bäizetrieden. Wann d'Kanner an engem Veräin sinn, wa méiglech och nach am Duerf oder an der Gemeng, verbessert dat hir Sozialkompetenzen, hiert Selbstwäertgefill an se léieren sech besser duerch ze bäissen. Mir ginn heiansdo mat der LASEP op een Ausflug an hunn och selwer 2 Manifestatiounen zu Waldbëlleg organiséiert.

Direktioun vun der LASEP huet eis dëst Joer ausgesicht fir dierfen un engem internationalen Turnéier um INS an der Stad mat ze spillen an eng Nuecht an der Jugendherberg am Gronn ze schlofen. D'LASEP-Kanner tëschent 10 an 12 Jore haten do vill Freed an hunn nei Bekanntschaften mat den Kanner aus dem Saarland, der Province de Luxembourg an vun Metz gemaach.

Mir soen virun allem der Gemeng e grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung an dass mir d'Sportshal fir dësen Projet ëmmer zur Verfügung gestallt kréien. Mir wäerten weiderhin versichen, de Kanner eis sportlech Ambitiounen ze vermëttelen an d'LASEP esou ze gestalten, dass et Freed mécht zeréck ze kommen.

*Mat sportlechen Gréiss,
Chris, Claudia, Joëlle*

La section de la LASEP de Waldbillig existe maintenant depuis 2 ans. En septembre 2013, nous avons 19 inscriptions à la LASEP et en juillet 2015 nous avons compté 66 enfants du cycle 1 – 4 parmi nos membres. Dans un cadre ludique et agréable, nous offrons la possibilité de découvrir différents sports en espérant que les enfants développent l'envie d'intégrer un club sportif local. Si les enfants s'affilient à un club, ils peuvent améliorer leurs compétences sociales, augmenter leur estime de soi, et ils apprennent mieux à surmonter les épreuves de la vie. De temps en temps nous allons à des excursions et nous avons organisé 2 manifestations à Waldbillig.

La direction de la LASEP nous a choisi pour participer à un tournoi international au INS et pour dormir une nuit à l'auberge de jeunesse au Grund. Les enfants âgés entre 10 et 12 ans se sont bien amusés et ils ont fait des belles rencontres avec les enfants de la Sarre, de la Province de Luxembourg et de Metz.

Avant tout, nous remercions la commune pour leur soutien et pour la mise à disposition du hall sportif. Nous allons continuer à diversifier notre programme et à motiver chaque enfant de revenir afin de pouvoir lui transmettre nos ambitions sportives.

157


*Avec nos salutations sportives,
Chris, Claudia, Joëlle*





V
...ER
ÄI
NER


ASSOCIATIONS





D'WALDBËLLEGER MUSEK

E flotte Programm fir Jonk an Al



Léif Lieserinnen a Lieser,

Ech profitéiere vun dëser Geleegeenheet fir e Réckbléck op eis Saison 2014/15 ze werfen. Nodeems mir am September mat de Prouwen ugefaangen hunn, ware mir schon de 29. November um Cortège zur Commémoratioun vun der Rundstedt-Offensive am Asaz. Gläich duerno, de 7. Dezember, hu mir zesummen mat dem Mëllerdaller Männerchouer eise Chrëschtconcert zu Chrëschtnech an der Kierch gespillt. Den Erléiss vun dësem Concert ,800 Euros, gounge un d'ALA, Association Luxembourg Alzheimer.

Ech giff lech elo e klenge Résumé vun eise net-musikaleschen Aktivitéite maachen. No eiser Generalversammlung, den 16. Januar hu mir, den 8. Februar, eisen traditionellen KKK – Kaffi, Kuch a Kniddelen an der Cafeteria organiséiert. Wéi de Numm et scho seet, konnt een sech ab 17h eng gutt Taass Kaffi mat engem Stéck Kuch schmaache loosse an duerno eis gutt Kniddelen mat Speck an Äppelkompott genéissen. D'Scheckiwerréechung vun eise Chrëschtconcert war dunn, de 4. März am Hentgesbau. Den 30. Abrëll hu mir eis Meekränz gemaach, fir déi dann den 1. Mee ze verdeelen. Um Millefest hu mir zesumme mat dem Club des Jeunes an dem Badminton dofir gesuert, datt keen hongereg bliwwen ass.

Eisen éischten musikaleschen Programmpunkt war d'Kommioun, de 12. Abrëll, wou mir eis Kommiounskanner an hir Familljen am Cortège an d'Mass begleet hunn. Den 18. Abrëll, hu mir iech an d'Sporthal op eise Galaconcert invitéiert. Dëst Joer stoung de Galaconcert ënnert dem Thema „Around the World“. A sou huet eisen Dirigent, de Christophe Weiland, eis zesumme mat eise Vakanzeguide a Présentateur, Jean-Luc Schleich, mat op eng Rees ronderem d'Welt geholl. An Amerika ass eis Rees am „Oregon“ lassgang, mir si bei den Indianer gewiescht mat „Dances of Innocence“, aner Destinatiounen ware Brasilien, Afrika, duerno och Europa, mat engem Medley vum Udo Jürgens senge bekannteste Stécker. Mir soen hinnen zwee villmools Merci fir déi flott Rees. E grouse Merci geet och un eis Sponsoren an Donnateuren, déi eis dëse Concert erméiglecht hunn.

Am Mee stoung eng Auditioun, vun der Gemeng an Zesummenaarbecht mat Conservatoire du Nord, am Hentgesbau um Programm, wou eis Talenter e ganz jonke Publikum begeeschtert hunn. Duerno huet eis Summerconcertsrei ugefaangen, mat engem flotte Concert am Schlass zu Beaufort, am Kader vu Beaufort Castle in Concert. Um Péngschtdénsteg si mir zesummen mat der Miedernacher Musek op der lechternacher Sprangprozeessioun matgaangen. Duerno hu mir Concerten op der Plëss, zu lechternach, zu Gréiwemaacher an eisen Saisonsofschlossconcert, de 25. Juli zu Haler gespillt.

Eise nächsten Highlight ass eisen **Thé Dansant den 18. Oktober mam Roland Kayser**. Schreift lech et scho grouss an de Kalenner. Mir freeën eis op lech.

160

D'Waldbëlleger Musek, esou wéi och all aner Veräin, ass op de Nowuess ugewisen a mir giffen eis freeën all déi Jonk, déi Rhythmus am Blut a Spaass un der Musek hunn bei eis an der Jugendmusek opzehuelen. D'Jugendmusek prouft ëmmer dënstes owes vun 19h00-20h00. Mir huelen awer net nëmme Jonker bei eis op. Dir spillt en Instrument, op Flütt, Posaune, Trompett,... da maacht lech prett, mir prouwen dënstes owes vun 20h00 bis 21h45. Dir sitt häerzlech wëllkomm. A wann Dir keen Instrument spillt, an Dir sitt frou mat Musek an hutt Loscht an enger flotter, dynamescher Equipp ze schaffen, wéi wier et da mat enger Plaz am Comité, do sinn nach Plaze fräi. Mir giffen eis iwwert e puer engagéiert Leit freeën. Bei weidere Froen, kontaktéiert eis (Président: 621 144 886).

Soss Informatiounen zur Waldbëlleger Musek an déi neiste Fotoen vun eisen Aktivitéiten, fannt Dir op eise Site:

www.waldbelleger-musek.lu

Annik Reinert, Secrétaire

TH WALDRÖLLIGEN HEUSEN PRÄSENTIERE DICH



THE Dansant



18 Oktober 2015

SONNABEND, DEN 18. OKTOBER AB 18.00 UHR
 IM **WALDBÉLLEG**
 AN DER CAFETERIA VON DER SPARTISHAL
 MITM ORCHESTER **ROLAND KAYSER**

MIETSTUHL: 3 € - ENTRÉE: 5 €



Agencia generala
 HEIDENSCHEID & KAPP





DEN TURNVERÄIN „ËMMER FITT“ KRËSCHTNECH HUET SENG 30 JOER GEFEIERT

Dëst Joer konnt den Dammenturnveräin „Ëmmer fitt“ Krëschtnesch, säin 30-jäehreg Bestoen feieren. Deemols haten sech e puer Dammen zesumme gedoen, an hu gemengt et wäer flott mol e Veräin ze grënnen den zur Fittnes, der Gesondheet an enger flotter Figur bäidroen kënnt. A bis haut sollt sech un dem Motto naischt änneren.

Den Turnveräin „Ëmmer fitt“ ënnerscheid sech awer och vun anere Veräiner, andems seng Aktivitéite keng Kompetitioun verlangen, seng Memberen kengem Zwang, fir ëmmer missen present ze sin, ënnerleien, an all Altersberäicher wëllkomm sin. Speziell op Werbung fir méi Jonker soll an Zukunft Wäert geluecht gin. Dobäi as de järeleche Beitrag mat 75 € am Verglach mat Fitnessstudien, fir jiddereen tragbar.

D'Memberen treffe sech während der Turn-, resp. Gymnastiksaison all Méindes an der Sportshal zu Waldbëlleg. Do gët dann vun 19.30 – 20.30 Gymnastik gemach. D'Saison wou geturnt gët, geet vum 1. Méindeg vum Schoulufank bis d'Paischten. De Summer si keng Turnstonnen.

Ausser der Aktivitéit als Turnveräin, gët awer och all Joer eppes organiséiert fir d'Veräinskees opzebesseren, an dobäi ass d'Haxefest, bei dem et defteg zou geet, an der Zwëschenzäit bal jidderengem bestens bekannt.

Wann déi finanziell Lag et dann zouléist organiséiert de Veräin och flott Kulturreise fir seng Memberen. Sou stoung dëst Joer eng Rees vu 4er Deeg op Amsterdam, mat Visite vum Rijksmuseum, um Programm. Awer och Barcelona, Hamburg a Paräis, si scho besicht gin.

Presidentin vum Veräin ass säit lange Joeren d'Mme Sylvie Kapp an déi aktuel Monitrice as d'Mme Stéphanie Reiter. De Comité besteet dann nach aus de weideren Dammen, Rose Majerus, Pina Stoll, Alice Greischer an Isabelle Koster.

Wéi dir gesit, léif Dammen aus der Gemeng Waldbëlleg, ass den Turnveräin „Ëmmer fitt“ en aktiven a sympathesche Veräin, dee scho lang besteet, an bei dem et sech lount Member ze gin, well gesond a fitt wëlle mir dach alleguer bleiwen.

S.K.





Stéphanie Reiter, Monitrice





RACING TEAM POWER BULL'S

In dem ersten Rennen der Saison 2007 in Schüttringen ging unser Team dann erstmals an den Start der neugegründeten 2. Klasse der Luxemburger Stock-Car-Meisterschaft. Am 14. Juni 2007 wurde der Verein dann offiziell in eine „Association sans but lucratif – kurz a.s.b.l.“ umgeändert. In dieser Saison gelang es uns den 3. Platz unter 8 Vereinen zu belegen.

Im Jahre 2008 gelang es uns ebenfalls den 3. Platz der „kleinen“ Klasse in der Teamwertung zu erreichen. Insgesamt 7 Vereine und 43 Piloten nahmen an der unverstärkten Klasse teil.

In der Saison 2009 wurde der Verein offiziell in „Stock-Car-Team Power Bull's Jonglenster a.s.b.l.“ umgetauft. Einige Piloten der vorigen Saison waren nicht mehr dabei und bekannte Neuzugänge wie etwa der vorjährige Einzelmeister Romain Goergen stießen zum Team. Durch eine kompakte Gesamtleistung erreichte der Verein souverän den Titel in der Klubwertung in der Klasse bis 2000 ccm³. In der Saison 2010 versuchte das Team mit 3 bis 4 Piloten in der Klasse bis 2000 ccm³ den Titel zu verteidigen was Ihnen aber nicht gelungen ist und belegten in der Klubwertung Platz 5. In der Saison 2011 geht das Team wieder mit neuen Piloten und 7 Autos auf Titeljagd mit Erfolg und holten den Titel zurück.

In der Saison 2012 konnte sich die Powerbulls wiedermal die Krone in der Teamwertung aufsetzen. Im letzten Rennen in Alzingen gelang es Ihnen sich gegen den MSC The Dukes durchzusetzen.

Vom Jahre 2013 wurde sich wiederum viel versprochen. Das Team wurde durch einige neue und einige ehemalige Piloten komplettiert und musste sich in der Teamwertung hinter der übermächtigen Konkurrenz des Motorsportclub The Dukes mit dem 2. Platz zufrieden geben. In der Einzelwertung gelang es Roland Scherer ebenfalls den Vize-Meistertitel zu erringen.

2015 wurde der Vorstand des Vereins erneuert und startet mit 7 Piloten und 1 Pilotin in die neue Saison der Stock-Car Meisterschaft. Natürlich würden wir uns für die kommende Saison 2016 über Nachwuchs in diesem Sport sehr freuen.

N.K.



CHORALE SAINTE CÉCILE CHRËSTNECH

De Chrëstnecher Gesangveräin zesummen mat hiren Sängerfrënn vun Noumer Peischtsonndeg dest Joer no der Houmass den 24. Mee zu Chrëstnech virun der Kierch.



Mir haten eist Joresofschlossfest en Mettwoch den 8. Juli um Vereinsbau. Mir wënschen der ganzer Lieserschaft vum DE FUUSS eng erhuelsam an sche'n Vakanz.



Wann dir Interesse a Spass um Sengen hutt, dann mellt lech beim:

Bernard Charel
17A, rue Loetsch
Chrëstnech
Tel: 691644129

165

Mir wëllen der Gemeng an all de Leit déi eis ënnerstëtzt hun e grouse Merci soen.

De Comité





D.T. FIELS-HALER

Hallo Sportsfreunde,

Nach einer schwachen Meisterschaft 14-15 wegen vielen Ausfällen und Verletzungen konnten wir keine Mannschaft in ihrer jeweiligen Division halten und alle vielen eine Division tiefer.

Abgänge haben wir leider auch wieder 5 an der Zahl. Marian Schug A2 (spielt wieder in Deutschland) und Jade Quentin C3 Jade Maryvonne D2 verlassen den Verein nach Berdorf. Vitor Pinheiro wechselt zum DT Recken Weis Romain C1 spielt auch in Deutschland.

Zugänge haben wir 5 Vincent Piron A2 Reuter Chris B2 Kraus Ben B3 Zuidberg Yannick B3 und Schmitz Rick C1 verstärken unseren Verein für die neue Meisterschaft 15-16 somit wir wieder mit allen Mannschaften versuchen den direkten Wiederaufstieg zu erlangen ,wenn wir von Verletzungen und Krankheit verschont bleiben .

Auf unserer Regionalmeisterschaft am 25 Januar in Waldbillig konnten wir einen Regionalmeister in unseren Reihen halten Kimmes Tim gewann die Klasse B2/B3 und wurde somit Regionalmeister .Jade Quentin wurde in der Klasse C3/D1 Vize-Regionalmeister und Kimmes Lee wurde in der Klasse D2/D3 ebenfalls Vize-Regionalmeister.

Auf unserem Einzelturnier am 22 Februar in Waldbillig konnte wiederum Kimmes Tim die Klasse B2 für sich entscheiden und der zweite Platz belegte Gaasch Tom auch.

Kimmes Marco belegte in der Klasse B3 den dritten Platz Jade Quentin belegte in der Klasse C3 den dritten Platz und Kimmes Lee belegte in seiner Klasse D2 auch den dritten Platz.

TRAINING


Als neuen Trainer haben wir **Kill Christian** (A1) vom Verein aus Dudelage engagiert der

Mittwochs vom 02.09.2015 ab **18:00 bis 20:00 in Waldbillig** das Training abhält.

Freitags ab dem 04.09.2015 ist das Training in **Larochette von 18:30 -20:00** wo Kimmes Tim das Training abhält.

Montags ab dem 07.09.2015 ist **freies Training in Waldbillig von 18:00 -20:00**.

Wer Lust hat unserem Verein beizutreten kann ab dem 02.09.2015 von 18:00 bis 20:00 in der Sportshalle in Waldbillig zum Schnuppertraining vorbeischaun unter der Leitung von unserem Trainer Kill Christian.





Spiller (innen) 2015-2016

Nom	Class	TS	Nom	Class	TS
PIRON Vincent (TR-2)	A2	0	176.21	KRAUS Ben	B3 -0.5 23.77
SCHUG Marian (TR-1)	A2	0	150.92	SCHMITZ Rick	C1 +5 17.88
TIMOTEO Joao	A3	-1.5	76.83	BELLWALD Romain	C2 +2.5 13.05
DELLA SCHIAVA Mario	A3	-3.5	85.31	KIMMES Joy	C2 +1.5 14.82
BRUNETTI Claudio	A3	-7.5	55.62	MARQUET Daniel	C2 +1.5 12.28
KRAUS Claude	B1	+3.5	89.82	CLEMENS Nico	C3 +4.5 10.00
BRUNETTI Bruno	B1	+1.5	85.81	TOUSSING Pierre	C3 -1 7.13
KREINS Jean-Paul	B1	+1	48.00	ULVELING Patrick	C3 -3 7.46
WEIS Yves	B1	0	41.78	TOSSING Romain	D1 +1 7.47
KIMMES Tim	B1	-0.5	34.81	WEIS Antoine	D1 0 7.19
REUTER Chris (TR-2)	B2	+6.5	24.75	KIMMES Lee	D1 -1.5 4.19
GAASCH Tom	B2	-1.5	29.36	MARQUET Alissia	D1 -2 4.29
KIMMES Marco	B3	+7.5	27.22	KIMMES Nathalie	D3 +0.5 2.00
ZUIDBERG Yannick (TR-3)	B3	+1	17.66	SASSI Antoinette	NL 0 0.00
KRIER Alain	B3	0	28.37		0.00



SANG MAT WALDBËLLEG / HALER

Um neie Wee,

An de leschten zwee, dräi Joer hate mir am Schnëtt nët méi wéi eng Mass de Mount ze sängen. D'Motivatioun an de Prouwen präsent ze sinn, war an eise Reihen nët méi déi Allergréisst. D'Idee kour op, d'Zesummenaarbecht, mat enger anerer Chorale ze sichen, wat eng nei Alternativ sollt sinn. De Komitee huet bei der Chorale Ste Cécile vu Beaufort ugeklappt an ass nët op dâf Oueren gestouss. Am März hunn d'Komiteen vun deenen zwee Veräiner sech bäienneen gesât fir doriwwer ze diskutieren wéi dëst Zesummensangen kënt ausgesinn. Schnell si mir zur Konklusioon komm, dass dëss Idee fir zesummen ze sängen an een deen aneren ze verstärken guer nët sou iwwel wär an deenen zwee Veräiner Virdeeler géif brengen an esou eng nei Motivatioun an Erausfuerderung kënt ginn. Ech wëll awer präzisieren, dass et een gemeinsam Sängen a Schaffen ass a keng Fusioon vun deenen zwee Veräiner. Déi zwee éischt Tester waren eng Mass an der Basilika zu lechnach an direkt duerno d'Ouschtermass zu Beaufort. Nodeems geklärt war wéi et organisatoresch sollt ausgesinn, hu mir voll duerchgestart. Vun dëser Plaz e grouse Merci un all d'Sänger an d'Sängerinnen déi dëse neie Wee matginn a vollen Asaaz bewäisen. Momentan hu mir de seltene Luxus op zwee Dirigenten kënnen zreckzegräifen well souwuel den Här Fons Steines, Dirigent vun der Beauforter Chorale an den Här Claude Schmit, Dirigent vum Sang Mat Waldbëlleg/Haler, no Ofsprôch an Évènement dirigieren. Lo steet d'Summerpaus virun der Dier a mir notzen déi fir nei Energie ze tanken. Vum 28-31 August mache mir eis Veräinsreess a si féiert eis dëst Joer op Vlissingen an Holland. Den Hierschtprogramm steet souwäit fest an en ass lo schons gutt gefëllt. Den éischten Héichpunkt deen usteet ass d'Konveniatsmass an der nei restaurierter Kierch vu Wadbëlleg, den 26 September 2015, wou mir ganz houfreg drop sinn. Mir sinn iwwerzecht, dass dëse neie Wee de richtigen ass, well zesummen si mir staark. Avis aux amateurs, hutt Dir Interessé u flottem Gesank, aktivem Veräinsliewen mat enger gudder Ambiance da loosst eis et wëssen, jiddereen ass wëllkomm.

Proufdag: Donneschdes 20.00

Wou: am Proufsall zu Befort

Dirigenten: déi Hären Claude Schmit a Fons Steines

Organist: Henry Wickens

Komiteesmemberen vum Sang Mat:

Baden-Lobitz (Präsidentin)

Louis Boonen (Sekretär)

Lony Michels-Tholl (Keessier)

Yolande Berrend

Sony Jung-Faber

Catalina Van Meel- Baden



2014: d'Lony krut seng Medaille fir 40 Joer aktive Member iwwerrecht





GENERALVERSAMMLUNG VUN DER ELTERVEREENEGUNG WALDBËLLEG

12/11/2014



D'Generalversammlung vun der Eltervereeningung Waldbëlleg ass wéi ëmmer en Owend, wou mir den Akteuren aus onser Schoulcommunitéit, der Gemeng Waldbëlleg an aneren fräiwëllegen Hänn Merci soen. Mir schaffen Hand an Hand mat gudden Leit an probéieren esou, d'Schoul an d Maison Relais ze ënnerstëtzen.

Sou organiséieren mir e puer Aktivitéiten, wéi den traditionellen Adventsmaart, „Hëllef him, hëllef richtig“ an den Antidrogendag. Donieft probéieren mir d'Elterevertrieder ze ënnerstëtzen, andeems mir hinnen bei hiren Themenowender hëllef:

„Mobbing a Gewalt am Schoulalldag“

an

„Regelen, Limiten a Konsequenzen bei der Erzéiung“.

Mir soen op dëser Plaz dem Carole Wampach an dem Betty Helminger nach eng Kéier Merci fir hir Aarbecht als Keesserevisseuren!

Zum Schluss, sinn mir ëmmer frou Membere vum Schaffen- an Gemengerot, e Member vum Schoulcomité an d'Léierpersonal, Représentante vun der Maison Relais an och natierlech Elteren op eiser Generalversammlung begrüessen ze kennen. Si sënn wéi all Joer invitéiert, op eise Kéisowend deelzehuelen. Dëst erméiglecht et eis, en flotten Ofschloss mat vill Austausch mat eisen Gäscht ze hunn.

Eisen aktuellen Comité:

Chantal ALBERT, Chantal DIMMER, Nina FEDERMEYER-CZERKUS, Christiane FELGEN, Martine KEMPKENS, Mireille MAJERES, Carole MARBES-REUTER, Simone MEHLEN-WOHL, Annick MENSTER, Nathalie MEYER, Corinne MEYERS, Jessica SCHMITZ, Myriam SCHOLTES, Carmen SEYLER, Christine SUNNEN

Eis Websäit: <http://evw.editme.com/>





10. ADVENTSMAART VUN DER ELTEREVEREENEGUNG WALDBËLLEG

26/11/2014 mat engem Stand vum Cycle 4.2.

Léif Kanner, Elteren, Léierpersonal, Personal vun der Maison Relais, Membere vun der Schoulkommissioun, interesséiert Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg a Verrieder vum Schäffen- a Gemengerot

MERCI fir är kontinuierlech Ënnerstëtzung vun onsem Adventsmaart!

Mir verkafen all Joer Adventskränz, Kuch, Choky a Glühwäin.

Dëst Joer haten d' Schüler vum Cycle 4.2. selwer gebastelt Ouerréng, Braceleten, Handyhousen verkaaft. Den Erléis hunn si fir hiren Schoulausflug gesammelt.

Dëst Joer sinn gären rëm Schoulklassen wëllkomm fir ee Stand bei eis ze hunn.

E spezielle Merci un d'Cathelyne Vermast, d'Génévieve Coste, den Théo Moulin, de Fernand Huss an d'Mélanie Nussbaum, d'Sekretariat vun der Gemeng fir hir Hëllef virun onsem Maart





Um Adventsmaart 2014



„HËLLEF HIM & HËLLEF RICHTEG“

10-11/6/2015



Säit 2010 organiséiert d' Eltevereenegung Waldbëlleg zesummen mat der Police Grand-Ducale de Programm Hëllef him & Hëllef richtig, en Anti-Gewaltprogramm am Cycle 2.2., Cycle 3.2 an Cycle 4.2.

Dobäi ginn folgend Themen bannent 2 Stonnen behandelt:

Cycle 2.2.

Verhalensorientéiert Moosnamen bei Gefor (verdäitlecht duerch altersgerecht Rollespiller)

Cycle 3.2.

Wat ass Gewalt an wéi eng Formen vun Gewalt ginn et? (Doheem, Computerspiller, Internet)

D'Kanner kennen um Kannertelefon 116111 no Hëllef froen.

Cycle 4.2.

Gewalt a seng Konsequenzen fir den Täter a fir d'Affer! Wat erwaard mech am Lycée?

Ziel ass et an der Grondschoul present ze sinn an zwar regelméisseg an den Cyclen 2.2, 3.2 an 4.2. an dat all Schouljoer. Mir soen ee grouse Merci un den M. Laurent Goedert, Commissaire en Chef vum Service Preventioun vun der Police. An och nach ee Merci un d'Léierpersonal fir hier Mataarbecht an de Kanner déi hei matgemaach hunn.

De Comité vun der Eltevereenegung Waldbëlleg

Chantal ALBERT, Chantal DIMMER, Nina FEDERMEYER-CZERKUS, Christiane FELGEN, Martine KEMPKENS, Mireille MAJERES, Carole MARBES-REUTER, Simone MEHLEN-WOHL, Annick MENSTER, Nathalie MEYER, Corinne MEYERS, Jessica SCHMITZ, Myriam SCHOLTES, Carmen SEYLER, Christine SUNNEN

Eis Websäit: <http://evw.editme.com/>





TROIS DONS POUR L'ECOLE FONDAMENTALE + LA MAISON RELAIS POUR UN TOTAL DE 2.177 EUR

20/6/2015

En juin, l'Association des Parents d'Elèves a eu le plaisir de faire un don de 1.400 EUR à l'Ecole Fondamentale de Waldbillig pour les excursions de fin d'année scolaire. Chacune des dix classes des Cycles 1 à 3 a reçu un don de 100 EUR pour soutenir une partie de leurs activités. Les deux classes du Cycle 4 ont reçu un don de 200 EUR. Nous espérons que toutes les classes ont bien apprécié leurs excursions!

Nous avons aussi décidé de sponsoriser des vélos, deux „Ezy Rollers“ et un panier de basket pour la Maison Relais. Ce don était de 563,41 EUR.

Notre troisième don était de 213,75 EUR pour l'Ecole Fondamentale. Notre Comité a fait un Cocktail Bar, „beim Trach“, pendant la fête de fin d'année scolaire le 20 juin et nous avons donné notre bénéfice à l'Ecole. Nous sommes ravis de soutenir l'Ecole Fondamentale de Waldbillig et la Maison Relais encore cette année scolaire!

Le Comité de l'Association des Parents d'Elèves

Chantal ALBERT, Chantal DIMMER, Nina FEDERMEYER-CZERKUS, Christiane FELGEN, Martine KEMPKENS, Mireille MAJERES, Carole MARBES-REUTER, Simone MEHLEN-WOHL, Annick MENSTER, Nathalie MEYER, Corinne MEYERS, Jessica SCHMITZ, Myriam SCHOLTES, Carmen SEYLER, Christine SUNNEN

Notre site internet: <http://evw.editme.com/>





KANNERFLOUMAART

DEN 10.OKTOBER 2015

14.00-17.00

**Am Veräinsbau zu Chrëstnech
Fir lessen an Drénken ass gesuergt**

<http://evw.editme.com/>

**Hei kanns du
déng
Spillsaachen a
Bicher verkafen**

Reservéier dir en Dësch
bis den 20. September
2015 op der
Emailadress:

sekretariat.evw@gmail.com

du kriss weider Detailler
gemailt

Dëst gëllt fir Kanner aus der
Gemeng Waldbëlleg.
Nom 20.09. sinn
d' Reservatiounen och fir aner
Gemengen op.

ORG:

**Elterevereenigung
Waldbëlleg**





STRONG FIRE FIGHTERS 2015

16/5/2015

Am Kader vu 50 Joër Jugendpompjeeën Lëtzebuerg huet Regioun Süden den 16. Mee op Déifferdeng invitéiert, fir un éngem kléngen „Strongmen“-Concours deelzehuelen. Dofir si mir dann och deen Dag dohinner gefuer an hun op den 8 Kilometer 5 Hindernisser missen iwwerwannen. Holz, Stréi a Pneuen hun mir op eisem Parcour begéint. An och en Hinderniss mat Waasser huet net gefeelt. Mat éngem onfraiwëllegen Ëmwee duerch d'Reimervilla hu mir no ë puer Stonnen awer och d'Ziel ereecht. Leider wuar de Parcour ouni Platzéirung geplangt, esou daat mir net wëssen wéi mir ofgeschnidden hun. Midd an awer zefridden si mir owes nees heem gefuer.



RALLY ZU MERTERT 2015

Ë puer Deeg méi spéit wuar mir schon nees op deem nächste Rally ennerwee. Dëss Kéier huet et eis op d'Musel op Mertert verschloën. Hei hu mir no éngem flotten Parcours lanscht Musel déi 1. Platz mat heem geholl an hun eis natierlëch déck gefreet. Zum Gléck maache mir vill verschidden Saachen ëmmer bei eis am Corps esou si mir dann och emmer gudd préparéiert fir op de Rallyen Punkten ze maachen. Déi bescht Spiller wuaren Dëschtennis spillen an Lidder enner Waasser summen. Leider hu mer do dat lëscht net erausfonnt obschons all Kand misst den Hakuna Matata kënnen. Mä et wuar jo nach eemol duergangen. Esou kann de Programm da viru goën a mir freeën eis schons op déi nächst Spiller ouni Grenzen am Kader vu 50 Joër Jugendpompjeeën Lëtzebuerg déi dann nees zu Mertert fir d'Regioun Osten den 19. September wuarde stattfannen. An ausserdeem hu mir jo nach den 26. September eis grouss Porte Ouverte wou dir all kënnst gucke kommen waat mir dann esou maachen.



ZELTLAGER 2015

23-26/5/2015

Nëmmen éng Woch méi spéit hu mir eis mat den daitschen Kollegen vu Speicher a Phillipsheim zu Waldbëlleg getraff fir eist groust Zeltlager. Vum 23.-26. Mee hu mir éng ganz Reih flott Aktivitéiten konnten erliëwen. Samsdes hu mir mat ë puer Trainingsübungen ugefaangen, befir mir no énger Spaghetti an dem Lagerfeier dun op ais Nuetsübung gestart sin. Simuléiert gouf ë Brand am Mëllerdall beim Schéissendëmpel. Feier aus, an gudd Nuecht wuar du géint 23 Auer. Sondës hu mir mat éngem gudden Frühstück ugefaangen . Gestärkt mat Speck an Eër si mir dann op ën Wanderrally gestart. Golf spillen, Waasser hiëwen a Feier läschen wuaren nëmmen ë puer vun de Spiller. Mëttes hu mir dunn am Mëllerdall hausgemaachte Pizza am Holzuewen gebaack a konnten op de Klootergerüster eropklammen. Am speiden nomëtten wuare mir dun zeréck um Zeltlager wou eis daitsch Kollégen hu missen heem fueren. Si hun leider kéng Vakanz. Méindes si mir dunn zesummen an de Kino gefuer. Chance haate mer mam Wieder, wëll deen eenzegen Moment wou ët gereent huet soutzen mir dobannen an der gudder Fauteuil. Dënsdes si mir moies nees mat Zäiten opgestaanen a sin op d'Sprangprozessioun op lechternach gefuer. No éngem gudden Döner, mir haaten eis deen wirklech verdéngt, si mer nees op Waldbëlleg zeréck gefuer. An domat ass dann och Zeltlager ob ën Enn gaangen. Mä mir sollten jo geschwënn nees zesummen ennerwee sin.





JUGENDPOMPJEEËN - E COOLEN VERÄIN - SCHNUPPERÜBUNG 2015


4/7/2015

38° Celsius, Sonn a kéng Wollék um Himmel.

Bescht Viraussetzungen fir éng Kéier bei d'Pompjeeën luussen ze kommen. An dësem Sënn haate mir den 4. Juli éng Schnupperübung organiséiert fir dë Jonken aus dem Duerf d'Jugendpompjeeën firzestellen. Duerch déi héich Temperaturen hu mir awer dunn alt spontan missen fir Ofkillung suergen. Dofir hu mir éng grous Wasserschlacht organiséiert, fir uschléissend am Basséng fir déi neideg Ofkillung ze suergen.

„Mega cool“ – „Déi bescht Übung zënter deem dat ech an dë Pompjeeën sin“, dëst sin nëmmen ë puer vun de Kommentaren déi mir zë heire kruten. Naass awer zefridden huet jiddereen ë schéine Mëtteg erliëwt. An diem Sënn maachen ech nach ë kléngen Opruff un all déi Kanner déi deen Dag nët konnte lanscht kommen: Wann dir tëscht 8-16 Joër aal sidd an dir hut Loscht an énger flotter Equipe matzemaachen da kënt dir mech gären fir all Infoën kontaktéieren.

Thill Jonathan: 691 669 842



FIRST RESPONDER

Zënter éngem gudden Joër gëtt et elo schons den First Responder Service bei eis an der Gemeng. Dësen gouf am Kader vun énger zweeter Testphase an der Regioun Osten zu Waldbëlleg agefouert. Zweck vun dësem Service ass et Zäit zwëscht dem Noutrouff an dem Antreffen vun der Ambulanz esou sënnavoll wéi méiglech ze notzen fir dat de Patient ënnert beschméiglechste Konditiounen an d'Klinik kënnt. Duerch dësen Service kann de Patient méi schnell vun énger erweiderter 1. Hëllef profitéieren. Wëll d'Waldbëlleger Pompjeeën och éng Reih Ambulanciereren an hieren Reihen zielen an all First Responder regelméisseg Couren maachen muss, ass och do emmer fir éng gudd Ausbildung vun de Memberen gesuergt. Esou ass et dann och nët verwonnerlech dat mir an deenen 25 Asätz déi mir am läschte Joër als First Responder haaten, mindestens eemol ganz sëcher dozou begedroën hun dat de Patient haut nach bei eis ass. Dir froot iech elo vläicht wéi dir un de First Responder kommt. Dir maacht näischt anschteres wéi dat wat dir emmer maacht. Dir maacht en Noutrouff um 112, deen schéckt lech dann je no Situatioun, d'Ambulanz, de SAMU, an dann eben och d'Pompjeeën als First Responder. Dofir nët erstaunt sin wa mir op eemol als éischt do stin. Fir dat een eis besser erkennt an den Service gudd funktionnéiert huet d'Gemeng nët nëmmen ë First Responder Rucksack mat deem neidegen Geschier fir all Member vum Grupp kaaft, neen mir kruten och nach näi Asatzjaketten. Dess sin giel mat rout wéi dir se op der Foto gesidd. Leider muss et awer heiansdo ganz schnell goën, da komme mir och mol just an zivil. Ze bemierken bliäwt och hei, dat och dësen Service wéi all déi aaner vun de Pompjeeën gratis a bénévolé ass. Well mir emmer méi Fraiwëlleger brauchen fir an énger wuessender Gemeng mat emmer méi Aufgaben gudd kënnen ze schaffen invitéieren ech lech nach ganz häerzlech bei eis eemol eranzeluussen an lech de Waldbëlleger Pompjeeën unzëschléissen.

All Infoën kënnt dir beim Wagner Rol (691870272) oder Thill Jonathan (691669842) kréien, well

AERT ENGAGEMENT VUN HAUT ASS D'LIEWEN VU MUAR.



INFOEN: www.sis-waldbillig.lu



**PORTE OUVERTE
POMPJEESBAU
WALDBËLLEG**

AWEIUNG

26/09/2015

14 AUER

mat "The Luxembourg Pipe Band"



- Gegrënnt am Joër 2006
- Eelst Pipe Band vu Lëtzebuerg
- Sëtz zu Mamer
- Spillen vun de „Great Highland Bagpipes“ an den „Drums“
- Bekannt duerch:
Zeltik
Military Tatoo
Tatoo Schalke / Tatoo Loreley (Daitschland)
Champigneulles (Frankräich)

...
www.pipeband.lu

PROGRAMM

14.00 Auer: Feierläscherkontroll,
Kanneranimatioun,
Spill a Spaass.

15.30 Auer: Übung Sauvetage

16.00 Auer: Aweiung:
zesumme mat
"The Luxembourg Pipe Band"
TLF 2000
KDW
MZF
POMPJEESBAU
FÄNDEL
JUGENDÜBUNG

17.00 Auer: Concert vun

"The Luxembourg Pipe Band"

18.00 Auer: Bayreschen Owend
mat Haxen, Hendl an ao Moass
op Reservatioun
Fir lessen, Gedrénks a Musek
ass de ganzen Dag gesuergt.

Jiddereen dee Samsdes nët ka kommen,
kann och Sonndës de 27/09 vun 14-18 Auer
era luusse kommen.

Gebuede gëtt och ???

Sprangschlass
Sprëtzwand
Tombola:
1. Präis:
1 Faart mam Ballon
fir 2 Persounen

Feierläscher-
Brandmelder-
Demonstratioun a Verkaf
Expo vun de Gefierer
...

Feierläscherkontroll !!

Bréngt äere Feierläscher vun
14-17.00 laanscht fir d'Kontroll
dervunner ze maachen. Präis: 15€



Bayreschen Owend

Menü:
1 Hax'n (15€)
oder
1/2 Hendl (12€)
mat gebootschte Gromperen,
Choucroute oder Zalot
Ausserdem Weisswurscht a Brezelen

Fir Gegrills, Gedrénks a gutt Stëmmung ass gesuert.

Réservéiert äere Menü an aër Plaze
bis dë 16/09/2015 am beschte
per Mail op rolwa@pt.lu oder
ënnert der Nummer:
691870272 no 17 Auer





FC OLYMPIA CHRISTNACH WALDBILLIG (FCO)

En Traditiounsclub aus der Gemeng presentéiert sech.



Léif Leit aus der Gemeng, léif Frënn an léif Memberen vum FCO, onsen Veräin matt sengem 6 Jugendequipen, enger Dammenequipe an 2 Senioresequipen, huet schonns vill Déiften an Héichten säit senger Grënnung 1946 iwverstanen. Momentan hunn mer alt erëm eng Déift, well ons éischt Equipe leider dëst Joer ne vill Matcher gewannen konnt an dowéint gefall ass. Se mussen an der Saison 2015/2016 erëm an der 3 Divisioun 2 Bezirk untrieden. Do spillen se dann géint folgend Geigner, AS Rupensia Lusitanos Larochette, FC Brouch, US Reisdorf, CS Bourscheid an FC Kopstal 33. Ze bemierken ass awer dat den FCO nach matt villen Jongen aus der Gemeng spillt an mir keng Söldner kaf hunn déi wei an soss villen Fussballveräiner bezuelt ginn.

Momentan kennen mir Dank der Hëllef vun onser Gemeng op 2 Fussballfelder zrëckgräifen, des sënn een 99m x 60m groussen Grasterrain an een 60 m x 40 m groussen synthetesch Terrain. Ons offiziell Faarwen sënn Giel-Schwarz an Blo-Schwarz.

Matt onsem insgesamt 8 Equipen sënn déi Terrainen och gutt ausgelaascht. Ons Vestiairen sënn direkt bei dësen Terrainen, an neierdëngs hunn mer zwou Méiglechkeeten wou während den Matcher Gedrénks an soss Saachen verkaf ginn. Dofir wieren mer frou wann der ons Equipen ënnerstëtzen kommt, et gëtt bal ëmmer eppes ze drénken an och ze iessenum Terrain. Direkt nieft dem synthetesch Terrain ass och eng super Spillplaz fir Kanner.

An der haideger Zäit ass et bal ondenkbar, dat en Sportveräin, wann en net well onerhéiert héich Baitreeg verlaangen, ouni Sponsoren iwverliewen kann. Dofir heimatter all deenen Sponsoren en groussen Merci gesot, sief et dat se dem FCO finanziell, materiell oder soss hëllef, och en groussen Merci un all déi trei Supporter (Hools) déi obwuel des Saison net esou gutt wor awer ëmmer nees do woren fir Equipen ze ënnerstëtzen.

Onst Ziel ass et Nowueserbecht weiderhin ze verbesseren an allen Kanner Méiglechkeet ze ginn fir Fussball an onser Gemeng ze spillen. Dëst ass matt Sécherheet net einfach, well Leit ze fannen déi sech engagéieren fir Kanner ze trainéieren an och fir am Veräin ze hëllef net einfach ass. Fir an Zukunft awer weiderhin ons Aarbecht erfollegräich ze gestalten brauchen mer all Ënnerstëtzung, dofir géifen mer ons freeën dech ales neien Member vum FCO begréissen ze kennen.

Och ze erwähnen sënn déi divers Fester bei deenen den FCO am Laf vum Joer gehollef huet oder déi mer selwer organiséiert haten, Hallenturneier, Foot for Fun, Wëlidiessen, Beaujolaisfest, Coupe Tewes, Jugendturneier um synthetesch Terrain, etc. Dofir een groussen Merci deenen Leit déi op deenen Fester präsent woren, sief et vir ze hëllef oder fir do ze iessen oder en Patt ze drénken. Des Fester sënn och erëm fir Saison 2016/2016 geplangt, Skoda Garage Tewes Cup ass den 11/13/15 August 2015, Sonndes den 11ten Oktober 2015 ass Wëlidiessen an der Cafeteria zu Waldbëlleg, Freides, den 20ten November 2015 ass den Beaujolais Owend an der Cafeteria zu Waldbëlleg an Freides, den 4ten Dezember 2015 ass Foot for Fun an der Sportshall zu Waldbëlleg.

All Infoen wéini wat lass ass an der Saison 2015/2016 fannt dir ënnert onsem Internetsite www.fcolympia.lu, oder mellet iech iwwert onsen Kontaktformular un http://www.fcolympia.lu/eisen_verain/kontakt.html fir dat dir per Newsletter all Infoen iwwert den FCO matkritt.

An der Saison 2015/2016 hunn mir folgend Equipen am Championnat ugemellt: Seniors I, Seniors II, Damenequipe (Entente matt Berdorf/Consdorf), Cadets (Entente matt Berdorf/Consdorf), Scolaires (Entente matt Berdorf/Consdorf), Minimes (Entente matt Berdorf/Consdorf), Poussins, Pupilles, Bambinis.



FUSSBALLTURNÉIER



Bambinis



Poussins



Minimes



181



1 Equipe



FUSSBALLTURNÉIER



Esou, hues du elo och Loscht Foussball ze spillen? Huet däin Meedchen oder Jong Loscht Fussball ze spillen? Da mell dech bei ons. Entweder bei engem vun den Traineren oder mathëllef vun eisem Kontaktformular op onsem Internetsite:

http://www.fcolympia.lu/eisen_verain/kontakt.html

Ab 5 Joer kann e Meedchen oder Jong ufänken bei ons am Veräin ze spillen.

Hei nach Informatiounen iwwert Joergäng an iwwert ons Traineren fir Saison 2015/2016 (verschidden Informatiounen woren nach net disponibel, an feelen dowéint).

Stéchdag 1.1.		Alterskategorien, Saison 2015/2016						
Veteranen	Senior	Cadets	Scolaires	Minimes	Poussins	Pupilles	Bambinis	Damen
soubal een 33 Joer huet	soubal een 16 Joer huet	1999						soubal een 14 Joer huet
		2000						
		2001	2001					
		2002	2002					
			2003	2003				
			2004	2004				
				2005	2005			
					2006			
					2007	2007		
					soubal een 7 Joer huet	2008		
						soubal een 6 Joer huet	2009	
							soubal een 5 Joer huet	

Trainer **BAMBINIS**, MEYERS Tom, GSM 691 347 291, bambinis.christnach@gmail.com

Trainer **PUPILLES**, VON SAYN WITTGENSTEIN Micha & MEHOVIC Erol, GSM 621 513 670, v.s.wittgenstein@gmail.com

Trainer **POUSSINS**, MEHLEN Jo, GSM 621 294 033, mehlenjo@gmail.com

Trainer **CADETS** (Entente BC 01/Krëschtnech) JOFFROY Armand, GSM 661887788, armand.joffroy@me.com

Trainer **DAMES** (Entente BC 01/Krëschtnech), NEU Fabi, GSM 691790614, fabbesneu@gmail.com

Trainer **SENIOR**, PUPITA Mauro, GSM 621 26 68 90, mpupita18@gmail.com

De Comité vum FCO wënscht iech all nach eng schéin Summerzäit, an freet sech iech op engem Match vun sengen Equipen oder op engem vun sengen Fester begrëssen ze kënnen.

Matt beschten sportlechen Gréiss,
de Comité vum FCO.



AÉROMODÉLISTES CHRËSTNECH

Wéi Enn Dezember 1975, also viru 40 Jar, eis Statuten vun 13 fervente Piloten ënnerschriwwen goufen, war d'Technik vum Téléguidage, verglach mat haut, nach an de Kannerschong. Äusserst Spannung war ugesot, wann ee Modell fir d'éischte Kéier an d'Loft sollt goen. Déi di aus engem Bausatz entstanen waren, - wann exakt a propper geschafft gi war, hu meeschtens de "Jungfernflug" iwwerliefert. Duergéint waren d'Flug-maschinne vun de Pionéier an de selwer ernannten Experten, bal ëmmer een Erliewnes wäert.

Do war de Fons, dien déi physikalesch Kräfte meeschtens regelrecht bis op d'Läst ausgereizt huet. Amplaz d'Konstruktioun aus liichtem Balsaholz ze maachen, huet hien déi schéinste Saachen aus Mandarinnkësten-Holz gezammelt. Net genuch domat. Da gouf och nach ausgerechent, wéi staark datt de Motor mindestens misst sënn, fir de Prototyp an der Luucht ze halen. Buedemstart war laang net ëmmer méiglech. Dien aarme Kolleg, dien d'Éier, oder éischer d'Charge hat, fir de Modell fir de Start an d'Loft ze katapultéieren, dien huet scho bal missten d'honnert Meter ënner 10 Sekonne lafe kënnen! An da war hië munchmol nach net séier genuch. Eréischt da war d'Erkenntnis do, datt entweder d'Maschinne ze schwéier oder de Motor ze schwach war. Oh, wat war et dacks spannend!

De Géigesaz vum Fons, war de Spunt aus dem Klub. Dem « Rol » seng Modeller ware liicht a gutt motoriséiert. Si sënn trotzdem net ëmmer gefluge wéi hië wollt. Ee Modell, mam Numm « Rasant » hat ee getunte Motor dien iwwer 30.000 Touren an der Minutt gedréit huet. „Start! - Prett?“ - „OK!“ Niewt der "Bud", de Motor huet "gesungen", gouf de Fliger aus der Hand gestart. Kaum fort, ass en direkt an ee Looping gaang an huet no kaum 2 Sekonne Flug ganz rasant um Dag vun der Bud ageschloen. Dat war et! Huddelafatz!

Hettjesdags geschéien dier Accidenter och nach, awer vill méi "modern". Elo kierzlech ass ee Segler mat vollem Tempo op de Buedem opgeschloen. De Pilot huet duerno, dank der agebauerer Technik, d'Analyse vum Crash gemaach. Hei säi Rapport.

„Ech hunn de Flugschreier ausgewäert an eng Gewëssens-erforschung gemaach. Resultat:

Virum Flug... den Accu mat engem neie Ritschratschbändchen ugemaach. Huet fir en éischte Flug gehalten. Duerno, war mer net sécher genuch, (gewackelt) hunn ech en nach getaped.

De Flug mam Stagiaire:

Kommando selwer: 28 Sekonne Motor; 200m héich, 286 m Richtung SSW. Motor aus, Kommando stagiaire; Zevill Héijerudder; Steigt a schwenkt no ënnen; Den Accu rutscht no vir; Schwéierpunkt verlagert; Schlecht!

Ech iwwerhuelen; Gi Gas an Héijeruder; Vitesse 70- 80km/h; Motor aus; Héijeruder packt et net; 96km/h Impakt no 45 Sekonnen.

Moral vun der Geschicht: Signal um Terrain war ni gestéiert! Den Accu uerdentlech ustrécken; Bei vill Sonn, Waasser drénken net vergiessen; Manner haselen“.

De Moment besteet de Club nëmme méi aus 21 Memberen nodiem mir, mat grousem Bedauern, den 01.Juni eisem verdéngstvollen Éierepräsident Dick GEDINK hu misst fir ëmmer äddi soen. Hien, mat sénger fläissegem Hänn, ass den Architekt vun eisem gemittleche Chalet an diem mir nach dacks un hië wäerten denken..

Zwéin Intressenten hunn ugeklappt fir Member ze ginn. No enger "Stagezäit" vun enger Saison entscheed déi nächst Generalversammlung dann iwwer dat definitivt Ophuelen als Member fir dien, niewt dem Bezuele vun enger Cotisatioun vu momentan 80.- €, d'Méie vun der Pist absolut Flicht ass. Propper an nett soll sech "De klenge Findel", wéi d'Pist vereenzelt genannt gëtt, dem Visiteur an dem Passant présentéieren. Dëst Jar hu mir d'Westzäit vum Chalet nei bebridert.

Den 28. Juni huet den AMC säi véiert Familljefest am Vugelsbësch gefeiert. 45 Erwuessener an 19 Kanner hu bei Superwieder ee schéinen Dag verbruecht. Vill schéi Modellfligeren hunn d'Pilote mat Houfert virgefouert. (Fotoen Sommer a Landung Klemm)

Zum Schluss wëll ech mech nach zefridde soen iwwer d'Kollegialitéit an d'Ambiance am Veräin, iwwer déi tolerant "Chrëstnecher Noperschaft" an iwwer d'Tatsaach, datt keen Accident mat Persouneschued passéiert ass.

An diem Sënn, Holm- und Rippenbruch!

Paul Mehlen, Präsident



"Chrëstnech aus 250m Héicht... méi héich wollt mäi Kopter net - du ass en heem geflunn!" Clément Steffen, de Fotograf





DE BADMINTON WALDBËLLEG SPILLT ENG GANZ STAARK 2. SAISON

CHAMPIONNAT 2014/15

De Badminton Waldbëlleg ass an senger zweeter Saison mat 8 Equippen ugetrueden. Nodeems di 1. Seniorsequippe dat lescht Joer de Sprong an di 3. Divisioun gepackt hat, geet de Wee no uewen virun, konnt dach Enn Mee nees eng Opstigsplaz gefeiert ginn. Souverän ginn Slaven Andrasic, Lars Zander, Luc Schmidt, Kim Poiré, Claudine Parisot a Michèle Havé (...) Champion vun der 3. Divisioun, sou dass se 2015/16 schonn an der 2. Divisioun spillen! Allerdings falen Slaven Andrasic, deen de Veräin wiesselt, a Claudine Parisot, verletzungsbedéngt ewech. Bei den Hären konnt mam Maxim Levitin aus Sankt Petersburg ee Spillertrainer engagéiert ginn, bei den Dammen awer ass bis dato nach kee gläichwäertegen Ersatz fonnt ginn.

Di 2. Härenequipe konnt an der 4. Divisioun nach net uewe matspillen, dëst ass awer d'Ziel an der nächster Saison, ëmmerhin wiesselen 2 spillstaark bulgaresch Hären bei eis an ab Dezember 2 jonk dänesch Talenter.

Um Jugendchampionnat hu 6 Equippen deelgeholl. D'Superminimes ronderëm Kim Schmidt a Louis Moyen koume punktgläich mat Déifferdeng op di 2. Plaz an hunn de lëtzebuerger Championstitel nëmme ganz knapp verpasst. Ufank Juni dann hu se Revanche an der Coupe geholl an hu noeneen mat Déifferdeng an der Halleffinall an duerno mat Kielen an der Finall an der Coque di zwou bescht lëtzebueger Jugendequippen geklappt. Dësen erstaunleche Succès weist, dass de Badminton Waldbëlleg zumindest am Jugendberäich zu den Top-Adressen hei am Land zielt.

Eng gutt Saison hunn och di 2 Minimes Equipe gespillt, koumen sie dach op di drëtt respektiv di fënneft Plaz. Di méi eeler Jugendspiller si weider beméit, insbesonnesch op techneschem Plang, de Retard opzehuelen, deen si am Verglach zu Spiller aus anere Veräiner hunn, déi schonn eng Rei Joren Badmintontraining um Bockel hunn.




Coupegewënner: Kim, Yann, Louis, Maurane, Lara, Guillaume, Jil (vu léns no riets)

Nieft dem Coupegewënn sinn insbesonnesch di individuell Landesmeeschtertittlen vum Jil Winandy am Einzel bei de Bambinis a vum Kim Schmidt am Einzel an am Double bei de Superminimes bemirkewäert. Si sinn an hirer Kategorie also di bescht aus dem Land. Dëst hu se och op de Grand-Prix Tournéier gewisen, vill aner jonk Waldbëlleger konnten hei awer och iwwerzeegen. Dat ass dem Nationaltrainer Hargiono mëttlerweil opgefall a mam Kim, Louis a Julie hu mer well 3 Jonker um Kadertraining. Weiderer wäerten hoffentlech schonn di nächst Saison nokommen. Mam Maxim Levitin, Sarkis Agopyan a Luc Schmidt als Trainer sinn eis Jugendlech super encadréiert.

MASTERS AN DER WALDBËLLEGER SPORTSHAL

Nodeems mer an der 1. Saison ee Grand-Prix Tournéier op Waldbëlleg kruten, huet d'Badminton Federatioun Feluba eis an der leschter Saison ee Masters Tournéier zougesprach. Di bescht Seniorspiller aus dem Land hunn sech also an eiser Gemeng Rendez-vous ginn a se hu gudd Badminton sport gewisen. Insbesonnesch eise Jugendtrainer Sarkis Agopyan konnt sech an Evidenz setzen. Den 8. November organiséiere mer op e neis ee Grand-Prix, deen Datum heescht et am Kalenner rout usträichen. Hei sinn eis talentéiert Nowuesspiller ze gesinn, wa se géint di bescht Jonk aus den 22 anere Veräiner untrieden. Vu dass een vun der Buvette aus gutt op di 9 Terrainen gesäit an zudeems fir lessen a Gedrénks gesuert wäert sinn, steet engem flotten Badminton tag näischt am Wee.



D'Organisatioun war tadellos.



De Sarkis Agopyan wënnt d'A-Klass.

TRAININGSZÄITEN 2015/16

dënschdes a freides

17:00 – 18:15 Kanner bis ca. 12 Joer

18:00 – 19:30 Jugendlech

19:30 – 21:30 Erwuessen (Kompetitioun- an Hobbyspiller)

samschdes

10:00 – 12:00 organiséierten Training fir alleguer

sonndes

10:00 - 12:00 fräit Spill (virausgesat keen anere Veräin brauch d'Hal)

Zënter e puer Méint besteet eng Cooperatioun tëscht dem Waldbëlleger Badminton an Tarforst Tréier. An Zukunft si gemeinsam Trainingen a Stage geplangt. Eis bescht jonk Spiller wäerten ëfters Tournéier an Däitschland spille goen, zesumme mat deenen vun Tréier.

Ausféierlech Informatiounen op www.badmintonwaldbillig.lu

Merci eisen Haptsponsoren: Entrapaulus, Wormeldange-Haut an Immo Tavares SA, Larochette.





FRAEN VU CHRËSTNECH

Mir haten eis Generalversammlung dest Joer zu Haler beim Ben am Restaurant Gudde Kascht.



Eise Brunch organiséiere mir am Hierscht de 4. Oktober am Veräinsbau zu Chrëstnech. Mir hoffen, dass dir nees alleguer derbei sidd an e puer flott Stonne bei eis verbréngt.

E groussen Succès ass den Atelier bei deem jidderee wëllkomm ass fir u sénger Handaarbecht ze schaffen. Wann dir Spass hutt fir bei eis matzemaachen da mellit lech beim **Andrée Henx Tel:691375901** oder **henxa@pt.lu**

Mir wënschen iech nach e schéine Summer an hoffen lech op eisem Brunch oder am Atelier ze begréissen.

De Comité








Bas du kreativ?

Wëlls du bitzen?

Strécken?

Boshi'en häklen?

Dëch austauschen?...




Da komm an...

Den Atelier

All zweeten Dënschden (ab dem 6.10.2015),

am Veräinsbau zu Chrëstnech,

20h00-22h00



Org.: Chrëstnecher Fraen

Umellen: 691230378



« JONK AN AL WALDBËLLEG » SETZT SICH FÜR WEITERE ANGEBOTE EIN

Aktiv im Interesse der älteren Mitbürger

Präsident Pierre Majerus eröffnete die diesjährige Jahreshauptversammlung von « Jonk an Al Waldbëlleg » und dankte den Mitgliedern für die mannigfache und wertvolle Arbeit, die sie im Laufe des vergangenen Jahres geleistet hatten. Pierre Majerus unterstrich die ausgezeichnete Zusammenarbeit mit der Gemeindeverwaltung und teilte mit, dass beständig neue Projekte in Planung seien, getreu dem Motto: « Das Alter in die Mitte der Gesellschaft holen ».

Aus dem detaillierten Bericht von Sekretärin Irène Schmit-Dahm ging hervor, dass eine ausgezeichnete Arbeit geleistet wurde ; sie ging besonders auf folgende Aktivitäten ein : Die Mitglieder trafen sich in neun Portes ouvertes, organisiert wurden ein « Choucrouste garnie – Owend », die « Journée du Grand Âge », ein Ausflug nach Reims, eine Reise von vier Tagen an den Achensee, die Besichtigung des Weihnachtsmarktes in Koblenz, die « Chrëschtfeier » in der Cafeteria sowie der « Pilgerdag » in die Oktave. Nachdem Kassiererin Marianne Diederich-Meyers einen positiven Finanzbericht vorgetragen hatte, streifte Irène Schmit kurz die Aktivitäten 2015: « Portes ouvertes », die Feiern anlässlich der verschiedenen Feste, die « Journée du Grand Âge », die Weihnachtsfeier sowie verschiedene Ausflüge.

Bürgermeister Jean-Luc Schleich unterstrich die Wichtigkeit des Vereins, dessen Ziel es sei, die Mitglieder zusammenzubringen, gemeinsam zu arbeiten und zu organisieren, sich auszutauschen, miteinander zu lachen und sich zu unterhalten. Die Pflicht der Gemeinde sei, die Gemeinde seniorengerechter zu gestalten und die Lebensqualität der älteren Mitbürger zu verbessern. Dieses Ziel wollten die Gemeindeverantwortlichen, gemeinsam mit « Jonk an Al », anstreben.

Der Vorstand: Präsident : Pierre Majerus ; Sekretärin : Irène Schmit-Dahm ; Kassiererin : Marianne Diederich-Meyers ; Mitglieder : Pierre Diederich, Brigitte Mair-Schomers, Céline Schaaf-Petry, Raymond Schaaf ; Kassenrevisoren bleiben Edouard Lies und Pierre Walch.

Anschließend an die Generalversammlung erzählte der Autor Erny Lamborelle aus seinem Buch « Firwat? » und unterhielt sich mit den Anwesenden über die Schicksalsschläge seiner Familie im Zweiten Weltkrieg. « Firwat? » ; diese Frage stellt sich bei der dramatischen Geschichte einer luxemburgischen Großfamilie der Autor. Dabei werden die völlig unterschiedlichen Schicksale von drei zwangsrekrutierten Söhnen sowie die Folter und Hinrichtung von Vater Ernest und seiner zwei ältesten Söhne geschildert. Im Mittelpunkt steht die Mutter Marie, die mit ihren vier minderjährigen Kindern über einen Monat lang mitten unter den SS-Soldaten im eigenen Haus überleben musste. Zum Schluss unterstrich Erny Lamborelle, dass « Firwat » ein « Anti-Kriegs-Buch » sei, das bei den Lesern Ekel und Abscheu über die Untaten im Zweiten Weltkrieg hervorrufen solle, und so seinen Teil dazu beitragen solle, dass solche Gräueltaten uns in Zukunft erspart bleiben.

D.D.

Viele Mitglieder hatten sich zur Generalversammlung von « Jonk an Al – Gemeng Waldbëlleg » in der Cafeteria eingefunden

Foto : DENIS DIMMER





JOURNÉE DU GRAND ÂGE AN DER GEMENG WALDBËLLEG

FEIERN, JUBILÄEN UND KONVENIATE _ 21.03.2015 _ mywort.lu

E Samsdeg, den 20. März 2015, huet de Schäffen- a Gemengerot zesumme mat "Jonk an Al - Gemeng Waldbëlleg" hir traditionell Journée du Grand Âge gefeiert. No enger feierlecher Mass am Hentgesbau - zelebréiert vum Paschtouer Robert Kuzwela a gesonge vun de Gesangveräiner aus der Gemeng ënnert der Leedung vum Organist Henry Wickens - hunn de President vu Jonk an Al, Pierre Majerus, an de Buergermeeschter Jean-Luc Schleich d'Membre begréisst an de Jubilaren e Kaddo iwverrecht. Op der Lëscht fir geéiert ze ginn stoungen: Raymond Steinmetz (75 Jar), Bos Bouke, Martin Fantin, Peter Zeidler, Jos Donatelli, Josette Bruno-Wiwenis (80), Charel Seiwert, Triny Glesener-Müller, Sohie Weber-Tholl, Alice Engling-Jodocy (85), Jeanne Biel, Lily Tholl-Ruppert a Marthe Weydert-Koch (100).

D.D.





ENG UERGEL FIR WALDBËLLEG

Aus dem Projet gött Realitéit



UERGELFRËNN
WALDBËLLEG

Zejoer am "DE FUUSS" hate mir lech informéiert iwver de Stand vum Projet, eng Päifenuergel fir d'Waldbëlleger Kierch unzeschaffen. An der Tëschenzäit ass d'Renovatioun vun der Kierch bal fäerdeg, an duerno soll d'Uergel soubal wéi méiglech opgeriicht ginn.

D'DIENSTBACH-UERGEL ZU LOLLAR (D-HESSEN) – FÖRSTER & NICOLAUS, LICH (HESSEN) 2004

Wéi mir lech am Summer 2014 matgedeelt hunn, ass et äis mat der Hëllef vun eisem Uergelberoder dem Paul KAYSER (Organist an der lechternacher Basilika an an der Paterekierch an der Stad) gelongen, eng Gebrauchtuerger vu héijer Qualitéit an a bal neiem Zoustand ze fannen, dee fir den Dr Fritz DIENSTBACH vu Lollar bei Giessen (verst. 2006) gebaut an deelweis vun him matentwurf ginn ass.



Lénks: D'Uergel; Rechts: De renovéierten Ducksall, Foto vum 18. Juli 2015. D'Uergel ass 2,46 m héich a kënnt matzen op den Ducksall stoen, mam Spilldësch 2m vum Gelänner ewech. D'Schrëft MISERICORDIAS DOMINI IN AETERNUM CANTABO (Ech sangen éiweg dem Här seng Baarmhärzegkeet) iwver dem Bou hannen am Ducksall bleift vum Kiercheschëff aus nach liesbar.

192

D'Uergel ass engem Instrument aus dem 18. Joerhonnert am Diakonissenhaus zu Utrecht noempfongt ginn, dohier déi hollännesch Registernimm¹. Well si als Hausuerger entworfen ginn ass, vereent si vill verschidde Klangfaarwen op engem méiglechst klengen Raum. Den Dr Dienstbach huet awer gewosst, dass seng Uergel enges Daags vläicht an enger Kierch erklänge géif, dofir huet hien d'Méiglechkeet virgesinn, dass d'Vox Angelica 2' mat engem 8' Zungeregister konnt ersat ginn, an dat hu mir och wëlles (Krumhorn 8' aus enger Uergel vu Laubach (Hessen)).

RENOVATIOUN VUN DER WALDBËLLEGER PARKIERCH AN OPSTELLUNG VUN DER UERGEL

Zanter 2013 ass d'Waldbëlleger Kierch an der Prozedur fir als Monument Historique klasséiert ze ginn. Och wann dat kee Subside fir d'Uergel mat sech bruecht huet, mä just fir d'Gebailechkeete vun der Kierch, huet och d'Uergel d'Ufuerderunge vum Service des Sites et Monuments missen erfëllen. Deemno hu mir d'Genehmegung gefrot, an déi ass an engem Brëif vum **15. September 2014** vun der Kulturministesch Maggy Nagel accordéiert ginn.

¹ Manual I. :Prestant 8' (Diskant) - Holpijp 8' (Bass/Diskant) - Fluit 4' - Roerquint 3' - Gemshoorn 2' - Vox angelica 2' (Bass) ; Manual II. Viola da Gamba 8' - Zweiving 8' - Fluit 4' (Transmission) - Roerquint 3' (Wechselschleife) - Octaaf 2' - Terz 1 3/5' (Diskant) ; Pedal: Subbas 16' ; Koppeln: I-II, II-I, I-P, II-P

Den **16. März 2015** ass d'Uergel zu Lollar ofgebaut ginn a läit elo am Atelier vun Förster & Nicolaus zu Lich. De President vun den Uergelfrënn war bei der Ofbau dobeäi an huet vill Fotoe geholl, déi dann an der Generalversammlung den **20. Juni 2015** am Hentgesbau gewise gi sinn.

D'Renovatioun vun der Kierch ass nach am Gaangen, a soll wann alles gutt geet nach dëse Summer 2015 fäerdeg ginn. Ënner aneren ginn d'Wandmolereien aus dem fréien 20. Jorhonnert fräigeluecht, eng behënnertegerecht Entrée amenagéiert, an den Ducksall komplett nei gebaut fir d'Uergel ze droen. D'Uergel kënnt matzen an den Ducksall stoen, eng 2 m virum Gelänner. Well si relativ kleng ass, léisst d'Uergel och gutt Plaz um Ducksall fir d'Sänger. D'Aarbecht, fir d'Uergel opzestellen, gëtt vun der Firma Förster & Nicolaus ausgefouert. D'Uergel gëtt opgeriicht, soubal déi aner Aarbechten un der Kierch ofgeschloss sinn. Mir rechnen am Moment mat **ugangs Oktober 2015**.

FINANZÉIERUNG VUN DER UERGEL

De Präis vun der Uergel ass wéi zejoer schonn ugekënnegt vun 59.000 €. Mam Opbau kënnt de Gesamtpräis op eppes méi wéi **75.000 €**. Bis elo hu mir mat eisen Efforten, d'Keess ze fëllen, op d'Leit vu Waldbëlleg an Haler konzentriert, an op fréier Residenten vun eisen Uertschaften. Op déi Manéier hu mir an deene leschten 2 Joer bal € 2.500 u Memberskaarte verkaaft, wat beweist, dass de Projet vun de Leit gutt opgehoill gëtt. Dofir soe mir eise Memberen nach eng Kéier härerlech Merci.

Mam Kaf a mat der Opstellung vun der Uergel sinn d'Ausgabe vun den Uergelfrënn Waldbëlleg awer laang net eriwwer. Esou e wäertvoll Instrument muss nämlech ënnerhale ginn, an dat jorelaang. Eisen Organist hofft, mat e bësse Chance nach 20 Joer kënnen ze spillen, mä esou eng Uergel ka 50 oder 100 Joer nach gespillt ginn.

An den nächste Méint wäerde mir also eng Heeschbréif-Aktioun ufänken. D'Bréiwer gi fir d'éischt hei an der Gemeng ausgedeelt, an och un eis aner Memberen hei am Land verschéckt. Infoziedele kommen ë.A. an déi aner Kierche vum Parverband Miersch/Fiels. Och eis Kontakter an der engleschsprochegeger Gemeinschaft wäerten ugeschriwwen ginn.

Wann d'Uergel bis steet wäerte mir och eng Serie vu Concerten mat Uergelrecitalen, Chouermusek asv. organiséieren. Dir gitt mat Zäit doriwwer informéiert. Also komme mir mat eise Projet gutt virun a kënne e geschwé realiséieren. Mir hoffen, an der restauréierter Kierch mat der Uergel fir den néidege Klank ze suergen.

De Compte vun den Uergelfrënn Waldbëlleg Asbl. ass den **LU52 0019 2900 0034 7000 (BCEE)**.

All Don vun iwwer 50 € ka vun de Steieren ofgesat ginn. Dofir geet een op de Website vum Fonds Culturel National <http://www.focuna.lu/fr/Promesse-de-don>, fëllt den Online-Formulaire 'Promesse de dons' aus a schéckt e fort. Den FCN schéckt lech duerno den Numero vum Compte, wou Dir d'Sue sollt iwwerweisen. Vun do gëtt den Don un äis virugeleed.

Mir soen iech fir Är Ënnerstëtzung en härerleche Merci!

De Comité:

Henry WICKENS, Präsident/Organist
Fons SCHINTGEN, Keessier
Marcel EWERS, Member

Daniel MANTRISI, Sekretär
Abbé Robert KUZWELA, Member
Martine DE NUTTE-HANSEN, Member



MIR DE MËLLERDALLER MÄNNERCHOUER

sënn dee klenge Sängergrupp, mat sengem treie weibliche Supporterclub, deen allzäit äerdeg an erfreet sou munnech Ouer mat sengem véierstëmmege Repertoire erfreet. Zanter 20 Joer sange mir zesumme fir Spaass ze hunn an eis um soziokulturelle Liewen an der Regioun ze bedeelegen.

Samschdeg den 18. Oktober 2014 hu mir eisen 20. Grënnungsdag gefeiert. Eng nei Tenue, aus Jackett a Krawatt mat eisem neie Logo drop, guffe frëndlecher Weis vun der Gemeng finanziell ënnerstëtzt. Ënnert dem Motto 20vir20fir20Joer hate mir d'Frënn vum Mëllerdaller Männerchouer op Crëschtnech an de Veräinsbau agelueden, fir un eisem Jubileumsconcert mat Lëtzebuurger Lidder deel ze huelen. Eng Hameschmier oder e regionale Kéistreller an e risege Gebuertsdayskuch (vum Bäcker Jeitz) hunn deem flotten Owend eng kulinarisch Nout ginn. E besonnesch gudden Uklang huet deen zweeten Deel vum Owend fonnt, wou jiddereen no Häerzensloscht duerft matsangen. Dofir nach eemol een häerzleche Merci deenen déi bei dem flotten Owend matgewierkt hunn. Den 29. September 2014 hu mir un de Feierlechkeeten zur Erënnerung un d'Rundstedtoffensiv am 2. Weltkrich zu Waldbëlleg deelgeholl a mat e puer Lidder (an der Heemecht) zur Verschéinerung vum Dag bäigedroen.

Eise mëttlerweil traditionelle Chrëschtconcert mat der Waldbëlleger Musek hate mir de 07. Dezember zu Crëschtnech an der Kierch. Eis opgestallte Sammelkëscht huet et eisen zwee Veräiner erlaabt der ALA - Association Luxembourg Alzheimer een Don vun 800 Euro ze iwwerweisen. Den 12. Dezember hate mir dann nach e flotte Chrëschtoprëtt mat dem Marie-Josée Wirtgen senge Butze Kolibri (Kolibri-Butzen) zu Hiefenech an der Kierch.

Op der Antoniuskiermes zu Beafort hu mir de 25. Januar 2015 de passende Publikum fonnt fir eisen 2015er Programm ze presentéieren. Den dësjäregen Highlight awer hate mir de 27. Mäerz 2015 bei engem Concert mat der lernsdreifer Spillschoul. Bei schwongvolle Kannerlidder wore Mammen a Pappen, Bomen a Bopen an och mir räif Sänger matgerappt vun de Kanner, déi hiert Besch ginn hunn, fir e gesellegen Nomëtten an hirer Schoul ze gestalten. Natierlech hu mir den 21. Juni 2015 och dëst Joer nees am Kader vun der Fête de la Musique am Hospice Civil zu lechternach eisem Publikum vum drëtten Alter eng Freed dierfe maachen.

Jo mir sinn aktiv a wëllen et och bleiwen an hunn dofir nach fir dëst Joer am August eng Rees mam Schëff op Rüdesheim, e Lëtzebuurger Owend zu Biereng bei Miersch, natierlech och eisen traditionelle Chrëschtconcert mat der Waldbëlleger Musek an e Concert mat de Kolibrien Enn dës Joers geplangt.

Mir wëllen hei nach eemol opruffe fir bei eis matzesangen. Jo, jidderee ka sängen, a sécher fënnt sech déi eng oder aner Männerstëmm, déi mat eis zesumme prouwen an opriede wëll, a sou der Regioun vum zukünftigen Naturpark Mëllerdall hir mëttlerweil schonns traditionell Mëllerdaller Männerstëmmen erhalen hëlleft.

Dofir mell dech bei eisem **President Claude Hansen (claude.hansen@education.lu; GSM 661721313)**

EIS MEMBEREN

Aktuell Memberen, déi freides owes zu Chrëstnech am Veräinsbau zwou Stonnen zesumme sängen:

Bernard Charel, Chrëstnech (Caissier)
Colbach René, Hiefnech (Éierepresident)
Hansen Claude, lechternach (President)
Hansen Emile, Wellerbaach
Kerschen Erny, Petteng (Comité)
Kieffer Marcel, Hiefnech (Comité)
Konsbruck Thierry, Uewerdonwen (Pianist)
Majerus Pierre, Chrëstnech
Mehlen Pol, Chrëstnech

Müller Ludwig, Chrëstnech
Origer Jemp, Konsdref (Dirigent)
Pizzaferr Erny, Noumer
Pletschette Camille, Miersch
Schumacher Dietmar, Waldbëlleg
Schiltz Louis, Haler (Sekretär)
Schintgen Fons, Waldbëlleg (Comité)
Schneider Will, Beafort
Tobes Nic, Chrëstnech (Comité)
Wickens Henry, Waldbëlleg





CLUB DES JEUNES CHRISTNACH

12/11/2014

Den Club des Jeunes hat am Januar seng Generalversammlung wou nei Comitésmembere gewielt goufen. Des ass den Comité vum Joer 2015:

Vize-Präsident: Weiler Bob
Sekretärin: Henx Liz
Caissier: Claes Philippe
Memberen: Becker Laurent

Den Club des Jeunes hat dëst Joer och rëm eng ganz Partie vun flotten Aktivitéiten, ënner anerem:

Am September hunn mer Kleeder duerch ganz Gemeng agesammelt an op Miersch gefeuert.



Am Dezember waren mer um Foot For Fun, den vum Fussball organiséiert gouf.

Dann hunn mer rëm fir Chrëschtmetten bei der Kierch Glühwäin, Schoki an Stollen verdeelt.

Zesammen hunn mer Silvester am Veräinsbau gefeiert.





Dëst Joer waren mer och rëm op Cavalcade (Dikrech, Esch an Réimech) mam Thema:
Et muss gespuert gin. Den Won an eis Kleeder goufen vun eis Selwer aus Recycling Material gemach.





Fir d'Buergbrennen sin mer och wei all Joers duerch Chrëschtnech Brennmaterial asammle gaangen an hunn warm Wirscherscher an Glühwäin verdeelt. Sonndesowes gouf dann och Buerg verbrannt.

Den 21. März war eisen traditionellen Indica-Tournoi an Owes den Knëppelbal wou vill lass war. Mir hoffen dass dir och nächst Joer derbäi sidd.





Mir waren um Landjugenddag zu Héiweng



Um Millefest hunn mer och dëst Joer rëm matgeholf.

Dann haten mer nach flott Owender am Club wei z.B. Cocktailowender, Mario-Kart-Tournoi, Grillowender,...

Wanns du Loscht hues bei eis an den Club ze kommen an zwëschen 15 an 35 Joer bass, dann komm Freides ab 9 Auer bei eis an den Clubsall oder mell dech iwwer Facebook (CDJ Christnach) fir weider Informatiounen.

Zu gudder Letzt wëllen mir all eisen Memberen an all deenen Leit Villmols Merci soen déi eis iwwert Joer ëmmer ënnerstëtzen fir dat mir flott Aktivitéiten organiséieren an ënnerhuelen kënnen.




De CDJ



200

KU
L
TU
R

CULTURE





WALDBËLLEG
D'GEMENG

MIR ERËNNEREN EIS! VIRU 70 JOER ...

DE SCHÄFFEROT AN DEN AARBECHTSGRUPP "70 JOER
ARDENNENOFFENSIV" LUEDEN IECH GANZ HÄERZLECH AN
FIR UN DE COMMÉMORATIUNSFEIERLECHKEETE
VUN DER ARDENNENOFFENSIV DEELZEHUELEN.

VUM 27.-30. NOVEMBER 2014

MIR WËLLEN EIS ERËNNEREN UN DÉI SCHRECKLECH ZÄIT
AM KRICH A GEDENKEN ALL DEENE LEIT, DÉI AN DËSER
SCHLUECHT HIERT LIEWEN HÛ MISSE LOOSSEN.



MIR SI FROU, IECH BEI DER
COMMÉMORATIOUN 2014
WËLLKOMM ZE HEESCHEN!

DONNESCHDEG, DE 27. NOVEMBER 2014

UM 20.00 AUER AM HENTGESBAU ZU WALDBËLLEG
Projektion vum Film: „The battle of the Bulge - World War II's
deadliest Battle“ - Amerikaneschen Dokumentarfilm - 90 min.
a Lëtzebuerger Iwwersetzung.

FREIDEG, DEN 28. NOVEMBER 2014

VUN 19.30 BIS 23.00 AUER AN DER SPORTSHAL ZU WALDBËLLEG
Vernissage vum der Ausstellung „Dezember 1944 -
D'Ardennennoffensiv (Rundstedtoffensiv) an eiser Gemeng“,
duerno Eierewäin.

SAMSCHDEG, DEN 29. NOVEMBER 2014

VUN 10.00 BIS 18.00 AUER AN DER SPORTSHAL ZU WALDBËLLEG
Visite vum der Ausstellung „Dezember 1944 - D'Ardennennoffensiv
(Rundstedtoffensiv) an eiser Gemeng“.

UM 18.30 AUER AN DER "RUE LAACH" ZU WALDBËLLEG
Erënnerungsfakelzuch bei d'Krichsmonumenter vu Waldbëlleg.
De Plang vum Fakelzuch gesitt Dir hei lénks niewendrun.
Déi respektiv Stroosse sinn déi Zäit fir de Verkéier gespaart.

GËINT 19.30 BIS 23.00 AUER AN DER SPORTSHAL ZU WALDBËLLEG
Offiziell Commémoratioun, duerno Eierewäin.

SONNDEG, DEN 30. NOVEMBER 2014

VU 14.00 AUER BIS 17.00 AUER AN DER SPORTSHAL ZU WALDBËLLEG
Visite vum der Ausstellung „Dezember 1944 - D'Ardennennoffensiv
(Rundstedtoffensiv) an eiser Gemeng“.

UM 15.00 AUER AN DER SPORTSHAL ZU WALDBËLLEG
Projektion vum Film: „The battle of the Bulge - World War II's
deadliest Battle“ - Amerikaneschen Dokumentarfilm - 90 min.
a Lëtzebuerger Iwwersetzung.



70 JOER ENN VUN DER ARDENNENOFFENSIV (RUNDSTEDTOFFENSIV) AN EISER GEMENG – DEZEMBER 1944.

MIR ERËNNEREN EIS!

De 16. Dezember 2014 waren et genee 70 Joer hier, datt eis Gemeng ënnert der schrecklecher Ardennenoffensiv (*am Sproochgebrauch och Rundstedtoffensiv genannt*) gelidden huet. Nodeems den Naziregim mat enger leschter Grousoffensiv am Westen versiche wollt, déi onëmgänglech Defaite awer nach ze vermeiden, hu sech an engem schreckleche Gemetzel dausende vu jonken amerikaneschen an däitschen Zaldote bei eis Enn Dezember 1944, an der Chrëschtzdagszäit (virun allem zu Haler awer och zu Waldbëlleg an am Mëllerdall) bekämpft. Vill Leed an Dout sinn an där Zäit iwwert eis Gemeng komm. Obwuel ee gemengt hat, datt de Krich bal op een Enn goe misst, huet en am Dezember 1944 awer nach eng Kéier seng schrecklech, zerstéieresch an déidlech Fratz gewisen.

Déi Leit aus eiser Gemeng, déi déi Zäit hu misse materliewen, wësse vun där däischerer Periode aus der Geschicht vun eiser Gemeng ze verzielen.

D'Erënnerung un all déi jonk Zaldoten an un all déi zivil Leit, déi hiert Liewen an där Schluecht verluer hunn, d'Erënnerung un all déi Zerstéierung an dat Leed, wat d'Ardennenoffensiv bruecht huet, ass eis staatsbiergerlech Pflicht! Et ass eis wichteg, datt mir de Message viru ginn un déi nächst Generatiounen, datt Krich ni eng Léisung ka si fir Konflikter ze léisen. Krich bedeit d'Verseue vun all Verstand a weist zu wéi enge schrecklechen Handlungen de Mënsch fähig ass. Et ass d'Aufgab vun eis all, fir derfir ze suergen, datt eis Geschicht net vergiess gëtt, fir, datt d'Affer vum Dezember 1944 net ëmsoss waren. Et ass eis Aufgab, derfir ze suergen, datt aus der Geschicht vun deemools geléiert gëtt.

D'Gemeng Waldbëlleg huet sech a verschiddene Commémoratiounsfeierlechkeeten vum 27. bis den 30. November 2014 un déi schrecklech Zäit erënnert.

Am März 2014 koum ee klengen Aarbechtsgrupp beienee fir d'Erënnerung un déi Zäit héich ze halen, an een Zeechen ze setze géint de Krich. De Schäfferot huet déi Iddië komplett ënnerstëtzt. Nieft der Organisatioun vu verschiddene Feierlechkeeten hat de Grupp d'Iddi, fir déi verschidde Gedenkplazen an der Gemeng ze renovéieren an op deene Plazen Informatiounspanneau'en opzeiichten, wou den interesséierte Mënsch a 4 Sproochen den historiesche Kontext vun den Evenementer vu viru 70 Joer resuméiert kritt. Zu Haler beim Monument gëtt erklärt, wat bei eis an der Gemeng am Dezember 1944 geschitt ass. Zu Waldbëlleg beim Steen, vis-à-vis vum ale Gemengenhaus ginn nieft engem statisteschen Deel och d'Nimm vun all deenen zivile Leit aus eiser Gemeng opgezielt, déi am 2. Weltkrich hiert Liewe verluer hunn. Zu Waldbëlleg op der Kopp, op der Frontlinn beim Monument, wou d'Rundstedtoffensiv bei eis an der Gemeng gestoppt konnt ginn, gëtt beschriwwen, wat d'Zilsetzung vun der Ardennenoffensiv war, a wéi se glécklecherweis gescheitert ass. Den Organisatiounsgrupp war der Meenung, datt déi Gedenkplazen d'Erënnerung nach méi lieweg halen, wann de geschichtleche Kontext erklärt gëtt. Wann een sech komplett informéiere wëll, da sollt een zu Haler mam Panneau ufänken, an da weiderfueren zu Waldbëlleg an der Reiefolg, wéi virdun opgezielt.

Op der Säit hei virdun ass de Programm vun de Commémoratiounsfeierlechkeeten. Op de Säiten 203-218 kënnt Dir lech een Androck maachen vun de Feierlechkeete vum November 2014. Op de Säiten 219-228 kënnt Dir dee kompletten Tagebuchbericht noliesen, deen den Arthur Funck vu Waldbëlleg, deemools 46 Joer al, iwwer seng geliefte Momenter an der Rundstedtoffensiv geschriwwen huet. Et ass dëst seng Siicht vun den Evenementer, wéi hien se erlieft huet. De Buergermeeschter huet a senger Ried vum 29. November 2014 kuerz doraus zitéiert. Hei kënnt Dir elo no dësem Artikel de komplette Bericht liesen, wéi en am Buch „Kriegsereignisse im Frontsektor der Untersauer“ vum Fred Karen vun 1989 publizéiert ginn ass.

Dës impressionant an ergräifend Commémoratiounsfeierlechkeete waren nëmme méiglech duerch d'Mathëllef vun enorm ville Leit, déi mat Häerzblutt ugepak hunn. Ech ginn duerno nach wieder dorop an, mais hei scho wëll ech alle Bedeelegten ee ganz groussen an häerzleche Merci soen! Dat, wat Dir all geleescht hut, ass immens gewiecht! Et war einfach schéin ze gesinn, wéi praktesch eng ganz Gemeng ugepak huet, fir, datt d'Erënnerung héich gehale konnt ginn. Bal all Veräin, immens vill Privatleit a Frënn vun

Auswäerts hu gehollef. Dat war geliefte Gemeinschaft a Solidaritéit, an ech hat d'Gefill vun enger Zesummegehéieregkeet, wéi ech dat well laang net méi erlieft hunn.



DONNESCHDEG, DE 27. NOVEMBER 2014 – FILM „THE BATTLE OF THE BULGE – WORLD WAR II'S DEADLIEST BATTLE“.

Um 20.00 Auer hate sech eng 60 Leit um Hentgesbau afont fir de Film „The battle of the Bulge – World War II's deadliest Battle“ (90 min.) ze kucken. Dësen amerikaneschen Dokumentarfilm vun 1994 vum Lennon Thomas gouf op Lëtzebuergesch iwwersat a weist op eng ganz realistesch Weis, wat d'Hannergrënn vun der Ardennenoffensiv waren, wéi déi Schluucht verlaf ass a wéi leedvoll déi Zäit fir Zaldoten an d'Zivilbevëlkerung war.

Dës Film war déi richteg Introduktioun fir de Commémoratiounsweekend, an huet op eng eklatant Aart a Weis de Schrecke vum Krich duergestallt. Archivopname vun der Front, Temoignagé vum Zaldoten a Betraffenen hunn de Leit am Sall d'Ardennenoffensiv méi no bruecht.

Nom Film huet een d'Betraffenheet an de Gesichter vun de Leit gesi kënnen. Ouni grouss Wieder an Diskussiounen war nom Film gläich kee Mënsch méi do. De Film huet de Krich gewisen, wéi en ass – Schrecken, Leed an Dout!



204 FREIDEG, DEN 28. NOVEMBER 2014 – VERNISSAGE VUN DER AUSSTELLUNG „D'ARDENNENOFFENSIV AN EISER GEMENG 1944“.

Dënschdes, de 25. November 2014 war d'Sportshal ee grousst oppent Sportsfeld, wou deen Dag virdrun d'Schoulkanner nach geturnt hunn. Moies an aller Fréi koum eise Fieschter mat senge Leit, d'Gemengenaarbechter a verschidde Membere vum Organisationsgrupp beienee, fir aus där Sportshal ee Raum ze maachen, dee passend war fir déi impressionant Fotoen- a Materialausstellung, déi vu Freides bis Sonndes gewise gouf.

Am Virfeld war sech am Organisationsgrupp laang Gedanke gemaach ginn, wéi een eng thematesch Ausstellung vu Fotoen an Dokumenter kéint organisieren, déi all d'Facettë vun der Ardennenoffensiv a vum 2. Weltkrich am Allgemenge bei eis an der Gemeng duerstelle géif. Et ass versicht ginn, fir de geschichtleche Kontext ze erklären, andeems een Deel vun der Ausstellung Erklärunge ginn huet iwwer dat, em wat et bei der Rundstedtoffensiv gaangen ass. D'Ausmooss vun der Zerstéierung vun där Schluucht, déi hefteg zu Haler an zu Waldbëlleg getoobt huet (zu Chrëstnech ware bal keng gréisser Schied un den Haiser) ass duergestallt ginn, mat enger Foto aus dem Krich, an direkt derbäi eng Foto vun de selwechten Haiser wéi se haut sinn. D'Leide vun den Zaldoten an hiert Material gouf gewisen. Een Deel vun der Ausstellung huet sech mat den Affer ënnert der Zivilbevëlkerung beschäftegt, an ee weideren Deel mat dem Leed vun deene Leit, déi am KZ oder soss gelidden hunn. All Facettë vun de Schrecke vum Krich goufen duer-

gestallt, all Kéier mat Bezuch op d'Gemeng Waldbëlleg. Fotoen an Dokumenter eleng ausstellen ass net duer gaang, an duerfir hate mir d'Chance, datt verschidde Leit aus der Gemeng selwer Krichsmaterial sammelen. Dës Sammler hunn och nach Kollege motivéiert, déi eis vill schéi Saache vun Alldagsgeschier, iwwert Uniforme bis hin zu Gefierer aus där Zäit geléint an ausgestellt hunn. Esou konnte verschidde Szenarie gebaut ginn, déi dat, wat d'Fotoe gewisen hunn, lieweg gemaach hunn.

Vun Dëschdes bis Freides Mëttes hunn d'Sammler, Gemengenaarbechter, de Fieschter a seng Leit an d'Kollegen aus dem Aarbechtsgrupp bis an d'Nuecht erageschafft, fir eng Ausstellung opzeriichten, déi sech weise konnt loosse. Sie all hu mat enger Leidenschaft an engem Äifer doru geschafft, wéi ech et seelen erlieft hunn. Och nach esou kleng Detailer hu si versicht authentesch duerzestellen. Fir hier Aarbecht kann ech hinnen net Merci genuch soen. Deen een an anere Kolleg huet praktesch vun Dëschdes bis Sonndes Owes an der Hal gelieft an och d'Nuechten do verbruecht. Et ass immens schued gewiescht, datt Sonndes Owes, den 30. November déi vill Aarbecht vun e puer Deeg geraumt ginn ass, a scho Méindes Mëttes konnt d'Schoul d'Hal rëm notze fir ze turnen, wéi wann Näscht gewiescht wier. Alle Kolleginnen a Kollegen, Alle Sammlerinnen a Sammler a Jidderengem, deen un der Ausstellung gehollef huet wëll ech een ganz häerzlechen a grouse Merci soen! Är Ausstellung war einfach nëmmen dat Allerbescht an ech weess, wéi vill net gezielte Stonnen Dir doru geschafft hutt – Bravo! Alle Sammler, déi eis ganz gentil an onkomplizéiert hir Gefierer an aner Ausstellungstécker zur Verfügung gestallt hunn, sief hei och ee grouse Merci gesot. Är Saachen hunn d'Ausstellung nach méi lieweg gemaach a vill Leit konnte sech vu no ee Bild vum Krichsmaterial vun deemools maachen.

Freides Mëttes vu 14.00 Auer bis 16.00 Auer waren et d'Schoulkanner aus de Cyclen 3 a 4 (4. – 6. Schouljoer), déi mat hiren Enseignanten als alleréischt d'Méiglechkeet haten, fir sech d'Ausstellung unzekucken. Et war dem Organisationsgrupp wichteg, datt d'Schoulkanner maximal an d'Commémoratioun agebonne gi sollten. De Message vun der Erënnerung soll vu Generatioun zu Generatioun virugedroe ginn.

Um 19.30 Auer Owes war déi offiziell Ouverture vun der Ausstellung. No enger kuerzer Begréissung vun de Leit an den Éieregäscht duerch de Buergermeeschter, huet d'Madame Jacqueline Penning de Gäscht den Opbau vun der Ausstellung erklärt. Vill Interesséierter hate sech Freides Owes an der Sportshal afontt, a konnten sech a Rou d'Ausstellung bei engem Patt ukucken. Vill interessant Gespréicher sinn deen Owend gefouert ginn, an d'Leit kruten déi néideg Erklärungen zur Ausstellung vun de Membere vum Organisationsgrupp a vun de Sammler, déi hiert Material ausgestellt hunn.









SAMSDËS, DEN 30. NOVEMBER 2014 – DEN HAAPTDAG VUN DE COMMÉMORATIIONSFEIERLECHKEETEN

Moies, géint 9.00 Auer, hu sech ëmmer méi historesch Militärgefeller zu Waldbëlleg afontt. Jeepen a Camion'en sinn zu ëm déi 28 Stéck bei de Bushangar bei der Sportshal komm, wou se vum Buergermeeschter begrüsst gi sinn. Verschidde Clibb aus dem Land hunn eis d'Éier gemaach, fir bei eise Commémoratiionsfeierlechkeeten derbäi ze sinn, d'Greyhounds vu Péiteng, de CVM vu Steesel, d'Amicale Band of Brothers an d'Quadriga vu Walfer. Et ass immens schéi gewiescht, fir sech déi Gefierer, déi mat vill Léift zum Detail vun hire Besëtzer renovéiert gi sinn, vun no unzekucken, an et ass ee seltend Bild gewiescht, fir esou vill där historescher Vehikele virun der Sportshal ze gesinn. D'Wieder huet et gutt mat eis gemengt – et war dréche kal an et sollt keng Drëps Reen falen deen Dag. Et brauch net erwähnt ze ginn, datt den Aarbechtsgrupp dat net esou organiséiere konnt mam Wieder. Hei hate mir einfach mol Chance!

Mat Kaffi a Croissant ass sech fir den Dag gestärkt ginn, an de Programm fir den Dag ass duerchgeschafft ginn. Et sollt nach ee laangen, awer ganz interessanten Dag ginn. Géint Mëtteg konnten eis Gäscht sech bei enger exzellenter Gulaschzop stäerken, déi Gaby Larry vun Haler fir eis gemaach huet.

Géint 13.30 Auer sinn ëmmer méi Eltere mat hire Kanner op de Site komm. D'Kanner an hir Elteren aus dem Cycle 4 (5. a 6. Schouljoer) goufen am Virfeld invitéiert, fir bei enger spezieller Aktivitéit matzemaachen. Et ass schéi gewiescht, datt esouvill Kanner an Elteren där Invitatioun op engem fräie Samschdegmëtten nokomm sinn. D'Kanner ware ganz begeeschtert vun de militäresche Gefierer, an hunn de Besëtzer Lächer an de Bauch gefrot iwwert dësen an deen Detail vun de Maschinnen. Lues awer sécher huet sech ee schéine Cortège vu Gefierer opgestallt, deen sech dunn mat gemittlechem Tempo iwwert de Freckeisen laanscht de Kelleschhaff a Richtung Seiterter Bësch zu Haler op de Wee gemaach huet. Et huet verschidde Leit eng stramm kal Léiftche laanscht d'Ouere geblosen op de Gefierer, mais d'Begeeschterung iwwert deen aussergewöhnlechen Ausflug huet déi Meescht déi Suerg vergiesse geden. Just Vereenzelter, déi wossten, datt dem Schaafs Raym seng historesch Ambulanz eng Heizung huet, si wéi een Här duerch d'Géigend gefouert ginn.

Am Seiterter Bësch bei Haler sinn 1944 schwéier Kämpf gefouert ginn. Vill Schützegrif a Lächer vu Granatenaschléi sinn nach haut op der Plaz ze fannen. Iwwert ee marquéierte Wee haten eise Fieschter a seng Leit een Zelt opgeriicht, an ee puer „Schwedeferien“ ugefaang. D'Kanner hunn sech mat hiren Elteren an allen anere Participante vum Convoi am a ronderëm d'Zelt an d'Feiere versammelt, wou sie vum Marcel Ewers vun Haler a vum Emile Hansen aus der Weilerbaach erkläre kruten, wéi d'Liewen als Bouf an der Zäit vum Krich war. De Marcel an den Emile hunn als Zäitzeien aus hirer Erënnerung geschwat an d'Kanner hu mat grousem Interessi nogelasscht. Op enger historescher Plaz hunn Zäitzeien vun deemools hier Erënnerung enger nächster Generatioun mat op de Wee ginn. Wéi am Fluch ass d'Zäit vergaang an den Emile an de Mars hunn de Kanner mat vill Gedold op hir Froe geäntwert. Dem Emile an dem Marcel sief op dëser Plaz ee ganz groussen an häerzleche Merci gesot fir hir Temoignagen.

Eise Fieschter a seng Leit haten dernieft zwee Schützegrif rëm hiergestallt an den Tom Sutor vu Waldbëlleg a säi Kolleg Daniel Reiland vun Huldang hu sech a voller amerikanescher Uniform an historescher Montur an de Grif placéiert, wéi deemools am Krich. Esou konnt de Kanner op eng bildlech Aart a Weis erkläre ginn, wéi ongemittlech, komplizéiert a geféierlech et war an esou engem Buedemlach em säi Liewen ze fäerten. Dem Tom Sutor an dem Daniel Reiland ee ganz groussen an häerzleche Merci fir hiren Asaz. Allebéid hunn sie duerno bei de Monumenter stramm gestan, an hunn domadder d'Feierlechkeet vun deem Ablack ënnerstrach.

De Convoi huet sech no bal 2 Stonnen nees op de Wee gemaach, an ass iwwert den Haler Flouer an d'Duerf gefuer bei d'Krichsmonument, wou eng Gerbe néiergeluecht gouf, an den Informatiionspanneau ageweit ginn ass. D'Sonnerie aux Morts gouf gespillt vum Alain Klein a Marco Pansin vun der Waldbëlleger Musek. De Marcel Ewers an de Camille Mathes vun Haler hunn de Panneau beim Monument devoiléiert.

Direkt duerno ass de Convoi iwwert de Flouer nees zréck an de Bushangar op Waldbëlleg gefuer, wou sech mam Rescht Gulaschzopp a Wirschtercher a Mettwurschte gestärkt ginn ass fir den Owend.

Géint 18.30 Auer hu sech an der Däischtert ëmmer méi Leit an der Rue Laach zu Waldbëlleg afontt, wou de Cortège sech organiséiert huet, dee un der Laach duerch d'Duerf bis op d'Bëlleger Kopp bei d'Krichsmonument sollt goen. D'Strooss war extra fir deen Owend gespaart ginn, sou, datt de Wee fir de Cortège fräi war. Ëmmer méi Leit si komm, bal all d'Veräiner aus der Gemeng

waren do mat hire Fändelen. D'Musek huet de Cortège ugefouert a musikalesch begleet. Sie haten extra kleng Liichtercher organiséiert, fir an der Däischtert spillen ze kënnen. D'Pompjeeën aus der Gemeng hu sech ëm d'Fakele bekëmmert, déi un d'Leit ausgedeelt goufen, déi eng wollten. Gutt iwwer 100 Leit haten herno eng Fakel am Grapp, an et war een impressionanten Zuch, deen sech do op de Wee gemaach huet. Vill Éieregäscht haten de Wee bei eis op Waldbëlleg fonnt. Ënnert hinnen d'Madame Minister Carole Dieschbourg an den Här Minister Nicolas Schmit, grad wéi den Här Deputéierten Léon Gloden, den Här Vizepräsident vun der Resistenzorganisatioun LPPD Nico Thill, Vertriederinnen a Vertrieder vun der LPPD Kanton lechternach, den Här Roland Gaul aus dem Musée national d'histoire militaire vun Dikrech an eng Rei Kolleginnen a Kollegen aus de Schäffen- a Gemengeréit aus de Gemengen aus der Regioun Mëllerdall.

Beim Krichsmonument vis-à-vis vum ale Gemengenhaus ass grad ewéi zu Haler och eng Gerbe néiergeluecht ginn. De Panneau ass devoiléiert ginn vun der Madame Jeanne Huss-Medernach an der Madame Josette Pinnel, ënnerstëtzt vun zwee jonken Hären, dem Jerry an dem Lex Huss. D'Sonnerie aux Morts war och hei um Programm. Ronderëm haten sech déi militäresch Gefierer an den Afahrten vun den Haiser stationéiert. Ech muss soen, datt et eng ganz beandrockend an ergräifend Atmosphär war, mat all de Leit, dem Fakelliicht. Et ware ganz speziell Andréck, déi sech mir ganz staark an d'Memoire gebrannt hunn. Déi Momenter bei de Monumenter, wou verschidde Generatioune matenee vereent sech un d'Geschicht erënnert hunn, an dorun, datt Krich nie méi soll zrëckkommen, hunn engem deen Ament d'Gefill ginn, datt genee verstane ginn ass, wat déi sëlliche Monumenter uechter d'Land eis soe wëllen.

Laanscht d'Gemeng ass et erop op d'Bëlleger Kopp bis bei d'Monument gaang. Op där Plaz, déi historesch gesinn déi Plaz ass, wou bei eis an der Gemeng d'Ardennenoffensiv vun den amerikaneschen Truppe gestoppt ginn ass, hunn den Här Edouard Lies an den Här Alphonse Schintgen, allebéid vu Waldbëlleg, ënnerstëtzt vun de Gebridder Jerry a Lex Huss, eng Gerbe néiergeluecht an de leschten Informatiounspanneau devoiléiert. D'Resistenzorganisatioun LPPD aus dem Kanton lechternach huet direkt duerno och eng Gerbe néiergeluecht, zu Éieren vun alle Verstuerwenen, déi sech am Krich géint den Occupant gewiert hunn. Der LPPD Kanton lechternach sief fir hire schéine Gest ee ganz häerzleche Merci gesot op dëser Plaz.

Nodeems d'Sonnerie aux Morts eng weider Kéier beim Monument gespillt ginn ass, hunn d'Leit mat hire Fakelen ee Spaléier gebilt, wou déi militäresch Gefierer derduerch gefuer sinn. Am Fakelliicht war dat och ee Moment, deen engem eng Héngerhaut gemaach huet. De Cortège ass duerno an d'Sportshal virugaangen, wou d'Leit sech an der Wäermt op de Gradin'en Plaz geholl hunn. D'Pompjeeën, déi sech de ganze Cortège iwwer ëm d'Sécherheet bekëmmert hunn, zesumme mat der Police Grand-Ducale, hunn de Leit d'Fakelen ofgeholl a se ausgemaach.

An der Sportshal huet eng Chorale réunie vu Sängerinnen a Sänger aus de Chéier vu Chrëstnech, dem Mëllerdaller Männerchouer a Sang Mat Waldbëlleg-Haler fir déi passend musikalesch Begleedung vum Owend gesuert, ënner aanerem mam bekannte Lidd "Aus mengem Duerf gOUNG ech hier". De Buergermeeschter huet duerno déi offiziell Usprooch fir d'Commémoratioun gehal. Hien ass drop agaang, wéi wichteg et ass, sech regelméisseg, vu Joer zu Joer, a vu Generatioun zu Generatioun, un déi tragesch Momenter vun eiser Geschicht ze erënnere.

Nodeems de Buergermeeschter kuerz zitéiert huet aus den Tagebuchschreiwunge vum Arhur Funck vu Waldbëlleg (de ganze Bericht aus dem Tagebuch ass direkt hannert dësem Artikel op de Säiten 219-228 ze liesen), huet hie mat dëse Wieder ofgeschloss:

„Bei de Monumenter gi mir opgefuerdert nozedenken, wéi eng Gesellschaft mir wëllen, wéi eng Erzéiung fir eis Kanner, fir datt sou schlëmm Zäite wéi deemools net méi virkommen. Hei musse mer all hellhörëg ginn, fir all Unzeeche vu Viruerteeler, vu Veruechtung oder Aggressivitéit géintiwwer Mënschen, vun deene mer mengen, sie wäeren anescht.

Eis Denkmäler erënnere eis all Dag erëm un d'Wäerter vun der Demokratie an der Mënschlechkeet, an zugläich dorun, wéi zerbriechlech déi Wäerter dach sinn.

D'Gedenke bréngt „Gëschter“ an „Haut“ an ee Gläichgewicht. Och wa mir op dëser Commémoratioun no hanne kucken, sou ass se dach och een Ustouss fir déi haiteg Generatioun, fir aus der Vergaangenheet ze léieren an enger Welt, an där et nach vill ze vill bluddeg Konflikter gött.

Wéi erschreckend ass et fir 2014 misse feststellen, wéi d'Welt rëm schwéier an Onrou ass, an et op Plazen nees duerno ausgesäit, wéi wann d'Mënschheet onfäheg wier, aus de Feeler vun hirer Geschicht ze léieren. An dësem Moment, wëlle mir hei zu Waldbëlleg d'Stëmm vum Fridde sinn!

D'Erënnerung ass eng onbedéngt Flicht fir all Natioun. Et ass eis Pflicht de Verstuerwenen vum Krich gerecht ze ginn am Gedenken. Duerfir hu mir d'Liicht vun der Erënnerung brenne gelooss am Fakelzuch. An der Däischtert vun dëser Nuecht sollen déi honnert Fakelen, déi gebrannt hunn, weisen, datt eis Erënnerung un d'Affer vun deemools, an hire Message net vergiess sinn. Och wann d'Liicht vun der Erënnerung am Laf vum Joer duerch d'Hektik vum Alldag nees sollt ausgoen, sou gëtt et d'nächst Joer rëm ugefaang, vu Joer zu Joer, vu Generatioun zu Generatioun!

Déi Fraen a Männer, deene mer haut gedenken, hunn eis gewisen, wat et heescht a schwéieren Zäiten beieneen ze stoen, an zesummen ze halen. Sie hunn eis konkret Solidaritéit virgelieft!

Duerch hire Courage an déi Affer, déi si bruecht hunn, hu si eiser Heemecht erlaabt, de Krich ze iwwerstoen, an nom Krich, konnt sie hier Plaz an der internationaler Gemeinschaft fannen. Duerfir soll een sech och haut, bei aller Europaskepsis déi een héiert - sief se berechtigt oder net - ëmmer erëm dorun erënneren, datt déi europäesch Unioun de Garant ass fir Fridden a Käreuropa.

An enger Krise, wéi Europa se de Moment duerchlieft, solle mir beienee stoen a solidaresch sinn, ee Vollek mat deem Aneren. Aner Natiounen hunn eis deemools och gehollef an eisem Misère hei, och wann se dat net hätte misse maachen.

Jidder Einzelne vun eis ka säin Deel zu enger mënschefrëndlecher Gesellschaft bäidroen, andeems e senge Matbierger mat Respekt an Toleranz begéint, mat Versteedsdemech an enger oppener demokratescher Gesënnung."

D'Chorale réunie huet duerno nach ee schéint Lidd gesongen, éier zum Schluss déi 4 Strophë vun der Heemecht gesonge goufen.

Nom offiziellen Deel konnten déi Uwiesend sech a Rou d'Ausstellung ukucke, mat engem Patt an engem klengen Maufel. Hei grad, wéi schonn de ganzen Dag iwwer, hunn d'Veräiner aus der Gemeng all eng Hand mat ugepak fir de Service z'assurieren, virun an hannert dem Comptoir, fir eis Gäscht ze verwinnen. Alle Leit aus de Veräiner, déi hei eng Hand mat ugepak hunn, wëll ech ee ganz groussen an häerzleche Merci soen!

Owes, nodeems dee leschte Gaascht d'Hal verlooss hat, hunn d'Membere vum Organisationsgrupp a verschidde Besëtzer vun den historesche Gefierer, déi an der Bushal geschlof hunn, beim leschte Patt den Dag Revue passéiert, an alleguer waren se frou an zefridden, datt alles, wat organiséiert gouf, unni gréissere Problem ofgelaf war.











SONNDEG, DEN 30. NOVEMBER 2014 – DEN OFSCHLOSS VUN DE FEIERLECHKEETEN.

D'Membere vum Gesank vu Waldbëlleg-Haler hu Moies um 9.00 Auer am Bushangar de Kaffisdësch gedeckt. Sou konnten sech eis Gäscht mat den historesche Gefierer nach stäerken, éier sie sech rëm op de Wee heem gemaach hunn. Mir ware frou, datt sie eis Gäscht waren, a mir heesche sie all bei Geleeënheet nees gären häerzlech Wëllkomm an eiser Gemeng!

Mëttes vu 14.00 bis 17.00 Auer war d'Ausstellung op, a vill Leit hunn nees de Wee an d'Hal fonnt, an hu sech interesséiert ugekuckt, wat do op d'Been gestallt ginn ass. Déi néideg Erklärungen iwwert d'Ausstellung a verschidden historesch Informatiounen krute sie vu Membere vum Organisatiounsgrupp. Géint 15.00 Auer gouf dann och nach eng Kéier de Film „*The battle of the Bulge – World War II's deadliest Battle*“ gewisen, den Amerikaneschen Dokumentarfilm a Lëtzebuerger Iwwersetzung vum Lennon Thomas vun 1994 iwwer d'Ardenneoffensiv, dee schonn Donneschdes um Hentgesbau gewise gouf. Déi ganz Deeg iwwer, goufen an engem Zelt an der Ausstellung och een Dokumentarfilm vum Yvette a René Flammang vu Kayl gewisen. Dësen interessante Reportage iwwert d'Rundstedtoffensiv am Kanton Iechternach gouf vu villen interesséierte Leit gekuckt. Der Madame an dem Här Flammang een häerzleche Merci, datt sie eis hir Filmer weise gelooss hunn.

Géint 18.00 Auer, nodeems dee leschte Gaascht d'Ausstellung verlooss hat, ware just nach d'Membere vum Organisatiounsgrupp an der Hal. D'Besëtzer vum ausgestallte Material a Familljen a Frënn vun hinnen hu sech een nom aneren derbäi gesellt. Zu enger 15 Dammen an Hären hu mir bis 22.00 Auer bal déi ganz Hal geraumt gehat. Wann ee bedenkt, wéi laang et gedauert huet, fir alles schéin an detailfgetrei opzeriichten, sou ass et ganz erstaunlech gewiescht, wéi séier ee geuerdnet Ofraumen iwwert d'Bühn gaangen ass. Zu gudder Lescht gouf sech, no der Aarbecht mam lessen, wat nach Rescht bliwwer war, gestäerkt. Mir waren all zefridden a midd! Eenzeg Leed huet et engem gedoen, datt mir déi schéin Ausstellung net nach stoe loosse konnten. Aus verschiddene Grënn ass dat awer net gaangen.

Ech wëll op dëser Plaz de kleng Rapport iwwert d'Commémoratiounsfeierlechkeete vum November 2014 ofschléissen. Ech wëll speziell drop hiweisen, datt d'Fotoen an dësem Reportage gemaach gi si vum Här Luc Azzeri vu Waldbëlleg, vum Här Camille Goedert vu Chrëstnech a vum Jemp Origer vu Konsdrëf. Hinnen dräi ee ganz häerzlechen a grouse Merci fir déi schéin bildlech Erënnerungen, déi sie der Gemeng gemaach hunn.





OF SCHLÉISSEND

wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir verschiddene Leit, Organisatiounen, Veräiner a.s.w. ee ganz groussen an Häerzleche Merci ze soen, fir déi vill an exzellente Aarbecht, déi sie geleescht hunn, fir, datt de Programm, wéi den Organisationsgrupp en geplangt hat, konnt esou reibungslos realiséiert ginn. Ouni sie all wier dat guer net méiglech gewiescht! Ouni besonnesch Reiefolg wëll ech sie hei opzielen.

Un alleréischter Plaz wëll ech de Kolleginnen a Kollege vum Organisationsgrupp ee ganz groussen an häerzleche Merci soen! Vu Mäerz bis Enn November 2014 hate mir eis zesummen op eng Erënnerungsrees gemaach, déi no 4 Deeg Commémoratiounsfeierlechkeeten op een Enn gaangen ass. Et ass wierklech eng Freed gewiescht, wéi schéin, harmonesch an onkomplizéiert mir matenee schaffe konnten. Jidderee vun lech huet geschafft ewéi ee Päerd, keen Dag, keng Auer war ze spéid an ongezielt sinn all déi Stonnen, déi Dir fir dës Feierlechkeeten investéiert hutt vun Ärer Fräizäit. Vun Häerze MERCI! Dir sidd einfach TOP, TOP, TOP!!!



Vu lénks no riets: Ann Penning, Marc Barthelemy, Jean-Luc Schleich, Marcel Ewers, Tom Sutor, Raymond Schaaf, Théo Moulin, Ernest Wagner a Jacqueline Penning)

Ech wëll weider ee ganz groussen an häerzleche Merci soen:

- De Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot fir hir komplett Ënnerstëtzung fir a bei de Commémoratiounsfeierlechkeeten;
- De Kolleginnen a Kollegen aus der Administratioun an den techneschen Déngschter aus der Gemeng fir hir exzellente Aarbecht;
- Dem Emile Hansen an dem Marcel Ewers fir hier Temoignagen, déi sie de Kanner am Seiterter Bësch zu Haler verzielt hunn;
- Dem Luc Azzeri an dem Jemp Origer fir déi super schéin Fotoen an dem Camille Goedert fir seng super schéin Fotoen an den exzellente Film;

- De Kollegen aus dem Bëschservice fir hir exzellent Aarbecht an Ënnerstëtzung;
- Dem Pit Scholtes, dem Henri Reiter, dem Daniel Reiland, dem Paul Decker, dem Christian Wagener a senger Frau Esthère, dem Jérôme Kirsch, dem Lex Elcherot, dem Gérard Domizio, dem Stéphane Delleré, dem Gilbert Michels fir hier Sammelungsstécker an der Ausstellung an hier Gefierer;
- Dem Gaby Larry vun Haler fir säin onvergiesslech gudde Gulasch, dee bis op déi leschte Schlupp fort gaangen ass;
- De Veräiner, déi mat hiren historesche Gefierer bei eis komm sinn: d'Greyhounds vu Péiteng, den CVM Steesel, d'Amicale Band of Brothers vu Menster an d'Quadriga vu Walfer;
- De Veräiner aus eiser Gemeng, déi mat sëllege Memberen gehollef hunn, fir, datt déi 4 Deeg Commémoratioun iwwe haapt ëmgesat gi konnten. Ech sinn houfreg drop, esou Veräiner an der Gemeng ze hunn!
- Eisen Enseignanten, déi mat hire Schüler eis Ausstellung kucke waren;
- Dem Jeanne Huss-Medernach, dem Josette Pinnel, dem Camille Mathes, dem Edourad Lies, dem Alphonse Schintgen, de Jerry Huss, dem Lex Huss, dem Pit Huss, datt sie d'Gerben bei de Monumenter néiergeluecht hunn an d'Panneau'en ageweit hunn;
- Der LPPD Kanton lechternach fir dee schéine Geste vun der Gerbe beim Monument op der Bëlleger Kopp;
- Dem Lynn Weydert vu Gr-Ink vun Hiefenech fir seng exzellent Aarbecht;
- Dem Yvette an René Flammang vu Kayl fir hire Film;
- Der Police Grand-Ducale fir hier Ënnerstëtzung;
- Alle Jugendlechen a Kanner déi sech fir d'Geschicht vu Lëtzebuerg interesséieren an un de Feierlechkeeten deelgeholl hunn;
- Ganz besonnesch där Persoun, déi ech hei an der Opzielung onglécklecherweis, awer ganz bestëmmt onbewosst vergiess sollt hunn.

Fotoen: Luc Azzeri, Camille Goedert a Jemp Origer

L.S.



AUS DEM TAGEBUCH VON ARTHUR FUNCK AUS WALDBILLIG

(Aus dem Buch **Kriegsereignisse im Frontsektor der Untersauer – Erlebnisse, Berichte, Schicksale September 1944 bis März 1945** von Fred Karen, 1989, Echternach)

Der folgende Tagebuch-Bericht wurde 1944 von Arthur Funck, damals 46 Jahre alt, aus Waldbillig niedergeschrieben.

Er gibt besonders gut die Ängste und Sorgen der damaligen Zeit wieder.

Am 9. September 1944 - Meldung gekommen von der Ankunft der Amerikaner im Kanton Capellen. Abends deutsche Einquartierung in Teilen unseres Dorfes.

10. September 1944 - Ein strahlender Sonntag, frühmorgens deutsche Rückzugskolonnen im Dorf. Gegen 9 Uhr zog sie gegen die deutsche Grenze weiter. Gegen 12 Uhr amerikanische Flieger über dem Dorf. Um 2 Uhr Schlacht in der weiteren Nachbarschaft zwischen deutschen Rückzugskolonnen und amerikanischen Vorhuten und Fliegern. Deutsche Rückzugskolonnen vollständig zerschlagen. Trümmer derselben langen abends in unserm Dorfe an. Schrondweiler zum Teil zerstört, auch bei Ermsdorf und Savelborn kam es zu kleineren Kämpfen. Abends scheint es, als ob die Deutschen sich in Christnach zum Kampfe stellen wollten. Sie zogen jedoch nachts ab und gingen über die Grenze zurück.

11. September 1944 - Die Deutschen sind über die Grenze zurück. Die Amerikaner sind in Fels, rücken aber einstweilen nicht weiter in Richtung auf unser Dorf vor. Um 10 Uhr gehen jedoch die luxemburgischen Fahnen an allen Häusern hoch.

12. September 1944 - Die luxemburgischen Fahnen werden von den luxemburgischen Resistenzlern von einer Anzahl deutschfreundlicher Häuser heruntergeholt. Einige Kollaborateure werden von der Resistenz verhaftet und im Umzug durchs Dorf nach Fels ins Gefängnis gebracht.

13. September 1944 - Die Freiheitsglocken läuten, amerikanische Kolonnen durchziehen, begrüßt von der Bevölkerung, das Dorf, von Haller kommend und nach Christnach weiterziehend.

14. September 1944 - Amerikanische Spähtruppen durchfahren das Dorf und kontrollieren vorsichtig die nähere Umgebung des Dorfes.

15. September 1944 - Amerikanische Einquartierung im Dorfe. Panzerspähwagen nehmen im Ostaussgang des Dorfes und in der sogenannten Brechwies Stellung, ihre Geschütze und Maschinengewehre gegen den Wald Fourels richtend. Abends kommen weiter amerikanische Truppen an.

16. September 1944 - Schwere amerikanische Tanks sind angekommen. Einer nimmt am Ostaussgang des Dorfes hinter dem Hause Alf Stellung und geht abends wieder ins Innere des Dorfes zurück. Abends schweres amerikanisches Geschützfeuer über unser Dorf hinweg in Richtung deutsche Grenze.

17. September 1944 - Die schweren amerikanischen Tanks nehmen wieder im Ostaussgang des Dorfes Stellung. Spähwagen und Artillerie treffen ein und bereiten im Osten des Dorfes in der Brechwies und auf den Lehen ihre Stellungen vor. Abends wieder schweres amerikanisches Geschützfeuer über das Dorf hinweg.



Die folgenden Tage **bis zum 9. Oktober 1944** bieten ziemlich das gleiche Bild. Die schweren Tanks werden morgens in den Ostausgang des Dorfes gefahren und abends wieder ins Dorffinnere zurückgezogen. Auf den Lehnen haben die Amerikaner starke Bunkerstellungen errichtet und die Artillerie bereitet in der nördlichen und östlichen Umgebung des Dorfes ihre Stellungen vor. Abends regelmäßiges Geschützfeuer über das Dorf hinweg.

9. Oktober 1944 - Am Nachmittag eröffnen in der Brechwies aufgestellte motorisierte amerikanische Geschütze das Feuer gegen die deutschen Grenzbefestigungen und gehen nach einer Stunde in andere Stellungen. Die Deutschen erwiderten das Feuer nicht.

10. Oktober 1944 - Die amerikanische Artillerie feuert aus Stellungen in der Brechwies; auf der Reistenhoecht und aus Billigertal gegen die deutsche Grenze. Die amerikanischen Stellungen werden gewöhnlich nach einer Stunde Feuerns in Eile gewechselt. Die Deutschen erwidern jedoch nicht.

10. – 18. Oktober 1944 - Es ist das gleiche Bild. Die amerikanische Artillerie feuert aus ziemlich denselben Stellungen und auch aus Stellungen bei Haller, ohne daß die Deutschen erwidern.

19. Oktober 1944 - Nach heftigem amerikanischen Artilleriefeuer erwidern die Deutschen das Feuer und schießen gegen Haller, wo eine größere Anzahl von deutschen Granaten einschlägt, einige auch in Billigertal.

20. Oktober 1944 bis 24. November 1944 - Dasselbe Bild.

25. November 1944 - Gegen Mittag schlugen plötzlich deutsche Granaten in die östlichen und nördlichen Dorfausgänge ein. Außer einigen zerstörten Fensterscheiben und leichter Verwundung der Witwe Alf, keine größeren Schäden.



28. November 1944 - Wir haben 2 amerikanische Soldaten zu Gast zur Feier des amerikanischen Danksagungsfestes.

Vom 29. November bis 15. Dezember 1944 - Jeden Tag amerikanisches Geschützfeuer gegen deutsche Grenze. Die Deutschen erwidern schwach gegen Haller.

Nachtrag: Ende Septembertreffen Flüchtlingsfamilien aus den der deutschen Grenze nähergelegenen Ortschaften im Dorf ein und finden mit ihrem Vieh und auf Wagen verladener sonstiger Habe gastfreundliche Unterkunft.

Am 15. Dezember gehen die Amerikaner fort. Am Abend neue Einquartierung angemeldet. Aus unsers 'Heimatsdorfes schwersten Tagen. unsere Flucht.



Evakuierung und Rückkehr.

Die **Nacht vom 15. zum 16. Dezember 1944** war sehr unruhig. Heftiges Geschützfeuer in der ganzen Umgebung.

Die „Société pour la recherche et la conservation des monuments historiques dans le Grand-Duché de Luxembourg“ wurde am 2. September 1845 gegründet (Arrêté Royal Grand-Ducal). Das Ziel dieser Gesellschaft bestand in der Erforschung und dem Erhalt der historischen und archäologischen Dokumente und Monumente, welche das Grossherzogtum und das ehemalige Territorium des Herzogtums Luxemburg betrafen (Artikel 3 der Gründungsakte). – „*Les monuments dont la Société obtiendra la disposition seront déposés au Musée annexé à la Bibliothèque spéciale de l'Athénée de Luxembourg*“ (Artikel 4).

Jean Engling befand sich nicht unter den Gründungsmitgliedern, aber bereits am 23. Juli 1846, war er wirkliches Mitglied. In der Nummer 2 der jährlichen Druckschrift oben genannter Gesellschaft, finden wir auf den Seiten 95 – 103 einen Artikel auf französisch: „*L'homme et la femme sur la roche à Altlinster*“, von Jean Engling. Er behandelt dasselbe Thema wie in der „Luxemburger Zeitung“ von 1844, aber in einer verbesserten Neufassung des Textes. 1853 trat Engling die Nachfolge von François Xavier Wurth-Paquet, dem ersten Präsidenten der Gesellschaft an. 1868 vereinigten sich die drei Sektionen der wissenschaftlichen Gesellschaften (historique, histoire naturelle und médicale) unter einem Namen: „Institut Royal Grand-Ducal de Luxembourg“, aber Jean Engling blieb Präsident der Section Historique .

Ohne Unterlass veröffentlichte Engling über 67 Artikel, mit den unterschiedlichsten geschichtlichen und archäologischen Themen, allein in den „Publications de la Section Historique“. Bei seinem Tode vermachte er der Section Historique de l'Institut Grand-Ducal, 57 unveröffentlichte Manuskripte, welche sich bis heute in deren Bibliothek befinden. Dazu schrieb Blum in seinem Nachruf: „... damit das so reichlich von unserm Verstorbenen gesammelte Material auch für die Zukunft allen unseren Geschichtsforschern bei ihren Studien zur Verfügung gestellt werden könnte“



Soweit die berufliche Laufbahn des vielseitigen Gelehrten Jean Engling aus Christnach. Es ist an der Zeit sich etwas näher mit seiner Persönlichkeit zu befassen. 237

Hochwürden Jean Engling war ein sehr bescheidener und anspruchsloser Mensch. Von Gestalt war er gross und recht hager, aber nicht unbedingt ein anziehend, schöner Mann. Zeit seines Lebens liess er sich von niemand fotografieren und nur einer List vom Künstler Michel Engels ist es zu verdanken, dass wir eine Zeichnung von ihm besitzen. Engling bekleidete sich immer mit alten Kleidern und einer schäbigen, abgenutzten Sutane. Er hielt es nicht mit der deutschen Redensart, dass „Kleider Leute machen“, für ihn zählte eher der französische Spruch : „Ce n'est pas l'habit qui fait le moine“. Diese Vernachlässigung seines Äusseren setzte Engling dem Verdacht aus, er sei geizig. Im Gegenteil gab er sein Geld für mildtätige Werke und wohltätige Zwecke aus. Niemand weiss, wievielen mittellosen Studenten er eine finanzielle Unterstützung zukommen liess, um deren Studium zu ermöglichen. Er verwendete ebenfalls hohe Summen zum Ankauf wertvoller Bücher, welche er dann der Bibliothek der „Section Historique“ vermachte. Bei seinem Tod hinterliess er keinerlei Vermögen.

Jean Engling verabscheute Tabak, Alkohol und Spiele. Weder Kälte noch Hitze machten ihm zu schaffen. Er bereiste das Land kreuz und quer in allen Richtungen, fast immer per pedes. Im Alter von 85 Jahren besuchte er noch seinen kranken Bruder in Christnach, wie immer legte er die Strecke Luxemburg-Christnach zu Fuss zurück. Er selbst besass eine eiserne Gesundheit und kannte Krankheit nur vom „hören-sagen“.

Er war sehr religiös, ohne falsche Frömmerei oder Heuchelei. In seinem Priesteramt war er bekannt für seinen Fleiss, seine Ernsthaftigkeit, seine Aufrichtigkeit und seinen Edelmut. Ohne triftigen Grund versäumte er keine Unterrichtsstunde. Dennoch war Professor Jean Engling sehr gesellig und ein gern gesehener Gast bei gesellschaftlichen Ereignissen, wo er durch seine Erzählungskunst und lustigen Spässe bekannt war. Über Engling gibt es bis heute manche Anekdoten, ob wahr oder erfunden. Manchmal versuchte ihn jemand zu ärgern oder hereinzulegen. In Michelau hatte einer Schwester Englings eingeheiratet. Als er sie einmal besuchte, kehrte er zu einem Höflichkeitsbesuch beim Ortspfarrer Hw. Cravatte ein. Dieser frug den Herrn Professor um seine Meinung über die Bedeutung der Initialen MJDD, welche er bei der Gartenarbeit auf einem interessanten Gegenstand gefunden habe. Englings Antwort erfolgte prompt: „Maximo Jovi Deo Deorum“, (dem höchsten Jupiter Gott der Götter). Daraufhin zeigte ihm der Pfarrer einen blechernen Deckel mit den vier Buchstaben MJDD und gab ihm die wirkliche Erklärung: „Moutarde jaune de Dijon“. Engling machte natürlich gute Miene zum bösen Spiel und beide konnten gut lachen.

Nach dieser Lobrede könnte man annehmen, es handele sich bei Engling um einen vorbildlichen Mann, ohne Fehl und Tadel. Trotzdem wurde Professor Engling von seinen Gegnern öfter kritisiert und in Frage gestellt. Besonders in den 1860-iger Jahren warfen sie ihm seine Art und Weise zu unterrichten und den Inhalt seiner philosophischen Lektionen vor. Dabei handelte es sich um antiklerikale Elemente, welche hauptsächlich die Sutane und deren Träger, als die philosophischen Theorien desselben im Visier hatten. Ein anderer Vorwurf seiner Gegner war sein ungehobeltes Deutsch in seinen Aufsätzen. Für jeden der seine deutschen Prosen gelesen hat, ist diese Kritik teilweise berechtigt, aber wie viele seiner Zeitgenossen benutzte er nicht die Sprache eines Goethe und deren Feinheiten, um seine Texte zu verfassen. Ein weiterer Vorwurf den man Engling machte war, dass er mehrere Artikel verfasste, deren Inhalt nichts mit Archäologie zu tun hätte. Zu unserer geschichtlichen Vergangenheit gehört aber ebenfalls Folklore und Brauchtum. Dass Engling sich ebenfalls damit befasste und alles zu Papier brachte war wichtig, denn nur so blieb vieles erhalten was sonst unwiederbringlich und für immer verloren wäre. In seiner Jugend versuchte Engling sogar Gedichte zu schreiben, aber schnell merkte er, dass Reime allein keinen Dichter machen.

Der vielseitige Gelehrte und Domherr der Kathedrale, verschied am 13. März 1888, nach einem erfüllten Leben in Luxemburg/Limpertsberg.

Professor Jean Engling hat unbestreitbar Grosses für sein Land und seine Heimat geleistet, deshalb sind wir ihm unsern Dank schuldig. Leider dauerte es über hundert Jahre nach seinem Tode, bis sich die Gemeinde Waldbillig, auf Vorschlag vom damaligen Schöffen Fernand Gloden, seiner erinnerte und neben dem Eingangstor zur Ölmühle einen Gedenkstein anbrachte. Aber wie heisst es: „il n'est jamais trop tard pour bien faire“.



Sein Werk hat Jean Engling überdauert. Bis heute bilden seine unzähligen Schriften eine wertvolle Fundgrube für die Historiker.

Professor Charles-Marie Ternes (1939 – 2004) schrieb 1978 in seinem Buch „Aux sources de l'archéologie luxembourgeoise“: „Et qu'on ne reproche pas à cet auteur de s'être trompé souvent: dans mille cas nous lui devons des renseignements précieux: à nous d'y séparer le grain de l'ivraie! Engling gardera le mérite d'avoir beaucoup publié et de nous avoir ainsi légué une foule de faits que nous ignerions sans son action dynamique et courageuse“.

Bibliographie:

- Blum M. (1889): Herr Domkapitular Johan Engling, Präsident der historischen Section des K.-G. Institutes zu Luxemburg, in seinem Leben und Wirken dargestellt. P.S.H.L. Nr XL.
- Chorale Ste Cécile Christnach (1963): Livre d'or du 50e anniversaire. Imp. Du Nord S.A., Diekirch.
- Decker F. (1969): Waldbillig, Christnach, Haller, Müllerthal. Geschichte der Gemeinde und Pfarrei. Imp. Bourg-Bourger, Luxembourg.
- Ewers Marcel (1987): L'abbé Jean Engling 1801-1888, Portrait d'un grand archéologue luxembourgeois. Bull. Soc. Préhist. Lux. 9, 1987, p. 147-154.
- Ewers Marcel (1988): Das „Steinalter“ von Prof. J. Engling. Prähistorische Forschung in Luxemburg vor 120 Jahren. Bull. S.P.L. 10, 1988, p. 229-247.
- 200 Jar Par Chrëstnech (2008): Christina Meyer Dr.: Christnach (Chrëstnech) Erhaltenswerte Kulturgüter. S. 118-143.
- Ternes Ch.-M. (1978): Aux sources de l'archéologie luxembourgeoise. Centre Alexandre Wiltheim, Luxembourg.

Marcel Ewers



WALDBËLLEG
D'KULTURKOMMISSIOUN



ZEVILL LAMETTA

D'Kulturkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg organiséiert en Owend mam Duo Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann, mat hirem fuschneie Programm „Zevill Lametta“.

Den Datum ass

**SAMSDES DEN 21. NOVEMBER
UM 8 AUER OWES AM CAFÉ DINA.**

D'Entrée kascht 20 Euro pro Persoun, 10 Euro ënner 26 Joer, 5 fir Kanner bis 12 Joer.

Et kann ee fir deen Owend och Fritte mat Ham an Zalot am Viraus bestellen, fir nom Programm z'essen. Präis: 14 Euro.



Foto : Luc Azzeri

Hei zu Lëtzebuerg war d'Yannchen a ville Kabarets-, Theater- an Operetteproduktiounen zesumme mam Carlo Hartmann ze héieren: De Scholdschäin, Mumm Séis, Kiermesgäsch, Oweswand, Grande-Duchesse vu Gerolsteen, Im Weissen Röss'l, Kanniküll, En Onanstänn'gen Owend, Zoossiwupp, Strapsodie in Blue... an 2014/15 am Franz Lehar senger Operett „Die Lustige Witwe“.

De **Carlo Hartmann** ass Bariton. Seng Gesangs- an Operestudien huet hien am Stater Conservatoire bäim Ionel Pantea gemaach. Zanter 1992 huet hien an 72 Opereproduktiounen matgewierkt. Z. B. Falstaff, Rigoletto, Figaro, Barbier an Don Giovanni. 2001 war hien um San Francisco Opera House engagéiert, 2006 war hien den „Alberich“ am Wagner sengem gesamte „Ring der Nibelungen“ zu Wiesbaden.

All Bestellung

- per Telefon um Nummer **691 879 700**

vum Jacqueline Penning,

oder op der Mail-Adress **ppenninga@yahoo.com**

- a Confirmatioun duerch d'Iwwerweisung op de Postscheck mam Nummer **IBAN LU89 1111 3566 1341 000** vum Wouter van der Vlugt.

D'Yannchen Hoffmann ass Mezzosopran. Si huet Gesank an Oper zu Lëtzebuerg, Bréissel an un der Héichschoul vu Köln studéiert. Engagementer un den Operenhaiser vu Krefeld, Mönchengladbach, Tréier, der Wiener Kammeroper, um Opernhaus vu Graz, am hessesche Staatstheater vun Darmstadt, an zanter 2007 un der Wiener Volksoper.

Zanter 2005 séngt hien un der Wiener Volksoper an den Operetten Wiener Blut, Lustige Witwe, Fledermaus, Zigeunerbaron, Der Kuhhandel, Der Vetter aus Dingsda, Frau Luna, Orpheus in der Unterwelt.

Seng Virléift fir Operetten a Lëtzebuerger Sprooch huet hien an allen Dicksoperetten expriméiert, mee en huet och Wierker vum Jacques Offenbach iwwersat an opzefouert, wéi Oweswand, Grande-Duchesse vu Gerolsteen, Orpheus an der Ënnerwelt.

Yannchen & Carlo päsentéiere mat „Zevill Lametta“ op hir gekonnt professionell Manéier déi ultimativ Chrëschtshow mat Slapsticks, Sketcher an natierlech musikalesche Klassiker. Eng Show fir Al a Jonk. Begleet ginn si op der Dréiuergel vum Romain Welter.

d’Kulturkommissioun Waldbëllig



EIN PAAR INTERESSANTE ZAHLEN ZUR GEMEINDE WALDBILLIG

Geburten	1974: 14 2004 : 20 2014 : 22 2015 bis zu diesem Zeitpunkt : 8	Einwohnerzahl	1821 : 1105 (47,5 Einwohner pro Quadratkilometer) 1900 : 1140 (49 Einwohner pro Quadratkilometer) 1922 : 1097 1970 : 729 1981 : 684 (29,4 Einwohner pro Quadratkilometer) 1991 : 844 1994 : 966 2004 : 1232 2014 : 1643 (63,4 Einwohner pro Quadratkilometer) 2015 : 1711
Schüler	2004 : 166 2014 : 170 2015 : 188	Einwanderung	1974 : 59 2004 : 154 2014 : 225 2015 bis zu diesem Zeitpunkt : 95
Eheschliessungen	1974 : 7 2004 : 20 2014 : 7 2015 bis zu diesem Zeitpunkt : 2	Auswanderung	1974 : 42 2004 : 106 2014 : 137 2015 bis zu diesem Zeitpunkt : 54
Sterbefälle	1974 : 12 2004 : 6 2014 : 16 2015 bis zu diesem Zeitpunkt : 4		
Verkehrsunfälle	1974 : 4 Verletzte 2005 : 9 2013 : 2 2014 : 7		

241

Isabelle Oberlé



DE SPADSÉIERWEE W4 ZU HALER

6 Kilometer, 2 Stonnen

All déi däitsch Passagen sinn zitéiert aus den Artikelen vum Marcel Ewers, mat senger frëndlecher Autorisatioun. Si stoungen am Gemengebuert, an der Nummer 2 vum 1997, den Nummeren 1 an 2 vum 1998, den Nummeren 1 an 2 vum 2000, der Nummer 1 vum 2002, den Nummeren 1 an 2 vum 2005, der Nummer 1 vum 2006.

De Spadséierwee huet 6 Kilometer; mam Ofstiecher an de Bunker op der Siwebaach en hallwe Kilometer méi. Zwou bis zwou an eng hallef Stonnen sollt Dir dofir rechnen, ouni d'Pausen.

Um Wee gitt Dir engersäits informéiert iwwert déi ganz laang Geschicht vum Duerf Haler a senger Ëmgéigend. Anersäits féiert de Wee duerch ee vun de schéinsten Dällern vum Mëllerdall, der Halerbaach. An dat duerch den ieweschten Deel, wou Dir och am Summer just wéineg Leit begéint.

De Wee geet gréisstendeels duerch de Bësch; just am Ufank an zum Schluss sinn e puer honnert Meter ouni Schiet. En huet zwou Schwirgkeeten: d'Trape bei d'Brenschelterlee erfro si knéchelech a kënnen och net mat Poussett oder Kannerkutsch benotzt ginn. Zum Schluss geet et géi de Laukebierg erop, op engem gudde Wee, dee gréisstendeels am Schiet ass.

Am Dall vun der Halerbaach ginn et am Summer dacks vill Mustiken a virun allem Beelen, déi sech mat Freed op lech stieren. En Insektespray ass recommandéiert!

- Dir kënnt bei der Kierch zu Haler parken; de Weekend och hannert der Schoul.

- Haler ass och gutt mam Bus z'erreechen, mat der Linn 414 vun der Fiels oder vun lechternach, mam 107 vun der Stad a vu Beaufort, mam 504 vun Ettelbréck.


242 Haler gëtt schonns am 8. Jh. als „Hanarem“ a Schrëftstécker ernimmt an huet zu Krëstnech gehéiert. Spéider waren hei d'Häre vu Beaufort an déi vun der Hiergerbuerg Meeschter. Haut gehéiert Haler zu der Gemeng Waldbëlleg, mat Krëstnech, Mëllerdall a Freckeisen.

Wéi am 19. Jh. den Dikrecher Hotelier Alexis Heck senge Gäscht Ausflich an de Mëllerdall offréiert huet, konnt sech den Tourismus séier entwéckelen. Den éischte Betrib an der Géigend war den „Hotel Halerbaach“, haut „Enzo“.

1803 hunn 257 Leit zu Haler gelieft, 1907 waren et der 262. Am Zweete Weltkrich goufen Haler an och Waldbëlleg staark zerstéiert, an der Rundstedtoffensiv. Dono sinn och vill Leit an d'Stied geplënnert an 1966 si just nach 134 Awunner gezielt ginn; haut liewen der erëm 238 zu Haler.

D'Haler Kierch ass bausse wéi bannen interessant. Leider ass se meeschtens zougespaart.






1842 veröffentlichten Manuskript „Luxemburgum Romanum“. Das Relief aus lokalem Sandstein ist stark verwittert. Es wurde durch Granatsplitter beschädigt und nach dem Krieg recht primitiv restauriert.

Im Innenraum sind bemerkenswert der Rokoko-Beichtstuhl, die barocke hölzerne Statue des hl. Nikolaus, dem Patron der alten Kirche, ein Rokoko-Kelch und eine barocke Strahlenmonstranz, die am Fuß das Wappen von Manderscheid-Kail und das Datum 1739 trägt. Die Ausmalung des Chores mit den vier Evangelisten im Chor ist das Werk der Gebrüder Neumanns aus Belfort.

Das Wandgemälde um den Hauptaltar stammt von Nicolas Brücher, einem Luxemburger Kirchenmaler aus Elvingen (1874-1954). Der Hauptaltar wurde von Graf Lamoral de Villers (1866 - 1934) gestiftet. Aus diesem Grund ziert das Wappen der Grafen de Villers noch heute diesen Altar.

Auch die Kirchenfenster waren im Krieg zu Bruch gegangen. Die neuen, kunstvollen Kirchenfenster wurden 1952 vom Künstler Camille Croat entworfen und im Winter 2006 von der Kunstglaserei Binsfeld aus Trier komplett erneuert.



Die alte Kapelle in Haller wurde schon 1570 schriftlich erwähnt. Sie war im romanischen Stil erbaut und hatte einen freistehenden Glockenturm. Patron der Kapelle war Sankt Nikolaus. Sie wurde 1920 abgetragen.

Die neue Kirche wurde 1921 erbaut. 1944 erlitt sie starke Schäden in der Rundstedt-Offensive. Der stark kriegsbeschädigte Glockenturm wurde 1997 ersetzt.

Außen steht die mannsgroße, steinerne Statue des guten Hirten über dem Portal. Sie wurde nach dem Krieg vom Bildhauer Arnold aus Rosport gestaltet, nachdem das vormalige Standbild durch eine Granate im Dezember 1944 zerstört worden war.

An der äußeren Chormauer ist ein gallorömische Relief eingemauert, der obere Teil eines römischen Grabmals. Dieses Relief wurde schon von Alexander Wiltheim (1604-1684), dem Vater der Luxemburger Archäologie, aufgezeichnet in seinem erst



Nieft der Kierch steet en Denkmal fir d'Affer vum 2. Weltkrich. An e Steen sinn d'Nimm vun den 12 Doudesaffer agemeesselt. Op enger Éirentafel gëtt un déi gefalen amerikanesch Zaldote geduecht.

243

Den 29. November 2015 gouf duerch eng feierlech Zeremonie 70 Joer dono un déi vill Affer vun der Rundstedtoffensiv erënnert. Dofir war dunn och d'Denkmal vun der Gemeng an d'Rei gesat ginn.

Am 6. Juni 1944 landeten die alliierten Truppen in der Normandie und kämpften sich nach Osten. Am 9. September betraten die ersten amerikanischen Truppen Luxemburger Boden, am 10. September wurde die Stadt Luxemburg befreit. Tags darauf zogen die amerikanischen Truppen durch den Osten des Landes.

Ab dem 14. Dezember nahmen die deutschen Truppen den Osten des Landes und speziell die in Haller lagernden amerikanischen Truppen unter Beschuss. In der Nacht vom 17. auf den 18. Dezember zogen sich die Amerikaner aus Haller zurück auf eine Linie Ermsdorf, Savelborn, Freckeisen, Christnach. Die Deutschen griffen sie hier an, doch wurden sie auf der Anhöhe von Freckeisen zurückgeschlagen.

Am 24. Dezember 1944 gingen die Amerikaner von Freckeisen aus zum Angriff über. Am frühen Morgen von Weihnachten 1944 drangen sie in Waldbillig ein. Zur gleichen Zeit erreichten Soldaten den mitten in der Flur liegenden Wald Seitert. Als die angreifenden Kompanien sich in Richtung Haller in Bewegung setzten, gerieten sie unter heftigen feindlichen Artillerie- und Raketenbeschuss und erlitten schwere Verluste. Schließlich gelang es ihnen dennoch, in Haller einzudringen.



Tëscht der Kierch an dem Denkmal geet „d’Henerecht“ de Bierg erop bei de Camping. Do ass de Restaurant „Gudde Kascht“, dem säi Chef Ben Weber zu de renomméierterste Käch aus dem Land gehéiert: www.guddekascht.lu

Henerecht oder Heenerecht oder nach Heemerecht ass en Numm, deen och soss nach op Plaze gebraucht gëtt. Et ass awer net kloer, wou den Numm hir kënn. Wéi déi éisträichesch Administratioun ënnert dem Maria-Theresia de Lëtzeburger Kadaster kreéiert huet, hunn d’Beamten dorausser de Flouernumm „Auf dem Heinrich“ gemaach.

- Mir ginn awer net dohin, mee no Osten, laanscht den Hotel riichtaus an d’Rue de Hallerbach. Lénks erof geet d’Gruucht erof op d’Halermillen.

Im Luxemburgischen gibt es mehrere spezifische Bezeichnungen für Einschnitte in der Landschaft:

- Däller sind breite Täler: Mëllerdall, Niesendall
- Gruuchten sind tief eingeschnitten mit steilen Hängen
- Dällten sind kleinere oder flachere Senken
- Baach bezeichnet nicht nur den Wasserlauf, sondern das ganze Tal: Halerbaach, Siwebaach, Haupeschaach
- Buer ist eine offene Quelle oder ein Rinnsal.

Direkt dono gesi mer lénks d’Haler Schoul, déi vun 1913 bis 1915 gebaut gouf, op Initiativ vum Graf Lamoral de Villers. Et war déi éischt Schoul fir d’Haler Kanner.

Zanter 2004 ginn déi dräijähreg Butzen aus der Gemeng hei an d’Éducation précoce. Den Enseignement préscolaire an de Primaire sinn haut zu Waldbëlleg.



Riets nieft der Schoul ass de Veräinsbau. Do hannendru war fréier e Wäschbur, dee säi Waasser krut vum Bärens-buer, dee mer vis-à-vis tëscht den Haiser gesinn.

- Mir gi riichtaus bis op d'Kräizung, wou d'Hauptstrooss no riets ofbéit. No lénks geet et op Nidderfeld a mir gi riichtaus "Am Amécht".

Mee mir kënne kuerz e Schrack no riets maachen, fir eis d'Haus Nummer 14 unzekucken.



Das stattliche Bauernhaus an Nummer 14, Hallerbach, ist eines der ältesten im Dorf. Es wurde vorbildlich restauriert. Im Dezember 1999 wurden die Eigentümer mit der Auszeichnung „Eist Duerf soll liewen“ von den Sites et Monuments bedacht.

Die massive Haustür ist eine getreue Replik der durch Granatsplitter und Alter beschädigten, antiken Haustür, die leider nicht mehr restauriert werden konnte. Die neue Haustür wurde in der Schreinerwerkstatt von Roby Baden aus Waldbilling hergestellt.

Dier Flurname „Amécht“ bezieht sich auf altes Brauchtum. Jean Engling schrieb 1847: „Wie fast in allen anliegenden Ortschaften, so feierte auch zu Waldbilling seit dem Mittelalter die männliche Jugend ihre Amichter, Schutz- und Zuchtspiele, bis Anfang des 19. Jahrhunderts.“

Dës kleng Strooss Am Amécht féiert laanscht déi lescht Haiser vun Haler virun op den Haarthaff an d'Schlass vum Baron de Schorlemer bei der Vugelsmillen. Laanscht déi Strooss si vill Bongerten mat alen Uebstbeem. Spezialitéiten aus der Géigend sinn d'Nèfles, déi hei Aaspel oder Hondsaarsch genannt ginn, en Numm, deen och am Franséschen a muenche Géigenden als Cul-de-chien am Gebrauch war, zum Beispill am Morvan. Op Däitsch schwätzt ee vun der Mispel. De Brantewäin doraus ass eng Spezialitéit, där ee soss net dohier begéint.





- Mir verloossen awer séier déi Strooss a ginn no e puer honnert Meter lénks eran, dem Schëld W4 no, iwwert d'Millewiss an de Bësch.



Och hei ass den Numm net kloer. Déi Plaz ënnert dem Fels gëtt alt als Raiberhiel bezechent, mee an der ganzer Géigend ass eng Hiel ëmmer entweder eng Raiber- oder eng Keltenhiel. Nawell kéint ee sech hei froen, ob den drolechen Numm net mam däitsche Wuert Brandschatzen ze dinn huet, wéi dat vum Marcel Ewers proposéiert gouf.




Op hallwer Héicht vum Fiels ass eng Plattform, mat engem Point de vue. Et kann een duerch d'Fielsen eropklammen. Mee ganz zolitt gesäit dat net aus an iwwer kuerz oder laang wäert wuel hei en Trapp Touristen erofbonzelen.



- Eng Bréckchen féiert eis iwwert d'Halerbaach, déi riets zesummeleeft mat der Haupeschbaach, déi vum Beeforter Schlass erofkënn.

Heirëmmer stoung an der Zäit d'Follmillen, zu där d'Millewiss gehéiert huet, iwwert déi mer éinescht gang sinn.

Die luxemburgische Bezeichnung Follmillen kommt vom lateinischen fullonia, vom französischen foulerie oder moulin à foulon, zu Deutsch Walkmühle. Die mit Wasserkraft betriebene Follmillen wälte das frisch gewebte Tuch weich.



Méi wäit erof gëtt d'Halerbaach ganz pittoresk, mat ville klenge Waasserfäll duerch d'Fielsen. Si kritt den Numm Déifebaach a leeft an déi Schwarz lernz. Mee dat ass fir eng aner Kéier.

- Mir ginn hannert der klenger Bréck lénks d'Halerbaach erop no Westen, ëmmer dem Schëld W4 no. Riets gesi mer no enger Zäit, do wou eise Wee iwwer d'Halerbaach geet, eng kleng Baach de Bierg erof an d'Halerbaach lafen; dat ass de Ramerbuer.

Dieser kleine Wasserlauf zwischen Haller und Befort wird im Beforter Weistum von 1557 bereits „beim Rammelborn“ genannt. Bevor Haller seinen eigenen Wäschbur erhielt, der in den Jahren von 1913 bis 1915 erbaut wurde, diente der Ramerbuer als Waschbrunnen. Sein Wasser wurde von den Brennern geschätzt. Es soll ähnliche Eigenschaften wie destilliertes Wasser besitzen und dem Branntwein eine klare Farbe geben.

Da stousse mer op d'Strooss tëscht Haler a Befort, am ënneschten Deel vun der Gruecht, déi mer éinescht vun uewe gesinn haten. Hei läit vis-à-vis d'Halermillen ënnen am Lach.

- Mir ginn no riets iwwert d'Strooss op déi aner Säit vun der Baach.

Oppassen ! Et ass eng geféierlech Strooss, wou d'Autoe séier duerch d'Kéiere fueren an an et ass kee Wach no de Säiten. Also wierklech gutt lauschteren, ob en Auto kënt !

- Mir ginn hannert der Bréck lénks eran a virun d'Halerbaach erop.


Lues a lues sinn ëmmer méi Fielsen op béide Säiten an d'Vegetatioun gëtt méi wëll; et ass eng richtig Gruecht mat groussen däischtere Beem.



Wann ee Chance huet, kann een hei dem Schwarze Stuerk begéinen, dem Schwarzstorch, dee vun Zäit zu Zäit hei e Leeër huet. Dee wonnerschéine grouse pechschwarze Vugel mat sengem feierroude Schniewel ass zanter 50 Joer regelméisseg bei eis am Land. Eng gutt Dosen Näschter soll et all Joer ginn. E leeft gären an de Bëscher an um Waasser, ass ganz schein, leeft vun Amphibien an Reptiller. Vun Abrëll bis August ass en hei, da flitt en erëm an de Süden.

Eng éischt Baach kënt vu riets erof, d'Tollbaach. Kuerz dono eng zweet, d'Siwebaach. Dës Baach war laang Zäit d'Grenz tëscht de Gemengen Miedernach an Iermsdrëf, bis et 2012 zur Fusioun koum an d'Gemeng Ärendall entstoung.

- Hei kënnen mer e klengen Ofstiecher no riets maachen : no 300 Meter gesi mer lénks an de Fielsen eng Grott mat enger Statu vun der Muttergottes.



Hei haten sech am Zweete Weltkrich zwielef sougenannt Refractaire e puer Méint laang verstoppt. Dat waren jonk Lëtzebuerger, déi vun de Preisen, der däitscher Nazi-Besatzung, zwangsrekrutiert goufen, also gezwonge waren, an d'Wehrmacht ze goen. Well si dat net wollten, hunn der vill sech verstoppt. Domat si si awer e grouse Risiko agaangen, an déi Leit, déi hinne gehollef hunn, och. Wann d'Preisen se erwëscht hunn, goufen s'erschoss. D'Famillje vun de Refractaire sinn dacks ëmgesidelt ginn, an den Oste vum deemolegen Däitschland.

Während des Zweiten Weltkriegs wurden die Luxemburger der Jahrgänge 1920 – 1927 zwangsrekrutiert. Viele entzogen sich dieser Zwangsrekrutierung. Sie galten als Freiwild für die Gestapo, die eifrig Jagd auf die Wehrdienstverweigerer und deren Helfer machte. Deshalb wurden in den Wäldern Verstecke, so genannte Bunker, angelegt.

Das eigentliche Versteck in der Siwebaach befand sich rechts neben der heutigen Grotte. Der Felsen bildete eine kleine Höhle. Zwölf Refraktäre fanden 1944 hier Unterschlupf. Gelegentlich kamen drei auf Hof Pletschette versteckte Refraktäre dazu. Zeitweilig waren außerdem ein kanadischer und ein englischer Pilot hier untergebracht. Etwas weiter oben am Siwebaach, am Esselbour, war ein weiterer Bunker eingerichtet, wo mehrere Männer versteckt waren.



Ajoutons qu'en 1984 a été apposée une plaque commémorative portant les noms des douze réfractaires qui y avaient trouvé refuge du 19 mai au 10 septembre 1944.

- Mir ginn hannescht bei d'Halerbaach a kënnen an d'Ellerlay erakloteren. Da gi mer no riets virun an dem däischtere Bësch.





- Dono gi mer virun d'Baach erop, bis de Wee eng Kéier mécht. Hei komme mer op eng Wiss, mat enger Bänk, wou mer kënnen raschten, ier et zolitt de Bierg erop geet.

Hannert eis läit de Beelebiërg. Dat bezitt sech NET op déi ongemiddelt Déiercher, déi sou elle bäissen an op Däitsch „Bremsen“ heeschen. Mee Dir riskéiert iewer, där Béischten hei ze fidderen.

Op dëser Plaz stoung eng 100 Joer laang d'Haler Schmelz. Wien an der Halerbaach sicht, ka mat Chance nach Iwwerreschter dovun, Schlaken, fannen.

D'Schmelz stoung wuel do, op der rietser Säit vun der Baach, wou elo eng kleng Raschtplaz ass. Do, wou mer hierkommen, waren eng Partie Haiser fir d'Leit, déi do geschafft hunn, mam Numm Jamerdall.

D'HALER SCHMELZ

250

1727 wurde am Hallerbach eine Schmelzanlage errichtet. Es erwies sich, dass der Bach nicht genügend Wasser zum Betrieb der Wasserräder liefern konnte. Diese waren aber unentbehrlich und die einzige Energiequelle, um die Blasebälge, Pochwerk und Hammerwerk in Bewegung zu setzen. Deshalb erwarb der neue Besitzer 1728 drei Quellen am „Beelerbrunnen“, sowie eine vierte Quelle „einen Pistolenschuss“ höher gelegen, und ließ am „Beelebiërg“ (Pappelberg) einen Weiher anlegen, der dem Hüttenwerk je nach Bedarf das zusätzliche Wasser liefern konnte. Dieser Weiher besteht noch heute und befindet sich unterhalb des „Baachbiërg Plateau“. Er wird vom Beelebur gespeist. Das altluxemburgische Wort Beelen bezeichnet Pappeln, Bäume, die gut auf diesen feuchten Standorten gedeihen. Von 1729 bis 1759 finden sich keine Zeugnisse über die Haller Eisenhütte. In dieser Zeit müssen mehrere Wohnungen auf dem Gelände oder in der Nähe der Schmelz entstanden sein, denn eine Eintragung von 1759 erwähnt den Verwalter Pierre Gillet, der auf der Hallerschmelz wohnte.

1774 ging die Grafschaft Befort mit der Herrschaft Heringen für 200.000 „livres de France“ an den Tuchhändler Pierre Coumont aus Hodimont (Limbourg) über. Im Jahre 1775 ließ Coumont in Grundhof einen Hochofen und eine Schmiede mit zwei Feuern errichten. 1777 erwarb Coumont die Hütte von Haller.

Als Michel Flick den Flickenhof in der Nähe der Hallerschmelz errichten wollte, reichte er 1809 ein Gesuch zu diesem Bau ein. Als direkte Nachbarn nannte er den Pletschetterhof und die Häuser des „commis de la forge de Haller“. Daraus kann man schließen, dass der



Hochofen zu jener Zeit noch in Betrieb war. In den Tabellen der Schmelzen unseres Landes von 1841 wird Haller dann nicht mehr aufgeführt. 1845 wurde der Hochofen der Grundhofer Hütte stillgelegt, die in den Besitz der Gesellschaft August Metz et Cie. gekommen war.

Die zur Hallerschmelz gehörenden Häuser blieben längere Zeit bewohnt. Als letzte wohnte dort eine Familie Braun von 1911 - 1930. Herr Sinner vom Pletschetterhof, Besitzer des Grundstückes auf der Hallerschmelz, ließ gegen 1936 alle verbliebenen Gebäudereste abtragen. Der Flurname Jamerdall, von Jammertal, verweist auf den Ort, wo die Arbeiter und Köhler wohnten, und gibt auch ein bezeichnendes Bild der damaligen Zustände.

In Haller stand neben dem Hochofen eine Schmiede. Es wurden Gusserzeugnisse hergestellt: Töpfe, Kessel, Takplacken und Kanonen. Besonders über die Kanonen gab es immer Gerüchte. Man behauptete, dass Kanonen aus Haller über England nach Amerika gelangten und dort von den Engländern gegen die für ihre Unabhängigkeit kämpfenden amerikanischen Siedler eingesetzt wurden.

HÉICHIEWEN

Im Mittelalter wurde Roheisen in kleinen niedrigen Schmelzöfen (Rennöfen, bas-fourneaux) gewonnen. Diese bestanden aus einem einfachen Schacht oder Kamin in Kegelform, der den Schmelztiegel überragte. Während des Schmelzvorgangs trennten sich Eisen und Schlacke. Dieses Eisen war ein unreiner Metallblock, der noch Schlacke, Asche und nicht reduziertes Eisenerz enthielt. Die Unreinheiten wurden eliminiert, indem der Block erhitzt und geschmiedet wurde. Mit großem Aufwand wurde wenig Eisen produziert, das selten und teuer war.

Die ersten Hochöfen tauchten gegen 1450 im Rheinland auf. Der obere Teil glich einem abgestumpften, offenen Kegel. Er diente zum Befüllen des Schmelzofens und gleichzeitig als Kamin, zum Entweichen der Gase und des Rauchs. In der Mitte erweiterte sich der Durchmesser zum Bauch des Ofens. Den unteren Teil bildete der viereckige Schmelztiegel, wo der flüssige Guss sich ansammelte. Mitte des sechzehnten Jahrhunderts waren die neuartigen Hochöfen bei uns im Betrieb. 1650 schätzte man die Jahresproduktion eines Hochofens auf 400.000 Pfund Gusseisen, wobei ein luxemburgisches Pfund 495 Gramm betrug. 1810 erreichte man das Doppelte.

Als Erz benutzte man in der Hallerschmelz das in der Gegend von Mersch ausgegrabene Alluvialerz. Dieses so genannte Bohnerz musste mit Karren zur Hütte transportiert werden, über Cruchten, Schrondweiler, Medernach und Savelborn. Das Erz wurde gewaschen und im Pochwerk zerkleinert, das durch ein Wasserrad angetrieben wurde.

Wesentlich für die Wahl des Ortes für den Bau eines Hochofen war nicht so sehr die Verfügbarkeit von Erz, sondern vielmehr diejenige von Wasser und vor allem von Holz, denn dieses war beim Kauf und Transport wesentlich teurer als das Erz. Die großen Wälder der Gemeinde dürften denn auch ausschlaggebend für die Wahl des Haller Standortes gewesen sein.

Die spätere Umstellung auf den viel billigeren Koks bedeutete das Ende für die kleinen, mit Holzkohle betriebenen Hochöfen.

HOLZKUEL: DEN DOUD VUN DE BËSCHER

251

Die Herstellung der Kohlen aus Holz besorgten so genannte Köhler oder Kohlenbrenner, die mit ihren Familien in Reisighütten im Wald hausten. Meistens handelte es sich um Wallonen, die im Dienst der ebenfalls wallonischen Hüttenherren standen.

Es wurden Unmengen Holz benötigt, um den unersättlichen Eisenschmelzen den nötigen Brennstoff zu liefern. Um eine Tonne Schmiedeeisen herzustellen, benötigte man über 60 Zentner Holzkohle, also etwa 20 Korden Holz (30 Kubikmeter). Diesen Aderlass konnten die Wälder nicht verkraften. Die Holzpreise kletterten und wurden für die einfachen Leute unbezahlbar. Viele Menschen litten unter der Winterkälte. Im harten Winter 1772 starben mehrere Personen den Erfrierungstod.

Schon 1617 erließen die spanischen Infanten Albert und Isabella ein Edikt zur Erhaltung der Wälder. Unter Maria-Theresia wurden 1754 Vorschriften erlassen, welche z.B. verboten, Holz für Umzäunungen zu entnehmen. Aber der Missbrauch hielt an. Der Wald erholt sich erst nach der Mitte des 19. Jahrhunderts, als die Eisenschmelzen auf Koks umstellten.

Et ass also net zanter gëscht an haut, wou d'Bëscher hu misse protegéiert ginn. Vlät stinn hautzedaags méi Beem hei an der Géigend wéi zu iergendenger anerer Zäit an de leschte 500 Joer.

- Mir mussen awer elo dru gleewen a ginn de géie Bierg, de Laukebiereg erop.

Uewe komme mer bai de Flickenhaff, oder Fléckenhaff, wéi um Schëld steet. Dee war, wéi mer scho gewuer goufen, no 1809 vum Michel Flick gebaut ginn. Do kënt also deen Numm hier an net, wéi op villen anere Plazen am Land, vun engem Schnedder, engem Schneider, deen do gewunnt hätt.

- Mir gi riichtaus a kommen op d'Strooss.

Riets op der Héicht läit e kleng Bësch, de Seitert, wou 1944 bei der Rundstedtoffensiv zolitt gekämpft ginn ass.

D'Strooss no riets hannert dem Flickenhaff erlaanscht geet op Sowelbuer. Sowel heescht Sand, an e Buer ass eng Quell. Déi Strooss huet net hiresgläichen, wat d'Knubbelen ugeet, an ass e valabele Parcours, fir eng Jeep ze testen. Fir aner Autoen heescht et oppassen, virun allem op der Bréck iwwert déi do ganz kleng Halerbaach, déi eng fatzeg Knupp huet. Wann der mam Auto do ënnerwee sidd, werft – als Passagéier - e Bléck no riets e bëssen no hannen: do gesitt Dir e kleng Bësch Pëppelen, déi dee Weier verstoppen, vun deem virdu Rieds goug. Da's de Beelebiereg, de Bierg vun de Pëppelen, an de Plateau hannendrun ass de Baachbiereg. E bësse méi wäit, beim Niesendall, ass lénks vun der Strooss nach e Weier, dee vlät och fir d'Schmelz ugeluecht gouf.

- Mir ginn awer vum Flickenhaff d'Strooss riichtaus erof an Haler eran, an d'Rue des Romains.

Hei si vill nei Haiser gebaut ginn. Méi wäit ënnen stinn e puer al Haiser an e puer schéin an d'Rei gemaachten Häff. Fréier ass dee Wee hei „Mielchen“ genannt ginn, woubäi et net kloer ass, ob dat eppes mat enger Millen oder mat Miel oder mat béidem ze dinn hat. Tëscht dem Mielchen an der Halerbach ass de Flouernumm „An den Hoen“.

Der Flurname „Hoen“ bezeichnet einzelne, verstreute Hecken und die anliegenden Felder. Hier wurden von 1935 bis 1939 die Grundrisse einer gallorömischen Villa freigelegt. Es fand sich unter anderem eine Münze von Kaiser Konstantin I. Die Ausgrabungen wurden mit dem Ausbruch des Zweiten Weltkriegs abgebrochen. Leider sind die Ausgrabungsberichte verschollen.

E bësse méi wäit erof gesi mer just virum Appartement-Hotel Enzo um Haus Nummer 6 nach d'Enseigne Café-Épicerie vun deem fréiere „Café Steichen“. Mee do ass leider definitiv zou an et kommen dohinner jumeléiert Eefamilljenhaiser, awer d'Fassade vum fréiere Bistrot an der Epicerie bleiwen erhalen.

- An domat komme mer hannescht bei eisen Ausgangspunkt bei der Kierch.





D'WANDMOLEREI AN DER SCHOUL

Wéi schonns d'lescht Joer, hunn och dëse Summer d'Schüler aus dem Cycle IV.2 vun de leschte Schouldeeg profitéiert, fir eng Mauer am Préau vun der Schoul ze bemolen. Dëst Joer war et d'Klass vun der Léierin Julie Welter, d'lescht Joer déi 2 Klasse vun de Léierinnen Nadine Gaasch an Isabelle Schmitz, déi d'Molerei realiséiert hunn.

Dat ass geschitt op Initiativ vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng Waldhëlleg. De Projet an d'Molerei si geleet ginn vum Katarzyna Kot-Bach a vum Wouter van der Vlugt.

En décke Merci un déi zwou Firmaen, déi Faarwe gespent, d'Maure grondéiert a Steeën opgeriicht hunn, alles gratis fir d'Kanner : Peinture Heiles vu Mersch an Entreprise Tavares Da Silva vun Hiefenech. An och un d'Presidentin vun der Kulturkommissioun an un d'Gemeng.

Bei der Aweigung hunn de Buergermeschter a Membere vu Gemengen- a Schäfferot sech et net huele gelooss, déi jonk Kënchtler ze felicitéieren.

Marc Barthelemy




Foto: Filipe Soares 253



Foto: Katarzyna Kot-Bach



Fotoen: Filipe Soares





D'IDEE VUN ENGEM E BËSSEN EN ANERE FLOUMAART!?

Zu Sheffield am Norde vun England war am Juni dëst Joer e **Floumaart mat engem Twist: de "Yard Sale Trail"**. D'Stänn, wou d'Leit hir Saache verkafen, si net op enger Plaz, mee bei hinnen doheim.

Sou fënnt ee Stänn am Garage, op der Terrass oder vrun der Dier vun den Awunner. Verschiddenener weisen hir Saachen och am Gank vun hirem Haus. Sou brauchen d'Verkeefer sech net ze déplacéieren. D'Visiteure kréien eng Kaart an de Grapp a gesi genau wou di eenzel Verkafstänn ze fanne sin. Ausserdeem ass den Trail mat Schëlde, Postere gekennzeechent.

Wär sou e Genre Floumaart net och eppes fir d'Touristen an eiser Géigend? Firwat net ee sou en Dag an der Sommervakanz organiséieren, eventuell an Zesummenaarbecht mat den Touristebüroen aus de Gemenge ronderëm? Z.B. kéint ee sou Chrëschtnech mat Waldbëlleg verbannen: d'Leit kéinten eng flott Wanderung man an um Wee bei de Stänn virun, hannert oder an den Haiser stoe bleiwen a stöberen. Firwat net och Stänn hun, di lessen a Gedréngs oder e bësse Live-Musek ubidden?

D'Iddi vum "Yard Sale Trail" ass am Fong déi vun der "Schatzsuche"; d'Leit di kommen, si virwëtzeg a wëlle wëssen, wat sou al-les ugebuede gët. Andeems se sech vun enger Plaz op di aner bewegen, gesin se di schéin Ecken an eiser Gemeng. Fir déi, di verkafen, ass dëst eng gutt Geleeënheet, hire Späicher/Keller ze raumen a Saache lasszegin, déi se net méi brauchen! An dat Bescht dobäi ass, datt d'Verkeefer net mussen di ganz Zäit op enger gelouner Plaz stoen a warden, mee si sin relax bei sech doheim!

Fiona Koster & Isabelle Oberlé





WALDBËLLEG
D'GEMENG



QUIZ - MAACH MAT A SICH DE FUUSS !

De klenge Fuuss, deen sech dat lescht Joer um Cover vum DE FUUSS 2014 gewisen huet, ass queesch duerch dës Publikatioun verstoppt.

De Fiisschen ass een treie Begleeder vun eiser Gemeng, a weist sech a verschiddene Situatiounen all Kéier „am neie Frack“, ob als Fräizäitfuuss, Wanterfuuss oder Super-Klimafuuss.

Fannt DE FUUSS, a sot eis Bescheed, **wéi vill Mol en sech am DE FUUSS 2015 verstoppt huet. Ween déi richteg Zuel réit, gewënnt ee Kuerf mat regionale Produkter am Wäert vu 75 €.** Wa méi Participant'en déi richteg Zuel geroden hunn, dann entscheed d'Lous.

Wichtig ass ze wëssen, datt den offizielle Logo vun der Gemeng, deen och dacks an dëser Publikatioun ze fannen ass, net matgezielt gëtt, mais nëmmen de Maskottchen.

Deelt der Gemengenadministratioun w.e.g. Är Äntwert mat **bis spéitstens den 1. Dezember 2015** iwwer Mail op gemeng@waldbillig.lu, iwwer Telefon um **83 72 87** oder per Fax 83 77 89. Deelt eis w.e.g. och Är Donnéeën (nieft Mailadress) mat, wéi mir lech am Fall vum Gewënn kontaktéiere kënnen.

Bonne Chance a vill Spaass bei der Sich nom Fiisschen!

Är Gemengeverwaltung



CONCOURS – PARTICIPEZ À LA QUÊTE DU RENARD DE FUUSS !

Le petit renard dessiné que portait en couverture l'édition du DE FUUSS de 2014 se cache de nombreuses fois à travers l'édition de cette année-ci.

Le petit renard est un compagnon fidèle de la Commune et se présente à chaque fois dans tous ses états, en été pendant ses activités de loisir, en hiver ou en tant que «Super-Renard du Climat».

Participez à la quête du petit renard et communiquez à l'Administration communale le nombre correct de renards se trouvant dans la présente édition du DE FUUSS 2015. Vous pouvez gagner une corbeille remplie de produits régionaux correspondant à une valeur de 75 €. En cas de réponse correcte par plusieurs participants, le tirage au sort décidera du gagnant.

Il importe de savoir que le renard se trouvant dans le logo officiel de la Commune de Waldbillig n'est pas pris en compte pour le présent concours.

*Veillez transmettre votre réponse à l'Administration communale **jusqu'au 1^{er} décembre 2015** au plus tard, via courriel à l'adresse gemeng@waldbillig.lu, par voie de téléphone au n° **83 72 87** ou par Fax au n° 83 77 89. Veillez nous communiquer également, en surplus de votre adresse courriel, vos coordonnées de contact en vue de vous signaler le gain du concours.*

Bonne chance et beaucoup de plaisir à la quête du renard !

Votre Administration communale





ADMINISTRATION COMMUNALE DE WALBILLIG

1, rue André Hentges
L-7680 Waldbillig
TEL.: 83 72 87
FAX: 83 77 89
www.waldbillig.lu

Heures d'ouverture

du lundi au mercredi de 8.00 à 12.00 et de 13.30 à 17.30 heures
le jeudi de 8.00 à 12.00 et de 13.30 à 19.00 heures
le vendredi de 8.00 à 12.00 et de 13.00 à 17.00 heures

Collège échevinal

tel. 83 72 87
fax. 83 77 89

Jean-Luc Schleich

jean-luc.schleich@waldbillig.lu

Andrée Henx-Greischer

andree.henx-greischer@waldbillig.lu

Serge Boonen

serge.boonen@waldbillig.lu

Secretariat

Nico Schlammes

secretariat@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-22
fax. 83 77 89

Martine Dimmer

gemeng@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-21
fax. 83 77 89

Recette

Pit Beckené

recette@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-23
fax. 83 77 89

Service technique

Fernand Huss

tel. 87 81 90
gsm. 691 469 414
service.technique@waldbillig.lu

Léon Neumann

tel. 661 70 02 24

Service bâtisses

Filipe Soares

batisses@waldbillig.lu
tel. 83 72 87-27
fax. 83 77 89

Service forestier

Théo Moulin

theo.moulin@anf.etat.lu
tel. 26 78 47 10

Arrondissement Centre Est

tel. 80 33 72

Services de secours

Police Echternach

tel. 24 472 - 200
Police Grevenmacher
tel. 49 977 - 500

POLICE: 113

FIRST RESPONDER, AMBULANCE & D' POMPIERS: 112

Bâtiments communaux

Hall Sportif à Waldbillig

tel. 87 88 46 51

Heringer Millen Mëllerdall

tel. 87 89 88

Veräinsbau à Christnach

tel. 87 83 39

Maison Relais

Réception

tel. 87 88 46 41

Joëlle Leuchter

tel. 87 88 46 54

Ulli Thill

tel. 87 88 46 40

Divers

Bummelbus

tel. 26 80 35 80

Office social régional à Larochette

tel. 26 87 00 23

Maison médicale

tel. 247-85 634

Recycling Center Junglinster

tel. 26 78 32-1

Paschtouer Robert Kuzwela - Mulanda

tel. 80 99 89

Parbüro Fiels

tel. 83 70 91



EE GROUSSE MERCI

Matgeholléf un dëser Nummer vum „DE FUUSS“ hunn:

Lynn Weydert, Martine Dimmer, Isabelle a Fiona Koster, Andrée Henx-Greischer, Joëlle Leuchter, Sandra Thinnes, Jacqueline Penning, Annette Peiter, Lea Bonblet, Annette Klein, Myriam Kremer an Danielle Mehlen, Jil Beckené, Shirly, Lara a Pauline aus dem Cycle 4.1, Nadja Colbach, Ana Beatriz Viera Lopes a Yana Tzanevska, J.N. aus dem Cycle 1, Dominique Kieffer aus dem Cycle 4.2, Cynthia, Viviana an Delphine aus dem Cycle 4.1, Thomas, Gene a Kim aus dem Cycle 4.1., Sarah Oesch-Muller, Liv a Gene aus dem Cycle 4.1. C.S. an I.S. aus dem Cycle 2, Alicia Veiga a Mara Di Giambattista, Max Cales a Luca Stephany aus dem Cycle 4.2., Mayari Quiñonez a Rachel Coste aus dem Cycle 4.2., Christophe Luis a Benjamin Sunnen aus dem Cycle 4.2., Chris, Claudia a Joëlle aus der Maison relais, Marcel Ewers, Denis Dimmer, Roland Wagner, Jonathan Thill, Nico Schlammes, Théo Moulin, Fernand Huss, Marc Barthelemy, Fred Schaaf, Paul Mehlen, Luc Azzeri, Camille Goedert, Jemp Origer, Helmut Lui, Michael Meyer, Pierre Mousel, Nico Chauty, Claude Petit, Robi Baden, Max Pesch, d’Kanner aus dem Cycle 3.1., Gonçalo aus dem Cycle 4.1., Sven Steffes aus dem Cycle 4.2., Daniel Wagner a Raphael Mordant aus dem Cycle 4.2., Luc Nilles aus dem Cycle 4.2., Noah Stevens a Felix Felgen aus dem Cycle 4.2., Frank Adams, Mike Wewer, Ernest Wagner, Pit Beckené, Thomas Rünneburger, Les Amis du Tibet, ORT-Mëllerdall, Filipe Soares a Jean-Luc Schleich.

Ee grouse Merci de Veräiner fir hir Publikatiounen an dësem «DE FUUSS»:

// Badminton Waldbëlleg
// Elterevertieder Waldbëlleg – Myriam Kremer an Danielle Mehlen
// Club des Jeunes Christnach
// D’Fraen vu Chrëstnech
// Racing Team Power Bull’s
// Haler Leit déi een Don gemaach hunn fir ee gudden Zweck
// Schülerparlament vu Waldbëlleg
// Kulturkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg
// DT Fiels / Haler
// Aéromodélistes Chrëstnech
// Elterevereinigung aus der Gemeng Waldbëlleg
// FC Olympia Chrëstnech / Waldbëlleg
// Jonk an Al Gemeng Waldbëlleg
// Mëllerdaller Männerchouer
// S.I.S. Waldbëlleg an d’Jugendpompjeeën aus der Gemeng Waldbëlleg
// Turnveräin “Ëmmer Fitt” Chrëstnech
// Uergelfrënn Waldbëlleg
// Waldbëlleger Musék
// Sang Mat Waldbëlleg-Haler
// Chorale Sainte Cécile vu Chrëstnech

Ee grouse Merci geet och un d’Spillschoul, d’Grondschoul an d’Maison relais fir hir Publikatiounen.

Info: den Inhalt, an d’Orthographie vun den Artikelen gouf net emgeännert. D’Auteurs, respektiv d’Veräiner si verantwortlëch fir hier Publikatioun.

Editeur : Gemeng Waldbëlleg

Gestaltung : GR-ink - Hiefenech

Drock: Imprimerie Faber - Mersch

De Pabéier ass 100 % recycléiert.



Deen nächsten „DE FUUSS“ ass geplangt fir August 2016.



GENÉISS DÄI

Summer



DENG VAKANZ



HUEL DE FUUSS MAT AN D'VAKANZ!

**W.e.g. de QR-Code hei ënnendrënner erascannen an da vill Freed
beim Liesen vum DE FUUSS um Handy oder um Tablet!**



**De Gemengerot, d'Administratioun an de Service technique wënschen Iech all
ee schéine Summer an eng erhuelsam Vakanz.**

**Der Gemeinderat, die Verwaltung un der Technische Dienst wünschen Ihnen
einen schönen Sommer und einen erholsamen Urlaub.**

**Le Conseil communal, l'Administration communale et le Service technique vous
souhaitent un été agréable et de belles vacances.**



WALDBËLLEG
D'GEMENG